

# INFO BLAT

'08 20

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 25. NOVEMBER 2020

Actualités | Contactez-nous | DIFFMAG | Emploi | Events | Photos | Reider | Revue de presse | Urbanisme | Vidéos | FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

Maint. -5°

ATTENTION En raison de la crise sanitaire, merci de faire vos démarches administratives en ligne ou sur rendez-vous. Fermer ×

# Conseil communal du 13 janvier 2021

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIOUNSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 13 JANVIER 2021

A- A+

## Conseillers présents

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Erny Muller (LSAP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Ali Ruckert (KPL) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Jerry Hartung (CSV) | Christiane Saeul (DP) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Pierre Hobscheit (LSAP) | Guy Tempels (CSV) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |

**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

INFO BLAT 08.20

**COMPTE-RENDU DU 25 NOVEMBRE 2020**

4-54

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 08/2020,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 25 NOVEMBRE 2020

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Guy Tempels (CSV)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Fränz Schwachtgen (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Finances communales: présentation du budget rectifié 2020 et du budget initial 2021 par le collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Projets communaux: remise en état du terrain synthétique Woiwer — analyses et devis, article budgétaire 4/821/221313/20004.**
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit «Plateau du funiculaire 1-2» à Differdange présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.**
5. **«Déifferdeng, eng Stad hëlleft»: projets et actions soutenus en 2020.**
6. **Office social de Differdange: budget rectifié 2020 et budget initial 2021.**
7. **Actes et conventions:**
   a. Contrat de location de la toiture de l'école Mathendahl à Niederkorn signé avec Sudgaz SA pour la mise en place d'une installation photovoltaïque;
   b. Contrat d'affichage sur le territoire de la Ville de Differdange;
   c. Contrat de bail commercial de courte durée au nº 3 de la rue du Parc Gerlache à Differdange;
   d. Contrats de bail d'une maison au nº 1 de la rue de la Chapelle à Differdange et d'un appartement au nº 1 de la rue du Parc Gerlache à Differdange.
8. **Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.**
9. **Syndicats intercommunaux: nouveaux statuts du syndicat de communes pour la promotion et le développement de la région sud, en abrégé Pro-Sud.**
10. **Changements au sein des commissions consultatives.**
11. **Questions.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance et excuse monsieur Schwachtgen.*
*Monsieur Hartung est présent par vidéoconférence. La bourgmestre le salue et lui demande s'il l'entend.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond que oui.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que les conseillers communaux doivent porter le masque, car ils sont plus de dix.*
*Elle passe aux communications. En ce qui concerne la COVID-19 dans les écoles et maisons relais, le ministère prévoit plusieurs scénarios : un cas isolé dans une classe, deux cas dans une classe, entre trois et cinq cas dans une classe et plus de cinq cas dans une classe. Au 19 novembre, Differdange comptait 26 enfants dans le scénario 1 et 12 enfants dans le scénario 2. Entre le 17 septembre et le 19 novembre, les écoles de Differdange ont recensé 56 cas positifs. Cela représente une moyenne de dix malades par site. Certains sites sont plus touchés que d'autres.*
*La semaine dernière, une unité mobile a testé 80 personnes. Cela a permis de rassurer les gens. Malheureusement, le pays ne compte que dix unités mobiles et Differdange n'est pas la seule commune à demander des tests. Christiane Brassel-Rausch est néanmoins soulagée de la création de ces unités.*
*Au 24 novembre, quatre enfants et huit adultes sont touchés dans les maisons relais. La collaboration entre les écoles et les maisons relais se passe bien et le traçage des malades est effectué des deux côtés.*
*Les établissements differdangeois parviennent encore à travailler en petits groupes, ce qui représente un avantage pour les enfants et le personnel.*
*Malheureusement, beaucoup de personnes sont en quarantaine parce qu'ils sont entrés en contact avec un malade.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce que le Marché de Noël a dû être annulé. Il n'y aura pas non plus de cortège pour la Saint-Nicolas. Les enfants recevront malgré tout leurs sachets*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären. Ech loossen den Här Frenz Schwachtgen entschëllegen, deen net un dësem Conseil deelhuele kann. Den Här Jerry Hartung ass iwwer Videokonferenz bäigeschalt. Gudde Moien, Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Gudde Moien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Héiert Dir eis, Här Hartung?

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Jo, ech héieren Iech. Gudde Moien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay. Schéine gudde Moien. Fir déi Leit, déi hei am Sall sinn: Vu dass mer zu méi wéi zéng sinn, wollt ech léif drun erënneren, dass mer gehale sinn, d'Masken unzehale wärend der ganzer Seance.

Da géif ech zum éischte Punkt kommen, zu de Kommunikatiounen. Do wéilt ech op d'Schoulen an d'Maisons relais zréckkommen. Dir wësst, vum Ministère ass eng nei Kategorie geschaf ginn. Et gëtt den Zenario I, dat heescht een isoléierte Fall an enger Klass. Et gëtt den Zenario II, zwee Positiver an enger Klass. Den Zenario III ass nei, do si méi wéi zwee Leit an enger Klass positiv, bis zu fënnef Leit kënnen dat sinn. An den Zenario IV ass, wa méi wéi fënnef Leit positiv sinn an een net méi feststelle kann, wou et hierkënnt.

An de Schoulen hei zu Déifferdeng hate mer am Zenario I bis den 19. November 26 Kanner. Am Zenario II waren et zwielef Kanner. Am Zenario III hate mer bis elo keen. An am Zenario IV och keen. Vum 17. September bis den 19. November hate mer 56 positiv Fäll an de Schoulen. Dat mécht en Duerchschnëtt vun zéng Kanner pro Site oder zéng Leit pro Site, loosse mer esou soen. Wou déi eng Sitte méi betraff sinn, anerer manner betraff sinn. Den Duerchschnëtt läit bis elo bei zéng Leit.

D'lescht Woch gouf et um Woiwer eng éischt mobil Unitéit vun Tester. Do sinn 80 Leit getest ginn. Wéi ech mer soe gelooss hu vun der Direktioun, huet dat eng Sécherheet an eng gewësse Rou an dat Ganzt bruecht, well d'Leit sech sécher gespuert hunn. Et ass awer elo esou, dass um ganzen Territoire just zéng mobil Unitéiten do sinn. An déi sinn natierlech net nëmmen hei zu Déifferdeng gefrot, mee déi sinn och op anere Plaze gefrot. Mir begréissen déi mobil Unitéiten. Fir jidderee stellen déi eng grouss Erliichterung duer.

An de Maisons relais sinn et bis elo aacht Erwuessener a véier Kanner. Stand gëschter. Ech muss awer soen, dass den Tracing vun deenen zwou Säite gemaach gëtt. Ech soll hei matdeelen, vun alle Säiten hier, dass um Terrain d'Zesummenaarbecht extreem gutt funktionéiert, wat d'Schoul an d'Maison relais ubelaangt. Do ass e reegen Austausch. An den Tracing gëtt souwuel vun der Schoul wéi vun der Maison relais gemaach. Si schwätze sech of. A wat ech herno och nach eng Kéier wäert soen, mir bréngen et nach ëmmer fäerdeg, a klenge Gruppen ze schaffen. Wat ech mengen, wat e grousse Virdeel ass fir d'Personal wéi fir d'Kanner.

Leider sinn awer och vill Leit a Quarantän, well se mussen a Quarantän goen. Dir kennt den Zenario. Well se mat iergendengem Positiven an hirem Ëmfeld a Kontakt waren. Sief et an der Schoul oder privat doheem.

Méi hunn ech elo zu deem Sujet net ze soen. Dofir géif ech d'Wuert direkt un den Här Ulveling weiderginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Leider kënne mer dëst Joer kee Chrëschtmaart maachen. Mir wäerten och keen Ëmzuch maache fir de Kleeschen. D'Kanner kréien awer hir Titchen. Déi eng kréie se an der Maison relais iwwerbruecht, déi aner kréie se mat der Post geschéckt. Dat hu mer esou decidéiert.

De Bärbelendag wäerte mer feieren, mat enger klenger Zeremonie. Do wäerten nëmmen, oder sollen nëmmen d'Leit aus dem Conseil dobäi sinn an de Paschtouer. Dat wäert warscheinlech net méi wéi eng Véierelstonn daueren. Fir déi Leit, déi wëllen dohikommen, dat ass beim Monument um 7 Auer de 4. Dezember. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt Froen umellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt Froen. Mir huelen déi dann nom leschte Punkt vun der Séance publique. Ech soen Iech Merci.

Da si mer beim zweete Punkt schonn, dat ass d'Presentatioun vum Budget rectifié vun 2020 a vum Budget initial vun 2021. Ech wëll ufänke mat engem kuerze Récapitulatif an engem Réckbléck no hannen. Opgrond vun eisem gudde Wuesstem hei am Land, an deenen doduerch bedéngten héijen Einname vun der Gewerbesteier, vun der TVA an de Steieren op de Revenu vun de Privatleit an opgrond vun der Circulaire vum Inneministère vum Dezember 2019, hate mir als Gemeng Déifferdeng iwwert de Fonds de dotation de l'état 88,4 Milliounen Euro an Aussiicht gestallt kritt. An en vue vun dëse gudden Zuelen ass de Budget fir 2020 dann och opgestallt ginn.

Aktuell, also haut, de 25. November 2020, kréie mer op Base vun enger neier Circulaire vum September 2020 nach just 75,9 Milliounen Euro. Dat bedeit en Abroch vun 12,4 Milliounen Euro bei den Dotatioune vum Staat, par rapport zu engem Zenario ouni Covid.

An engem optimisteschen Zenario géife mer 2021 bei 11,6 Milliounen Euro ënnert dem Zenario ouni Covid leien. An engem zweeten Zenario, engem pessimisteschen oder realisteschen – dat wësse mer leider haut nach net –, kéint et duerch den Ausfall vun den Einname bei der Gewerbesteier an duerch d'Brems vun der Konjunktur zum Zenario kommen, dee géif bedeiten, dass mer 2021 bis zu 16,1 Milliou n Euro ënnert dem Zenario ouni Covid leien.

Mir sinn als Gemeng Déifferdeng net iwwerschëlt an dës Kris eragaangen. A wann dat net esou gewiescht wier, kéinte mer haut kee Projet méi stäipen. Mir hätte keng Marge de manœuvre méi. Aneschters ausgedréckt: Mir hu bis elo räsonabel geschafft. An d'Prinzippie vu Virsiicht an Effizienz walte gelooss. An trotzdeem net geschlof. Wéi et den Invest am Budget rectifié 2020 vun 102 Milliounen Euro kloer weist.

Et ass keng hausgemaache Problematik, an där mir elo stiechen, mee eng Pandemie. En externe Schock, op deen am Mee 2020 eng nei Circulaire koum, an där schonn eng Baisse bei den Dotatioune vu 17,4 %, par rapport zu der Circulaire initiale vum Dezember 2019 ugekënnegt gouf. A bei der Gewerbesteier géif et do och zu engem Ausfall bis zu 25 % kommen.

Am zweeten Trimester waren d'Donnéeën du besser. Virun allem, wat den Emploi an déi ekonomesch Aktivitéit allgemeng ugaangen ass. Wat engersäits dann erëm zu enger Revisioun no uewe vun den Dotatioune gefouert huet an de Minus fir d'Gemeng vu 17,4 % op 11,4 % reduzéiert huet fir de Budget rectifié 2020.

D'Gewerbesteier, par contre, bleift bei enger Baisse vu 25 % an ass net ugepasst ginn. Och net am optimistesche Kader.

Elo besteet allerdéngs erëm de Risiko, dass am Dezember 2020 nach eng Circulaire kéint kommen, déi u sech dat Ganzt erëm no ënne revidéiere kéint.

Aus all dësen Donnéeën erginn sech zwee Risiko- an zwee, loosse mer einfach emol soen, Hoffnungszenarien. Den Outlook vum Statec fir dat véiert Trimester ass no engem Opschwong bei der ekonomescher Aktivitéit iwwert d'Summerméint elo erëm vill méi düster. D'wirtschaftlech Erhuelung wäert net déi virberechent V-Kurv unhuelen, mee éischter an eng ongewëssen U-

*— soit à la maison relais soit par la poste.*
*Une petite cérémonie est prévue pour la Sainte-Barbe le 4 décembre à 7 h auprès du monument. Seuls les conseillers communaux et un curé pourront y assister. La cérémonie ne durera que 15 minutes.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite poser des questions.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'elles seront traitées à la fin de la séance publique.*
*Elle passe à la présentation du budget rectifié de 2020 et du budget prévisionnel de 2021. Elle rappelle que la commune devait toucher 88,4 millions d'euros selon la circulaire du ministère de l'Intérieur de décembre 2019 sur la base de la bonne croissance du pays. Le budget 2020 reposait sur ces prévisions. En fin de compte, la Ville de Differdange ne recevra que 75,9 millions d'euros, c'est-à-dire une baisse de la dotation de l'État de l'ordre de 12,4 millions d'euros.*
*En 2021, les baisses pourraient s'élever à 11,6 millions d'euros dans un scénario optimiste et à 16,1 millions d'euros dans un scénario pessimiste ou réaliste. Le chiffre réel dépendra de la perte de revenus de l'impôt commercial et de la mauvaise conjoncture liée à la COVID-19.*
*La Ville de Differdange n'était pas surendettée quand la crise a commencé. Autrement, elle ne pourrait plus réaliser de projets aujourd'hui. Le collège échevinal s'est montré actif, mais raisonnable, et a investi 102 millions d'euros en 2020.*
*Les problèmes sont dus à la pandémie. En mai 2020, une circulaire annonçait une baisse de la dotation de l'ordre de 17,4 % par rapport à la circulaire initiale de décembre 2019. Les pertes liées à l'impôt commercial se montent à 25 %. Au deuxième trimestre, les chiffres ont été revus avec une baisse de la dotation estimée à 11,4 % au lieu de 17,4 %. L'impôt commercial n'a en revanche pas été adapté. Christiane Brassel-Rausch craint qu'en décembre 2020, une nouvelle circulaire ne vienne chambouler ces chiffres.*

*Ces données laissent entrevoir deux scénarios optimistes et deux scénarios pessimistes. Après la reprise économique estivale, la situation a empiré. La courbe de la reprise ne sera pas en forme de V, mais plutôt en forme de U et dépendra du vaccin.*
*Un jour après l'annonce du confinement partiel, les données du marché du travail ont empiré avec une augmentation du chômage des jeunes et moins de créations d'emploi dans le commerce, l'Horesca et l'industrie. L'indice de confiance est en baisse tant chez les entreprises que les particuliers.*
*Ces tendances auront des répercussions négatives sur la dotation des communes. Les économistes s'attendent à une nouvelle baisse de la dotation et de l'impôt commercial d'ici à janvier.*
*Dans un premier scénario pessimiste, l'État pourrait essayer de soutenir le commerce sans les subventions directes interdites par la loi européenne sur la concurrence. Une baisse à durée déterminée de la TVA par exemple permettrait de renforcer la demande. La Ville de Differdange, de son côté, payerait moins de TVA, mais la dotation baisserait.*
*Un deuxième scénario prévoit une baisse de la consommation et de la production à cause de la faillite de nombreuses PME. L'État pourrait décider d'augmenter le montant non imposable des entreprises, ce qui entrainerait une baisse des revenus des communes liés à l'impôt commercial.*
*Mais l'État pourrait aussi adopter le modèle de la Rhénanie-du-Nord–Westphalie en compensant 50 % des pertes liées à l'impôt commercial et une partie des dettes communales. C'est ce que demande le Syvicol. Si un nouveau confinement s'avérait nécessaire, ce scénario deviendrait réaliste.*
*Un dernier scénario optimiste prévoit une répartition de la dotation sur la base de la population. Proportionnellement, Differdange croît plus vite que ses voisins et plus vite que Luxembourg-ville. Sa part augmenterait donc, ce qui lui permettrait de réduire les pertes.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que la commune a investi 102 mil-*

Kurv eriwwergoen. Woubäi deen opsteigenden Aascht vum U am Fong eréischt mam Verbreede vun engem Vaccin wäert kommen.

Konkreet mierke mer elo schonns, een Dag offiziell nom partielle Lockdown, wann dat da gestëmmt gëtt haut, dass d'Aarbechtsmaartdonnéeë sech erëm verschlechteren, opgrond vun enger Augmentatioun vum Chômage, virun allem bei deene Jonken, manner geschafen Aarbechtsplazen am Commerce, an der Horesca wéi och an der Industrie. Awer och de Confidence Index, also wat d'Vertraue vun de Leit ugeet, ass bei de Leit wéi bei den Entreprisen erëm méi staark um Falen. Wat op en Abroch vun der wirtschaftlecher Aktivitéit hiweist.

Vu dass d'Steieren um Revenu, der TVA, der Gewerbesteier hei staark mat drunhänken an eng héich Elastizitéit hunn, wäert dës Tendenz och en negativen Afloss op d'Recettë vun der Dotatioun fir d'Gemengen hunn. Spréch vill Ekonomiste gi vun enger weiderer Baisse aus bis Januar. An dat souwuel bei den Dotatioune wéi bei der Gewerbesteier.

Risikozenario I, deen antriede kéint: De Staat wäert, wéi an Däitschland, probéieren, dem Commerce ënnert d'Äerm ze gräifen, ouni op direkt Subventioune wëllen zréckzegräifen, déi jo nom europäesche Konkurrenzrecht verbuede sinn.

Wat kéint gemaach ginn, ass den TVA-Saz op Produkter a Servicer, déi net dem Taux supérieur réduit ënnerleien, à durée déterminée erofzesetzen. Domadder géif d'Demande ugekuerbelt ginn an den Entreprisen hiren Ëmsaz stimuléiert ginn. Gutt fir déi Transaktioun, wou d'Gemeng selwer TVA misst bezuelen. Schlecht allerdéngs beim Generéiere vun den Dotatiounen, wou et zu weideren Abousse kéim. Well d'TVA e wichtege Facteur bei der Dotatioun ass. An et ass ze fäerten, dass de Kompensatiounsfong vum Staat och net méi genuch gefëllt ass, fir ze kompenséieren.

Risikozenario Nummer II: Duerch d'Chutte beim Erwaardungswäert vum Konsum wéi och bei der Produktioun an duerch déi Well vu Faillitte bei de PMEen kënnt et zu enger Baisse beim generéierten Impôt commercial. Eng Méiglechkeet, déi um Dësch kéint leien, wär de Steierfräibetrag fir d'Entreprisë beim Impôt commercial eropzeschrauwen, fir esou d'steierlech Laascht bei den Entreprisen, déi nach Gewënn erwirtschaften, erofzedrécken. Domadder géif awer och déi wichtegst Achs fir de Fonds de dotation vun de Gemengen eng weider Baisse erliewen, mat alle Konsequenzen, wat dat op d'Recettes ordinaires vun de Gemengen hätt.

Den Hoffnungszenario Nummer I wär deen heiten: De Staat decidéiert, den Nordrhein-Westfalen-Modell ze iwwerhuelen, andeems e 50 % vum Verloscht vun der Gewerbesteier vum Staat iwwerhuele géif an am beschte Fall och en Deel vum Scholdestand vun de Gemengen. De Staat kéint dat iwwert d'Municipality Bonds hei am Grand-Duché iwwer säin Triple-A-Rating op de Finanzmarchéë gënschteg ophuelen. Eng Vue, déi jo schonns vum Syvicol koum, dee méi fuerdert wéi just eng Augmentatioun bei de Subsiden. Am Fall vun engem weidere Lockdown wär dat heiten eng realistesch Saach.

Den Hoffnungszenario Nummer II: Bei der Ventilatioun vun der Dotatioun ginn d'Sue jo iwwer verschidde Schlëssele verdeelt. 82 % dovunner direkt iwwert d'Populatioun. Laut enger éischter Etüd, déi eisen Ekonomist, den Här Felten, ugefäerdegt huet, géife mir als Stad Déifferdeng bei der Densitéit proportional méi schnell wuesse wéi eis Noperen a virun allem méi schnell wuesse wéi d'Stad Lëtzebuerg. Spréch, mir géifen dann och proportional zu deenen anere méi aus dem Dëppe vun den Dotatiounen erauszéie wéi déi aner. Zwar op engem niddregen Niveau. Mee mir kéinten d'Perte domadder e bësse reduzéieren.

Da géif ech elo zum Récapitulatif vum Budget rectifié 2020 kommen. Mir hunn 2020 en Invest vu ronn 102 Milliounen Euro. Dee Chiffer weist op eng grouss Dynamik an eiser Gemeng hin. Am Rectifié bleift am ordinäre Budget bei dësem groussen Invest an der domat verbonnener Dynamik en Iwwerschoss vu 25,6 Milliounen Euro.

Duerch de Boni vun 2019 hu mer am ordinäre Budget en Iwwerschoss vu 50,1 Milliounen Euro fir an den Extraordinär ze investéieren. Mir schléissen

de Gesamtbudget am Rectifié mat engem Boni vu knapp 5,2 Milliounen Euro of. Dee mer op d'Joer 2021 reportéiere kënnen.

Am Budget initial vun 2021 ass en Invest vu bal 112 Milliounen Euro virgesinn. Dorun ass u sech näischt Schlechtes, well mer gutt preparéiert do erakommen a mer dem Appell vun der Regierung, fir den Invest héichzehalen, dann och nokomme wäerten.

Erlaabt mer ervirzehiewen, dass mer beim Iwwerschoss am Budget ordinaire fir 2021 mat 26 Milliounen Euro stabil bleiwen, par rapport zu de 25,6 Milliounen Euro fir 2020. Bedéngt duerch d'Progressioun vu 4,5 % vun eise Recetten an eisen Depensen.

Wéi mer all wëssen, ka sech en Invest nëmmen droen, wann een den uerdentleche Budget gutt am Grëff huet. Aus den Zuele liese mer eraus, datt den Iwwerschoss am ordinäre Budget stabil bei ëm déi 26 Milliounen Euro läit. Fir eng Capacité d'autofinancement fir 2021 ze hunn, hu mir fir de Budget extraordinaire 2021 am Géigesaz zu de Jore virdrun en Emprunt vun néng Milliounen Euro virgesinn, fir bei engem Invest vu bal 112 Milliounen Euro kënnen, wann et da muss sinn, ze equilibréieren.

Ganz kloer ass awer och, dass eis eege Mëttelen amgaang sinn anzebriechen duerch deen externe Schock vun der Pandemie. An dass mer dofir och Projete mussen decaléieren, wéi zum Beispill den Athleetiksterrain an anerer. Fir ze vermeiden an eng Scholdespiral eranzekommen.

D'Zuele beim Emprunt si Follgend: Beim Solde um 31. Dezember 2020 leie mer bei ronn 112,1 Milliounen Euro. Beim Solde um 31. Dezember 2021 géife mer bei 108,6 Milliounen Euro leien. Et ass awer ze beuechten, dass dovunner fir déi zwee Joer all Kéiers 55,5 Milliounen Euro Ligne de préfinancement si fir d'Polizeigebai an d'Primärschoul vun der EIDE.

Eis Annuitéite fir 2021, par rapport zu de Recettes ordinaires vun 123,5 Milliounen Euro, chiffeéiere sech op 3,8 Milliounen Euro, wat 3,1 % vun de gesamten ordinäre Recetten ass. De Seuil d'alerte beim Ministère vum Intérieur läit bei 20 %, dat heescht eis Annuitéite si weiderhin niddreg. Och am Verglach mat deenen anere grousse Gemengen am Grand-Duché.

Bei der Pro-Kapp-Verschëldung hu mer eng Previsioun op den 31. Dezember 2021 vun 2.039 Euro pro Bierger respektiv Biergerin, bei enger Prognos vu plus ou moins 28.200 Awunner. Déi ass an d'Luucht gaange par rapport zu Enn 2020. Wou se bei 1.871 Euro pro Bierger oder Biergerin louch. Bei engem Landesduerchschnëtt avant-covid vun 3.000 Euro Pro-Kapp-Verschëldung sti mir nach ëmmer ganz gutt do.

Vu Mäerz 2020 u war an ass dëst Joer weiderhin en aussergewéinlecht Joer op alle Pläng. Um sanitäre Plang, um ekonomesche Plang wéi och um soziale Plang. Mir hu keng Vergläichsméiglechkeeten. An dofir wäerte mer als Gemeng op alle Pläng gefuerdert ginn a sinn, an noer awer och a wäiter Zukunft. An dofir ass dat heiten och en aussergewéinleche Budget. Dëse Budget ass nämlech dem Covid dediéiert op allen Ebenen, souwuel wat d'Ausgabe wéi d'Einname betrëfft.

Elo e kuerze Réckbléck op 2020. Den 13. Mäerz, een Dag nom Premier senger Pressekonferenz, an där hien de komplette Lockdown ugekënnegt huet, ware mir eng vun deenen éischte Gemengen, déi sech kloer Richtlinne ginn huet. Freides mueres nach war e Communiqué erauskomm, wat d'Consignen an d'Mesurë Covid-19 ugeet: d'Opdeele vun de Servicer an A- a B-Gruppen, Teletravail, Public just nach op Rendez-vous etc.

Ab dem 17. Mäerz war d'Aktioun ugelaf, fir fir d'Senioren ab 65 Joer akafen ze goen.

Den 20. Mäerz hate mer decidéiert, eise Locatairen, also den Entreprisen de Loyer ëm ee Mount ze verréckelen.

De 25. Mäerz: Kreatioun vun enger Hotline fir Bierger iwwer 65 Joer.

De 26. Mäerz: eng Telefonshotline fir Senioren ab 80 Joer.

Ab dem 3. Abrëll ware mer fir vulnerabel a positiv geteste Leit akafe gaangen.

*lions d'euros en 2020. La commune est dynamique. Le boni 2020 se monte à 25,6 millions d'euros. Si on y ajoute le boni de 2019, on arrive à 50,1 millions d'euros. Le surplus global s'élève à 5,2 millions d'euros.*
*Le budget 2021 prévoit des investissements de 112 millions d'euros. La Ville de Differdange est bien préparée et répond à l'appel du gouvernement de continuer à investir.*
*Le boni ordinaire devrait rester stable avec 26 millions d'euros. Les recettes et les dépenses progresseront de 4,5 %. De tels investissements ne sont possibles que si le budget ordinaire est maitrisé.*
*Contrairement aux années passées, le collège échevinal prévoit un emprunt de 9 millions d'euros afin d'équilibrer les investissements de 121 millions d'euros.*
*Christiane Brassel-Rausch ajoute que le choc de la pandémie limite la marge de manœuvre de la commune, qui devra reporter certains projets comme le stade d'athlétisme.*
*En ce qui concerne les emprunts, le solde au 31 décembre 2020 se monte à 112,1 millions d'euros et au 31 décembre 2021, il s'élèvera à 108,6 millions d'euros. La ligne de préfinancement du commissariat et de l'EIDE est de 55,5 millions d'euros. Les annuités représentent 3,8 millions d'euros, c'est-à-dire 3,1 % des recettes ordinaires. Le ministère de l'Intérieur place son seuil d'alerte à 20 %. La dette par tête d'habitant devrait se monter à 2039 €. La moyenne nationale était de 3000 € avant la pandémie de COVID-19.*
*L'année 2020 a été particulière sur tous les plans. Il n'existe pas de données comparatives. Differdange est face à un défi. Le budget dépend de la COVID-19 tant pour ce qui est des recettes que des dépenses.*
*La Ville de Differdange a été une des premières communes à réagir après l'annonce du confinement le 13 mars. Le vendredi matin, la commune a publié des consignes concernant la répartition des services, le télétravail…*
*Le 17 mars, l'action consistant à faire les courses pour les séniors a été lancée. Le 20 mars, les loyers*

*des entreprises ont été reportés. Le 25 mars, une hotline pour les citoyens de plus de 65 ans a été créée. Le 3 avril, les mesures concernant le stationnement ont été prises. Le 8 avril, les loyers ont été annulés pour deux mois en concertation avec l'opposition. La commune a aussi lancé un appel auprès des propriétaires privés pour soutenir leurs locataires. Le 16 avril, la préparation de la distribution des masques a commencé. La distribution a eu lieu le 14 mai sans problèmes.*

*Ces exemples illustrent la façon dont la commune a réussi à maitriser les défis. Christiane Brassel-Rausch remercie une nouvelle fois tous les bénévoles et souligne le sentiment de solidarité, d'engagement et de cohésion qui les ont animés.*

*Elle rappelle par ailleurs que le soutien aux séniors s'est poursuivi après le déconfinement de mai. Du 18 mars au 13 novembre, 163 personnes en ont profité. La commune a enregistré 457 commandes au supermarché et 90 en pharmacie.*

*Comme la fête des retraités ne pourra pas avoir lieu cette année, les 72 000 € prévus seront offerts sous la forme de bons de 50 € aux personnes de plus de 60 ans. Ces bons pourront être utilisés dans les commerces differdangeois. Les retraités auront aussi droit à deux déplacements gratuits en Dinola. Le collège échevinal a pris ces mesures malgré la baisse des recettes de 2020.*

*Les dépenses ont également augmenté à cause de la COVID-19. L'allocation de vie chère a crû de 680 000 €. Le collège échevinal a prévu 95 000 € de plus pour les clubs sportifs. Les frais de personnel ont augmenté de près d'un-million d'euros. Pour le moment, les maisons relais parviennent encore à travailler en petits groupes.*

*La commune a revu à la baisse ses recettes liées aux loyers, aux chèques-services, au 1535°, à Aquasud…*

*En 2020, la Ville de Differdange a investi 102 millions d'euros. Les investissements pour 2021 sont estimés à 112 millions d'euros. Le collège échevinal n'entend pas stopper les investissements, mais fixer des*

Ab dem 3. Abrëll waren d'Parkingsmesuren ugepasst ginn: Disken amplaz vun Horodateuren, verschidde Parkinge ware gratis, Contournement, Hauts-Fourneaux etc.

Den 8. Abrëll hate mer d'Decisioun geholl – an enger flotter Zesummenaarbecht mat der Oppositioun, muss ech awer och soen –, d'Loyeren net nëmmen ze reportéieren, mee dass se definitiv fir zwee Méint ganz ausgesat géife ginn. Mat gläichzäiteg engem Appell un d'Privatproprietären, dat selwecht ze maachen.

Vum 16. Abrëll un haten d'Preparatioune fir d'Verdeele vun de Masken ugefaangen. Eng riseg Aufgab. Wou se de 14. Mee ouni Problemer an an enger virbildlecher Organisatioun an der ganzer Stad verdeelt gi sinn.

Dat do si just e puer Beispiller, fir ze illustréieren, wéi mir hei an der Gemeng solidaresch un déi nei Erausfuerderungen erugaange sinn a wéi mer se alleguerten zesumme bis elo gemeeschtert kritt hunn. Dofir vun hei aus nach eemol e risege Merci un all déi Benevollen, déi sech do voll engagéiert hunn. Ouni si wier dat elei net méiglech gewiescht. Dat Gefill vun Zesummenhalt, Récksiicht, Engagement a Solidaritéit hunn ech seelen esou staark erlieft.

Wichteg ze ënnersträichen, dass mer eis Hëllef an Ënnerstëtzung fir d'Senioren och nom Deconfinement am Mee net opgehalen hunn, wéi aner Gemengen dat gemaach hunn. Dat leeft bis haut nach weider. Säit dem 18. Mäerz bis den 13. November hunn 163 Persounen ugeruff. Mir hate 457 Commanden am Supermarché an 90 an der Apdikt.

Fir d'Joer awer och am Gedanke vu Solidaritéit ofzeschléissen, hu mer den integrale Budget vun der Rentnerfeier, déi jo net konnt organiséiert ginn ënner hirer traditioneller Form, dat heescht 72.000 Euro, un d'Leit vun iwwer 60 Joer a Form vun engem Akafsbong vu 50 Euro verdeelt. Deen dann awer soll lokal ageléist ginn, well mer als Stad eis Commercë weiderhin ënnerstëtze wëllen. A mat zwee gratis Deplacementer an eisem neie Ruffbus, dem Dinola.

All dës Mesurë si geholl ginn, trotz massivem Abroch vun de Gemengerecettë fir 2020. Wéi gesot 14,4 Milliounen Euro manner bei den Dotatioune vum Staat, engem Zenario ouni Covid. Wéinst Covid klammen awer och d'Depensen. Fir 2020 an 2021 ass et e Plus fir d'Allocation de vie chère vu 680.000 Euro. Fir d'Sportsveräiner hu mer 95.000 Euro méi virgesinn. D'Personalkäschte sinn an d'Luucht gaangen. Ganz vill beim Service d'éducation et d'accueil, ëm bal eng Millioun Euro. Wou mer awer vum Staat 75 % erëmkréien. Bleift trotzdeem nach eng Differenz vun 250.000 Euro.

Ech hunn et scho gesot, am Moment brénge mer et nach ëmmer fäerdeg, a klenge Gruppen an de Maison-relaisen ze funktionéieren, am Sënn vun der Virsiicht an der Sécherheet fir d'Kanner an d'Personal.

Ech muss eng Schlupp drénken, ee Moment. Et ass net evident, mat deene Maske sou laang ze schwätzen. Ech denken, d'Enseignanten ënner eis, déi wëssen dat scho vill méi laang.

Op där anerer Säit hat d'Gemeng awer och manner Einnamen 2020, bedéngt duerch de Covid, vu ronn enger Millioun Euro. Bedéngt duerch den Ausfall vu Loyeren, déi mer jo nogelooss hunn, vun de Chèque-servicen, am 1535°, am Aquasud, Ausfäll vu Coursen a Säll an esou weider.

Ier ech bei den Invest vun 2021 kommen, wëll ech nach eemol mat Nodrock op dee Spagat hiweisen, deen d'Gemeng am Moment amgaang ass ze maachen. An awer och gewëllt ass, am nächste Joer weiderhin ze maachen, wa mer kucken, wéi mer eisen Invest vun 102 Milliounen Euro am Joer 2020 op bal 112 Milliounen Euro am Joer 2021 eropsetzen.

Et kënnt awer trotzdeem elo kloer drop un, Fouss beim Mol ze halen. Wat awer elo net heescht, näischt ze maachen oder an e Stëllstand ze falen. Nee, et geet éischter drëm, ganz kloer Prioritéiten ze setzen. „Haalt Ären Invest héich" war d'Consigne vun der Regierung. A mir hunn deen Appell héieren. De Gemengesecteur soll jo antizyklesch funktionéieren. A mir halen eisen Invest héich, trotz Kris!

Wat jo nëmme méiglech ass, well mer eisen ordinäre Budget bis elo gutt am Grëff behalen hunn. Mat engem Invest

prévu vu bal 112 Milliounen Euro am Joer 2021 spille mir als Gemeng Déifferdeng eng wichteg, wann net souguer ganz wichteg Roll andeems mer d'Ekonomie ënnerstëtzen an esou och dem Land hëllefen, aus dëser ekonomescher Kris erauszekommen.

Wat eisen Invest ugeet, maachen ech eng Analys iwwert déi zwee Joren 2020 an 2021, well am Ablack ass et einfach onméiglech, opgrond vu prezise Chifferen, déi einfach net do sinn, eng fundéiert Analys fir 2021 eleng ze maachen. Fir eng modern an der Zäit ugepasste Gemengeverwaltung souwuel op administrativem Niveau wéi am Regieatelier, si 15 Milliounen Euro am Budget extraordinaire virgesinn. E Schratt, dee scho längst iwwerfälleg war an deen elo an déi richteg Richtung geet.

En zweeten héijen Invest vu 46 Milliounen Euro geet an d'Schoulen, mat 35,5 Milliounen Euro, an an eis Maison-relaisen, mat 10,5 Milliounen Euro. Mat de Schwéierpunkten: Nei Mathendahl-Schoul an d'Renovatioun vum Bock. Do dernieft gëtt nach d'Schoul Saint-Pierre ausgebaut, a mir hu 17 Milliounen Euro als Ligne de Préfinancement fir d'Primärschoul vun der EIDE.

Nom Motto „On n'est jamais mieux servi que par soi-même" iwwerhuele mer dann och de Prefinanzement an d'Steierung vum neie Policegebai mat 9,5 Milliounen Euro op déi zwee Joer. E Gesamtpräis vun 19,15 Milliounen Euro. D'Sécherheet ass eis dat wäert.

Am Logement hu mer op zwee Joer 36,5 Milliounen Euro virgesinn. Dorënner 80 Unitéiten am Projet Gravity, 200.000 Euro fir Logementsprojete vun der Gemeng ze realiséieren, 10,5 Milliounen Euro fir Terrainen a Gebaier. An dee rengen ekonomesche Volet vun der Stad Déifferdeng ginn néng Milliounen Euro gestach, wouvu 5,5 Milliounen Euro als lescht Tranche vum Ministère de l'Économie an de 1535° an an d'Kreativwirtschaft ginn.

En aneren Deel geet an eng nei Handelszon vun 1,6 ha zu Nidderkuer op der Säit vun eisen Atelieren. Och mat der Iddi vun de kuerze Weeër, fir hei zu Déifferdeng ze wunnen an ze schaffen. Fir eis Stroossen an Infrastrukture stinn op déi zwee Joer gekuckt 11,5 Milliounen Euro am Budget. An de Sport an d'Fräizäit fléisse ronn 20 Milliounen Euro. Ënner anerem an d'Sportsfabrick, déi vläicht jo dann niewent dem Leeschtungssport iergendwann och der Medezin kann zougänglech gemaach ginn.

D'Stad Déifferdeng gleeft un Esch 2022 an investéiert engersäits an de Gîte Red-Rock-Trail op der Zowaasch, awer och hirersäits an déi fënnef nei Haiser op der Place Saintignon, déi grondrenovéiert ginn, fir se duerno dem duussen Tourismus als Iwwernuechtungsméiglechkeet zur Verfügung ze stellen. Et läit eis vill drun, déi dach exzeptionell Plaz hei am Süden opzewäerten a vläicht, wie weess, als Attraktiounspunkt an engem dach eemolege Kader op enger nationaler Vëlos- oder Spadséierweeërkaart erëmzefannen. Dofir stinn zwou Milliounen Euro am Budget. Op aner Invester op der Zowaasch wäert den Här Ulveling nach zréckkommen.

Fir den Naturschutz an de Schutz vun eise Ressourcë sinn ënner anerem 3,2 Milliounen Euro budgetiséiert, déi an d'Ofwaasserentsuergung ginn. Dat heescht als Apport en capital fir de S.I.A.CH.

Mer mussen eise PAG-Prozess ofschléissen. En vue vun enger moderner Stadentwécklung maache mer en Upgrade vun der Mobilitéitsetüd an zousätzlech och vun der demografescher Entwécklung pro Schoulquartier, fir esou eis Stadentwécklung mat engem aktuelle Wëssensstand koherent an en connaissance de cause weiderzedreiwen. Et ass net, dass do näischt geschitt, och wa mer et elo nach net un d'grouss Klack hänken.

Ganz nei ass en Artikel am Budget, mat 250.000 Euro, fir eis Commercen an Zukunft nach méi ze ënnerstëtzen. Ech denken op de City-Manager wäert d'Madamm Pregno agoen. Zesumme mam Ministère des Classes moyennes et de Tourisme wëlle mer eng koherent Strategie opsetzen, wéi mer eise Commercen an dëse schwéieren Zäiten ënnert d'Äerm gräife kënnen an hinnen hëllefen.

Als leschte Punkt kommen ech op d'Personalkäschten ze schwätzen. Am Budget initial ware 46,9 Milliounen Euro virgesinn. Doraus sinn et der am

*priorités claires. Le gouvernement demande explicitement aux communes de continuer à investir. La Ville de Differdange peut le faire parce qu'elle maitrise son budget ordinaire. Les investissements de 112 millions d'euros en 2021 permettront d'aider le pays à sortir de la crise économique.*
*Christiane Brassel-Rausch va traiter 2020 et 2021 ensembles. Quinze-millions d'euros sont prévus pour la construction d'un hôtel de ville moderne. Il était temps.*
*Quarante-six-millions d'euros sont alloués aux écoles et aux maisons relais. L'école du Mathendahl et la rénovation du Bock constituent les deux projets importants. L'école Saint-Pierre sera agrandie et l'école primaire de l'EIDE sera préfinancée.*
*La Ville de Differdange préfinance également le commissariat de police pour 9,5 millions d'euros sur 2 ans.*
*Le budget alloue 36,5 millions d'euros au logement — notamment pour Gravity, des projets liés au logement et des acquisitions de terrains et de bâtisses.*
*Neuf-millions d'euros sont destinés au développement économique. Une partie est destinée à la zone d'artisanat à Niederkorn du côté des ateliers.*
*Les routes sont rénovées pour 11,5 millions d'euros sur 2 ans.*
*Vingt-millions d'euros sont destinés au sport et aux loisirs.*
*En ce qui concerne Esch 2022, Differdange investit dans le gite du Red Rock Trail à Lasauvage. Le collège échevinal tient à revitaliser cette localité et en faire un point d'attraction sur ce chemin de randonnée national.*
*Pour ce qui est de l'environnement, 3,2 millions d'euros sont destinés à l'épuration des eaux usées.*
*La Ville de Differdange doit conclure le processus du PAG. Le collège échevinal souhaite compléter l'étude sur la mobilité et l'étude sur la démographie en tenant compte des écoles. Le développement urbain doit être cohérent et tenir compte des dernières évolutions.*
*Le budget prévoit 250 000 € pour soutenir davantage encore les commerces. Madame Pregno parlera du*

*city manager. En ces temps difficiles, il s'agit de développer une stratégie avec le ministère des Classes moyennes et du Tourisme.*
*Les frais de personnel étaient estimés à 46,9 millions d'euros dans le budget initial 2020. Ils passent à 47,6 millions d'euros dans le rectifié 2020. Le budget 2021 prévoit 49,9 millions d'euros. Cela représente une augmentation de 2,3 millions d'euros ou 4,8 %. Cette somme comprend certains recrutements de 2020 ainsi que plusieurs nouveaux postes. En 2019 et 2020, les frais de personnel ont augmenté de 11 %. C'était nécessaire compte tenu de la croissance de la population. Les frais de personnel représentent 50 % des dépenses ordinaires, ce qui correspond à la moyenne dans le pays.*
*Malgré la situation économique difficile, la Ville de Differdange maintient une marge de manœuvre pour le développement de la commune. Christiane Brassel-Rausch rappelle que la ville se trouve en phase de transition vers une économie de la numérisation, de la créativité et de la recherche. L'endettement reste faible. Le collège échevinal regarde l'avenir de manière résolue et proactive.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que 2020 a été une année extrêmement difficile. La situation ne va pas s'améliorer rapidement. L'échevin remercie tous ceux qui ont contribué à maitriser la situation — que ce soient les fonctionnaires, les ouvriers ou les bénévoles. Le CID a réussi à remplir toutes ces missions avec la moitié de son personnel. C'est une performance !*
*Par ailleurs, les hommes politiques sont parvenus à placer le bien commun devant les intérêts personnels pour prendre des mesures aidant les particuliers, les locataires, les associations et les commerçants. Tom Ulveling espère que cette collaboration constructive se poursuivra.*
*La bourgmestre a déjà beaucoup dit au sujet du budget. Tom Ulveling signale qu'en 2020, les investissements ont été moins importants que prévu. Cet argent servira en 2021. Les recettes en provenance de l'État ont baissé substantiellement. Dans le pire des cas, l'écono-*

Budget rectifié 47,6 ginn. Eng Augmentatioun vu 700.000 Euro.

Fir de Budget initial vun 2021 hu mer 49,9 Milliounen Euro agesat, an deenen alles dran ass, dat heescht d'Kontrakter, d'Charges patronales etc. Dat ass eng Augmentatioun vun 2,3 Milliounen Euro oder 4,8 % bei de Personalkäschten. Déi Zomm beinhalt awer och d'Astellunge vun 2020, déi 2021 da ganz budgetiséiert gi sinn, plus e puer punktuell Astellunge vun neie Posten, déi am Organigramm virgesi sinn, queesch duerch all d'Domänen.

Iwwert d'ganzt Joer 2019 an am Budget rectifié 2020 hu mer 11 % méi fir eist Personal ausginn. An anere Wierder: Mir hu vill Leit a ville Servicer agestallt. Wat fir eng Gemeng wéi Déifferdeng, déi séier gewuess ass an nach ëmmer séier wiisst, absolutt noutwendeg war, fir eise Bierger a Biergerinnen e korrekte Service ze garantéieren. Mir leien elo bei engem Ratio vu 50 % vun den Depensen am Budget ordinaire. Wat der Moyenne vum Echantillon vun de grousse Gemengen hei am Land entsprécht.

Als Konklusioun loosst mech soen, dass mer trotz der schwéierer Zäit an dem Ewechbrieche vun den Dotations de l'état a vun der Gewerbesteier, trotz allem nach ëmmer eng Marge de manœuvre hunn, fir an d'zukünfteg Entwécklung vun eiser Stad ze investéieren. Wou mer an enger Transitioun sinn. Ewech vun der Industrie an eng nei Ekonomie, déi sech baséiert op Digitaliséierung, op Kreativitéit an op Fuerschung. Wéi mer et elo schonn am 1535° hei an der Sportsfabrick, dem Science Center an der LUNEX gesinn.

Trotz der sanitärer an der ekonomescher Kris ass eis Scholdesituatioun niddreg, genee wéi eis Pro-Kapp-Verscholdung an eis Annuitéiten. A mir stinn, am Verglach mat anere Gemengen, nach ëmmer gutt do. Mir maache virun. Mir stiechen de Kapp net an de Sand. A mir kucke resolut a proaktiv no vir. Merci fir d'Nolauschteren.

Da géif ech d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, en extreem schwéiert Joer ass eriwwer. An et wäert sécher an deenen nächste Méint net besser goen, wéinst dem Covid. Duerfir wëll ech fir d'éischt alle Merci soen, déi gehollef hunn, dass mir als Déifferdenger Gemeng dës Situatioun dach gutt gemeeschtert hu bis elo. Dat fänkt u bei eise Fonctionnairen an Aarbechter an dat hält bei deene ville Benevollen op, déi direkt bereet waren, eng Hand mat unzepaken. Ob et war fir akafen ze goen oder Masken anzepaken. Mir hunn eng grouss Solidaritéit ënnertenee spiere konnten.

Mir hunn et fäerdegbruecht, mat praktesch der Hallschent vun eisem Personal am CID all eise Missioune gerecht ze ginn. Dat ass eng Leeschtung.

Och kann ee soen, dass mir als Politiker, all, wéi mer hei sëtzen, den Interêt général viru perséinlech Befindlechkeete gesat hunn, fir an dëser Situatioun zesumme Mesuren auszeschaffen, fir eise Matbierger respektiv eise Veräiner, eise Locatairen oder Geschäftsleit hëllefen ze kënnen. Dofir meng Unerkennung a meng Hoffnung, dass mer och weider an engem konstruktive Sënn an Zukunft matenee schaffe kënnen.

Elo eng kleng Analys vum Budget. D'Madamm Buergermeeschter huet schonns villes gesot. Ech wëll e puer markant, oder fir mech markant, Punkten erausstäichen. Dir hutt gesi beim Rectifié, dass iwwerall vill manner Sue verschafft si ginn. Déi kommen eis dann 2021 zegutt. Mee dunn ass d'Hiobsbotschaft komm, dass mer vum Staat substanziell, am zweestellege Milliouneberäich, manner Zouwendunge kréie sollen, 2020 an 2021. Dat sinn ëm déi 14,5 Milliounen Euro manner duerch Ausfäll an der Dotatioun an dem Impôt commercial. A wann ech eisem Ekonomist gleewe kann, souguer 24 Milliounen Euro manner, par rapport zu engem Zenario avant-covid. Dëst am Kader vun optimistesche Previsiounen, d'Madamm Buergermeeschter huet et gesot, déi an den nächsten Deeg riskéieren nach no ënne revidéiert ze ginn.

Et ass nach net sécher, ob dës Chifferen esou bleiwe wäerten. Et muss ee fäer-

ten, dass wéinst der schlechter Konjunktur se nach no ënne revidéiert ginn. De Gesamtbudget 2020 rectifié weist par rapport zum initial eng 36 Milliounen Euro manner an de Recetten an 23 Milliounen Euro manner an den Depensen. Wat en Delta vu minus 12 Milliounen Euro ausmécht.

Beim Budget extraordinaire ass et e bësse méi equilibréiert. Wat mer manner erakritt hunn, hu mer och manner ausginn.

Mer haten also zwou Optiounen, fir dëse Budget opzestellen. Esou oder esou ass et keng Win-win-Situatioun gewiescht. Entweeder den 2021er Budget esou opzebauen, dass mer eis Investissementer maximal zréckféieren an e minimalistesche Budget hätte presentéiere kënnen. Dat wier awer e Resignatiounsbudget a mengen Ae gewiescht. Oder dorun ze gleewen, dass mer all zesummen dës Kris wäerte meeschteren an dass mer eis Bierger wëlle weider ënnerstëtzen. Dofir hu mer eis Investissementer net zréckgeschrauft. Dofir hu mer en optimisteschen, loosse mer soen, e Kommt-merpaken-et-un-Budget opgestallt, deen natierlech net ouni Risiko ass.

Wann ech meng Ressorten ukucken, da wëlle mer zesummen e puer mega Chantieren ufänken, déi mer och a schwieregen Zäite schëllere mussen. Dat ass den Ausbau vum Stadhaus, deen neie CID an d'Renovatioun vun der Bockschoul. Eleng fir dës Projete brauche mer de Moment, muss een ëmmer soen, eng gutt 140 Milliounen Euro. A wann een dat wëll iwwer véier Jore schëlleren, da brauch een ongeféier 35 Milliounen Euro d'Joer. Nëmme fir dës Projeten. A wann ee weess, dass eis Capacité d'autofinancement ëm déi 26 Milliounen Euro de Moment läit, da weess een, dass een och an Zukunft net ouni weider Emprunte schaffe kann, wann d'Kris méi laang undauert a wann déi staatlech Subventiounen net eropgesat ginn.

Dës sinn Invester an d'Zukunft. Dofir hu mer e groussen Invest-Volumen oprechterhalen. A mer hunn den Niceto-have dann emol zréckgestallt. Dorop kommen ech spéider nach zréck.

Am Exercice 2020 sollen ëmmerhin 102,5 Milliounen Euro investéiert ginn an 111 Milliounen Euro am Exercice 2021. Dat sinn enorm Zommen. Mee dat sinn Investissementer an d'Zukunft. Dat sinn Invester an d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger. Et sinn Invester an d'Schoulen, déi jo eis Kanner op hir Zukunft virbereeden. Dofir musse mer e Kredit vun néng Milliounen Euro dëst Joer ophuelen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Wär d'Pandemie net komm, wiere mer dëst Joer ouni Emprunt derduerch komm. Mer hu probéiert, dëse Budget, en vue vun der Kris, en bon père de famille ze plangen an ze gestalten. Mer hunn e Gesamtemprunt am Budget vun ongeféier 108 Milliounen Euro. Dovunner sinn 51 Milliounen Euro fir de Staat. Soudass mer 57 Milliounen Euro Schold de Moment hunn. Eng Pro-Kapp-Verscholdung ëm déi 2.035 Euro. An d'Annuitéite maachen 3,1 % am uerdentleche Budget aus. Dat ass okay.

Doniewent hu mer eis eng Reserv ugespuert vun dräi Milliounen Euro. An deene vergaangene Jore gouf jeeweils eng Millioun Euro an d'Reserv gesat. Mir hunn eis also eng kleng Mouk ugespuert.

Mer hunn och vill Leit agestallt, well mer déi brauchen, well eis Stad wiisst. Mir sinn elo no bei 28.000 Awunner. Bei de Personalkäschte leie mer fir 2020 bei ëm déi 50 % vun den Dépenses ordinaires.

Mer hunn elo och endlech en Ekonomist, deen eis beroden an Analyse vun eisen Ausgabe maache kann. Doniewent kréie mer eng nei Persoun an d'Ressources humaines. Mir hunn also versicht, eist personaltechnesch nach besser opzestellen.

Och hu mer dëst Joer substanziell Verloschter bei eisen Einname vun de Locatioune mussen a Kaf huelen. Dat krute mer virdru vun der Buergermeeschtesch erkläert. Well mer eise Locatairë Loyeren nogelooss hunn, well mer eis Veräiner mat sechsstellege Beträg zousätzlech ënnerstëtzt hunn. A mer haten, wéinst der Pandemie, och eng Millioun zousätzlech Käschte fir Zousazpersonal anzestellen a sou weider. An nach e markante Fait fir dëst Joer an d'nächst Joer, dat sinn déi 80 Milliounen Euro, déi mer an de Gravity wäerten investéieren, fir eisen Awunner en abordabe-

*miste communal estime que les pertes pourraient se chiffrer à 24 millions d'euros par rapport à une situation sans COVID-19. Il est même possible que les recettes doivent être revues à la baisse ultérieurement.*
*Par rapport au budget initial 2020, les recettes et les dépenses ordinaires ont baissé de 36 millions d'euros et de 23 millions d'euros. Le budget extraordinaire est plus équilibré.*
*Pour 2021, le collège échevinal avait deux options : présenter un budget de résignation reportant le gros des investissements ou croire que la crise sera maitrisée et que la commune peut aider ses citoyens. Le collège échevinal a finalement choisi un budget optimiste.*
*Plusieurs chantiers gigantesques vont être commencés : l'agrandissement de l'hôtel de ville, le nouveau CID et la rénovation de l'école Bock. Ces projets couteront 140 millions d'euros, ce qui représente 35 millions d'euros par an pour 4 ans. La capacité d'autofinancement de la commune est de 26 millions d'euros. Des emprunts seront donc nécessaires.*
*Les investissements importants pour l'avenir ont été maintenus tandis que le superflu est reporté.*
*Tom Ulveling rappelle que la commune veut investir 102,5 millions d'euros en 2020 et 111 millions d'euros en 2021. Pour y parvenir, elle a besoin d'un emprunt de neuf-millions d'euros en 2020. La dette totale se chiffre à 57 millions d'euros, la dette par tête d'habitant à 2035 € et les annuités à 3,1 % du budget ordinaire.*
*La Ville de Differdange dispose aussi d'une réserve de trois-millions d'euros.*
*La commune a beaucoup recruté, car Differdange croît. La ville compte 28 000 habitants. Les frais de personnel s'élèvent à 50 % des dépenses ordinaires. Le nouvel économiste conseille le collège échevinal et analyse les dépenses. Un nouveau poste a été créé dans le service des ressources humaines. La commune a donc renforcé son personnel.*
*Les recettes provenant des loyers ont fortement baissé puisque la commune a annulé les loyers. Elle a*

*aussi augmenté les subsides aux associations. À cause de la pandémie, il a aussi fallu recruter davantage de personnel, ce qui a couté un-million d'euros.*
*Tom Ulveling rappelle par ailleurs qu'en 2021, le collège échevinal va investir 80 millions d'euros dans Gravity pour proposer des logements abordables aux Differdangeois.*
*L'année 2020 a été particulière. Les chantiers ont avancé lentement à cause de la COVID-19. Le confinement a complètement stoppé la vie culturelle.*
*En ce qui concerne la culture justement, il faudra essayer de maintenir en vie tous les acteurs en 2021.*
*Differdange doit aussi se préparer à 2022. Deux-millions d'euros sont prévus dans ce contexte — notamment pour construire le gite d'étape à Lasauvage. 2022 va dynamiser la région. En 2020, la commune a investi 784 000 € de moins que prévu dans la culture. Les dépenses s'expliquent par le fait qu'il a fallu malgré tout faire des acquisitions et qu'il a fallu verser une avance aux artistes pour qu'ils reportent leurs spectacles à 2021.*
*Parmi les nouveautés figure l'organisation d'une foire de l'art pour 60 000 €.*
*Megafuesent figure au budget, mais Tom Ulveling ne pense pas que l'évènement puisse être organisé. Le collège échevinal prévoit de soutenir les associations culturelles par des subsides. Vingt-cinq-mille euros supplémentaires sont prévus. La commission culturelle est en train de préparer un règlement fixant les critères de distribution.*
*Pour 2022, le budget 2021 prévoit 200 000 € de recettes et 650 000 € de dépenses pour l'organisation de 25 projets. La commune a notamment repêché trois projets qui n'avaient pas été retenus. Désormais, il faut préparer le calendrier. À partir de septembre 2022, Differdange sera mise à l'honneur pendant un mois.*
*Tom Ulveling remercie la ministre de la Culture pour le subside de 150 000 € pour la programmation de l'Aalt Stadhaus.*
*Le collège échevinal compte investir dans le patrimoine culturel en 2021. Tom Ulveling mentionne la*

le Wunnraum unzebidden. Do si mer e Virbild fir aner Gemengen.

Bref, ech mengen, dass all dës Invester gutt ugeluecht sinn. Och wa se leider net als Aktiva an engem Bilan erschéngen.

No dëse méi generelle Reflexiounen zum Budget, dann awer elo zu menge Ressorten. Et war e komescht Joer 2020. Duerch Corona ass alles vill méi lues virugaangen, wat eis Chantieren ubelaangt. Mer haten, dat muss ee leider soen, e komplette Shutdown an eisem kulturelle Liewen.

Ech géif fir d'éischt op mäi Ressort Kultur agoen. Mer musse versichen, dat kulturellt Liewen an all déi Acteuren 2021 um Liewen ze halen.

Mer preparéieren d'Kulturhaaptstad 2022. Fir dës Organisatioun wëlle mer zwou Milliounen Euro an deenen nächsten zwee Jore bäisteieren. Déi zwou Milliounen Euro beinhalten de Projet vu Lasauvage, de Gîte d'étape vu Lasauvage am Kader vum Unesco-Label „Man and the Biosphere".

2022 ass e wichtegt Evenement, fir eis Stad an eis Regioun ze dynamiséieren. An der Kultur hu mer 2020 37,43 %, also 784.000 Euro gespuert. Gespuert ass vläicht e falscht Wuert. Mir hunn éischter déi Suen net ausgi wéinst der Pandemie. A mir kënne se deelweis op 2021 reportéieren. Wann net all Fest, dat mer net organiséiere konnten, mat null do steet, da well verschidde Saachen hu musse kaf ginn a well mer den Acteuren, mat deene mer Kontrakter ofgeschloss haten, eng Avance bezuelt hunn, fir dass se 2021 sollen erëmkommen. Dat engersäits, fir dës Leit ze ënnerstëtzen, well se jo guer keng Entrée dëst Joer haten an anerersäits, fir dat fest ze buche fir 2021. Bei den normale Fraise bleift am grousse Ganzen alles bei 2022.

Als grouss Neierung wëlle mer versichen, eng Konschtfoire hei zu Déifferdeng ze organiséieren. Dofir sti 60.000 Euro am Budget. Megafuesent steet zwar de Moment nach am Budget. Mee ech mengen, dass mer dat wäerte leider net kënnen organiséieren am Joer 2021. Mer hu virgesinn, wéi mer dat bei de Sportsveräiner gemaach hunn, fir eis kulturell Veräiner – do denken ech speziell un eis Museksgesellschaften – zousätzlech mat Subsiden ze ënnerstëtzen. Heifir sinn eng 25.000 Euro supplementar an de Budget gesat ginn, fir hire Budget wéi gesot ze equilibréieren. Well och si haten Ausgabe mat Dirigenten, Material a sou weider an och null Einnamen. De Moment schafft d'Kulturkommissioun un engem Reglement, fir dës Sue kënnen ze verdeelen.

Dir gesitt, dass mer fir 2022 am Budget 2021 eng 200.000 Euro Recettë virgesinn hunn a 650.000 Euro Depensen, fir déi 25 Projeten déi mer wëllen organiséieren, ze ënnerstëtzen.

Net all virgeschloene Projet gouf ugeholl. Awer mir hunn dräi lokal Projete repêchéiert, déi vun 2022 net ugeholl waren. Well mer gemengt hunn, si wäre flott a si géifen eis eppes bréngen. Elo musse mer mat den Acteuren an d'Planung goen an de Kalenner opstellen. Dir wësst, dass ab den 21. September 2022 Déifferdeng ee Mount laang am Mëttelpunkt stoe wäert. An ech mengen, dass de Programm, dee mir wëllen duerchzéien, eiser Stad guttdoe wäert, well mer och versichen, eis Matbierger anzebannen.

Ech muss dëst Joer eiser Kulturministesch Merci soen, fir de Subsid vun 150.000 Euro, dee se eis éischtmoleg zoukomme gelooss huet fir eis Programmatioun am Stadhaus. Dat hëlleft. Doduerch si mer dann och elo am Reseau vun de kulturellen Zentren, also besser vernetzt.

Wichteg ze soen ass, dass mer och dat nächst Joer wëllen an eise Patrimoine culturel investéieren. Dofir si Kreditter virgesinn. Zum Beispill, fir an der Minn Renkert Aarbechten ze maachen an zu Nidderkuer de Parvis ronderëm d'Monument vum Honsbësch nei ze gestalten. 50.000 Euro si virgesinn, fir weider Konschtobjeten ze kafen. Mir wëllen och Konschtsaachen hunn, fir déi duerno an dem Neibau vum Stadhaus ënnerzebréngen.

Dëst Joer hu mer e Rousegaart zu Lasauvage ugeluecht. Oder deen ass nach amgaangen ugeluecht ze ginn. An och eng Kierchefënster aus der ofgerappter Déifferdenger Kierch hu mer zu Lasauvage opgestallt.

Nei war dëst Joer de SummerFeeling. Deen, ech mengen, dach e Succès war. An dee mer och wëllen d'nächst Joer weiderféieren. Nei war och de Festival du Rire, deen dëst Joer dem Covid zum Affer gefall ass. Dee mer dat nächst Joer awer wäerte weidermaachen. Do hu mer net vill gelaacht.

Beim Jumelage ass leider dëst Joer, aus bekannte Grënn, näischt gelaf. Mee mir waren awer a Kontakt mat eise Partnerstied, fir ze kucken, wéi si d'Pandemie géife geréieren.

Wann een 2020 kuckt, dann ass deen eenzeg grousse Projet, dee mer duerchgezunn hunn, dat Wierk vum Alain Welter op de fënnef Killtierm an eng grouss hëlze Skulptur, déi niewent dem Auchan opgeriicht ginn ass. Dës zwee Projeten, mengen ech, sinn dach awer eng Attraktioun ginn. Se verschéineren eis Stad.

Bref, an der Konscht hate mer en trauregt Joer 2020. Ech hoffen, dass mer 2021 d'Konschtzeen erëm kënne mat neiem Liewe fëllen. Ouni Concerten, ouni Ausstellungen, ouni Theatervirstellungen an ouni Fester ass et dach traureg an eiser Stad. Ech wëll menge Leit aus der Kultur Merci soen, fir hiren Asaz an hir Disponibilitéit.

Ech kéim dann op mäin anere Ressort, de CID an alles, wat direkt oder indirekt mat deem zesummenhänkt, ier ech dann op d'Baute komme wäert.

2020 hu mer e ganze Koup nei Gefierer kaf. Mir hunn immens vill an d'Gefierer investéiert: Frigo, e Bus, eng Plënnercamionnette fir den ATI, e Kipper, Camionnetten, Elektro-Golfen, Holdere fir de Jardinage fir de Wanterdéngscht, Camionsbennen, Unimog fir de Wanterdéngscht, Salzstreeër, Ford Transiten, en neie Spullweenchen. En neie Müllwon hu mer kaf an och eng mobil Toilette, déi mer mat Péiteng zesummen ugeschaaft hunn, fir duerno um Fond-de-Gras opzestellen. Wann Der dee ganze Listing gär hätt, dee kann ech Iech liwweren.

2021 wëlle mer zousätzlech e Müllwon kafe mat enger elektrescher Schüttung. E Camionnettëkipper, en Tieflader fir de Garage, e Manitou, eng Nacelle, e ganze Koup Bennen an och Courriere wëlle mer kafen. Mer wäerte verstäerkt an d'Formatioun fir eis Leit am CID investéiere wéi zousätzlecht Aarbechtsgeschier uschafen, fir dass se ënner optimale Konditioune schaffe kënnen.

Wat eis Kierfechter ugeet, do kommen nei Kolumbarien op Uewerkuer, Nidderkuer an Déifferdeng. Op de Kierfechter ginn d'Aganksdieren erneiert a gefléckt. Op Déifferdeng kënnt en neie Frigo. Zu Uewerkuer ginn d'Vestiären an d'Toiletten erneiert, respektiv et kënnt do zu engem Ëmbau. Dat hate mer schonn eng Kéier am Budget. Dat hu mer awer dëst Joer net hikritt.

E Poste Refektioun, fir op de Kierfechter d'Maueren ze reparéieren. Nodeems mer dëst Joer zu Déifferdeng d'Weeër reprofiléiert hunn, wëlle mer dat selwecht dann och dat nächst Joer zu Uewerkuer maachen.

Et ass zu engem Renouvellement vun eise Reseaue mat Sudgaz komm. D'Rue de la Montagne ass praktesch fäerdeg. D'Rue Henri Jungers ass ugefaangen. Et gëtt eng Waasserleitung am alen Deel vum Zoning Haneboesch erneiert. Beim Éclairage public gi mer elo méi op LED-Luuchten iwwer.

Wat de Stroossebau ubelaangt, hu mer de Moment zwee Leit, déi dat begleeden an déi am CID attachéiert sinn. D'Strooss, fir bei de CID ze kommen, ass dëst Joer plus ou moins fäerdeg gemaach ginn. Um Belair ass de Chantier d'lescht Woch ugaangen. Do ginn déi sechs Milliounen Euro verschafft, fir déi Stroossen um Belair bis bei d'Rue Pasteur ze erneieren. D'Rue Woiwer, do ass eng Verbindung mat der Rue Renée Lazard geschafe ginn, fir den Accès bei de Servior. Do feelt nach just d'Réckhaltebecken. D'Rue Pierre Krier, d'Rue Pierre Dupong an d'Rue Bessemer si sou gutt wéi fäerdeg. D'Grand-Rue ass och fäerdeg.

Fir den Accès zum PAP IV bei den Trottoirë souwéi bei de Reprofilagë vun de Stroossen hu mer elo e Katalog opgestallt, fir déi Trottoirë respektiv Stroossen ze erneieren, déi am wichtegste sinn. Op der Prioritéitelëscht bei den Trottoirë stinn d'Maartplaz, d'Avenue Charlotte an d'Rue du Chemin de Fer mol un éischter Stell. A bei de Strooosse sinn et d'Rue Saint-Nicolas, d'Rue Laboule an d'Rue de la Montagne, déi als éischt solle gefléckt ginn.

*mine Renkert et le parvis du monument du Honsbësch. Cinquante-mille euros serviront à acheter des œuvres d'art.*
*La commune a aménagé une roseraie à Lasauvage. Elle a aussi installé une des anciennes fenêtres de l'église de Differdange dans cette localité.*
*Summer Feeling a été un succès. L'évènement sera donc reconduit.*
*Le Festival du rire a été annulé. Il aura lieu l'année prochaine.*
*Le collège échevinal a consulté les villes jumelées pour savoir comment elles géraient la crise sanitaire.*
*Finalement, dans le domaine culturel, les seuls grands projets réalisés en 2020 sont les tours de refroidissement et la sculpture en bois devant Auchan. Ils embellissent la ville.*
*Tom Ulveling espère que l'année culturelle 2021 sera de meilleure facture. La ville est triste sans concerts, expositions, représentations théâtrales et fêtes.*
*L'échevin passe au CID. La commune a renforcé le parc automobile en 2020. Il propose de distribuer la liste complète aux conseillers communaux. En 2021, le collège échevinal entend acheter une nouvelle benne, une remorque à seuil surbaissé, une nacelle…*
*Il investira également dans la formation des employés du CID et acquerra de l'équipement pour qu'ils puissent travailler dans les meilleures conditions.*
*De nouveaux colombaires sont prévus dans les cimetières d'Oberkorn, Niederkorn et Differdange. Un frigo sera aménagé à Differdange et des vestiaires et des toilettes à Oberkorn. Les murs des cimetières seront réparés. Le chemin du cimetière d'Oberkorn sera refait.*
*Sudgaz rénove ses réseaux. La rue de la Montagne est terminée. Les travaux dans la rue Henri-Jungers ont commencé. Les conduites d'eau dans la partie ancienne de la zone Haneboesch seront remplacées.*
*La route menant au CID est pratiquement finie.*
*Le chantier de Belair a commencé la semaine dernière. La rénovation jusqu'à la rue Pasteur coutera six-millions d'euros.*

*La rue Woiwer a été raccordée à la rue René-Lazard pour accéder à Servior. Il ne manque plus que le bassin de rétention.*
*Les rues Pierre-Krier, Pierre-Dupong et Bessemer ainsi que la Grand-rue sont presque terminées.*
*La commune a établi un catalogue des rues à rénover. La place du Marché, l'avenue Charlotte, la rue du Chemin-de-Fer, la rue Saint-Nicolas, la rue Laboule et la rue de la Montagne ont la priorité.*
*Les aires de jeux doivent être tenues en bon état. Une nouvelle aire de jeux sera installée dans la Cité O.*
*Les rues de la minizone industrielle du Haneboesch ont été construites pour 700 000 €. Sept parcelles verront le jour sur ce site.*
*Le SIACH va investir dans le développement de la station d'épuration. La participation de la Ville de Differdange s'élève à 3,2 millions d'euros en 2020 et 3,6 millions d'euros en 2021.*
*L'assainissement de la Chiers coute 2,2 millions d'euros en 2020 et 1,5 million d'euros en 2021.*
*1,4 million d'euros sont prévus pour des travaux de canalisation à Lasauvage.*
*Tom Ulveling passe à une énumération des travaux de construction. Il en profite pour remercier le service technique.*
*La commune investit 220 millions d'euros en 2 ans. La maison relais d'Oberkorn, le Hall O et le centre sportif de Niederkorn sont terminés. Les gros œuvres de l'école du Mathendahl et du LIHPS sont aussi finis. Les travaux de rénovation de l'École des garçons de Niederkorn ont commencé, mais ont pris du retard à cause de la COVID-19. Les canalisations pour la SNHBM ont été posées. La construction de l'école primaire de l'EIDE est en cours. La commune est en train de réparer l'escalier de la place Millchen. Le canal a été rénové dans la partie inférieure de la rue Woiwer.*
*Tom Ulveling énumère ensuite des chantiers en cours comme la rénovation de l'église de Lasauvage, le bâtiment B du 1535°, le centre sportif d'Oberkorn, les aménagements extérieurs du Hall O et du campus scolaire de Niederkorn,*

Bei de Spillplaze si mer natierlech ëmmer drop erpicht, dass dat esou gutt wéi méiglech erneiert gëtt. An der Cité O soll eng nei Spillplaz hikommen. Déi Stroosse vun der Mini-Zone-Industrielle am Haneboesch si fäerdeg gemaach gi fir 700.000 Euro. Do solle jo siwe Parzelle fir Betriber entstoen. An de Kanal al Poutrellshal Eucosider soll d'nächst Joer ugoen.

Nach eppes iwwert de S.I.A.CH., wou ech am Verwaltungsrot sinn. Do investéiere mer an den Ausbau vun der Kläranlag eng 3,6 Milliounen Euro dëst Joer an 3,2 Milliounen Euro d'nächst Joer. An den Assainissement vun der Kor investéiere mer 2,2 Milliounen Euro dëst Joer. An 1,4 oder bal 1,5 Milliounen Euro d'nächst Joer. Fir d'Kanalisatioun vu Lasauvage stinn eng Kéier eng an eng Kéier 1,4 Milliounen zu Buch. Wat fir déi puer Projeten, déi ech elo genannt hunn, eleng 12,8 Milliounen Euro an zwee Joer ausmécht.

Elo zum Filetsstéck vun den Ausgaben, géif ech soen. Dat sinn d'Bauten. Hei wëll ech Iech eng Opzielung maache vun de Projeten, déi en cours sinn. Do wëll ech eiser Ekipp um zweete Stack Merci soen, well mer gutt virukomm sinn a wéineg Surprisen haten. Mir hunn do eng kleng Ekipp, déi mer awer am Mäerz dat nächst Joer nach duerch eng Architektin komplettéieren. Dat, nodeems eisen nei agestallten Techniker eis no e puer Méint erëm verlooss huet, well hien op eng aner, méi kleng Gemeng gewiesselt huet.

Mir hunn en enorm héijen Invest-Volume vu bal 220 Milliounen Euro an deenen zwee Joren zesummen.

Wat hu mer geschafft? Mer hunn d'Maison relais Uewerkuer fäerdeg kritt, souwéi den Hall O an d'Sportshal vun Nidderkuer. Bei der Mathendahl-Schoul wéi beim LIHPS ass de Réibau fäerdeg. D'Renovatiounsaarbechte vun der Jongeschoul Nidderkuer hunn ugefaangen. Déi ginn eréischt d'nächst Joer fäerdeg gemaach. Déi sinn deelweis dem Covid zum Affer gefall. D'Kanalisatioun fir den SNHBM ass geluecht. Fir d'EIDE hu mer mam Bau vun der Primärschoul ugefaangen an en zousätzleche Container opgeriicht. D'Trape bei der Place Millche sinn amgaang gefléckt ze ginn. An Dir hutt jo all matkritt, dass mer am ënneschten Deel vun der Woiwerstrooss dëst Joer de Kanal nei geluecht hunn. An dat geet natierlech dann 2021 weider.

Et sinn awer och grouss Chantiere weidergefouert ginn, wéi d'Renovatioun vun der Kierch zu Lasauvage, déi, wéi ech muss soen, ganz gutt virukënnt. Och de Bâtiment B vum 1535°, wou sechs Milliounen Euro veranschlagt waren, do komme mer och gutt virun. De Centre sportif zu Uewerkuer, hei niewendrun, dee si mer och amgaangen. Den Aménagement extérieur ronderëm den Hall O an de LIHPS ass bal fäerdeg. Da fänke mer den Aménagement extérieur vum Campus Jongeschoul zu Nidderkuer mat engem neie Multisportterrain dëst Joer nach un. An den Ausbau vun der Saint-Pierre-Schoul zu Nidderkuer soll och nach ufänken dëst Joer.

2021 fänke mer e puer nei Projeten un. Dat ass haaptsächlech den Ausbau vum Stadhaus mat 31 Milliounen Euro. Den Neibau vum CID mat 70 Milliounen Euro. An den Neibau vun der Bockschoul mat 42 Milliounen Euro. Fir den Neibau vum CID wéi bei der Bockschoul wäerte mer e Retard kréien. Beim CID, well d'Archeologen de Moment amgaang sinn do ze kucken. Dat ass eng schwiereg Prozedur. A bei der Bockschoul musse mer wéinst dem Ëmweltministère nach eng zousätzlech Hürd huelen. Soudass mer do e bëssen a Verzuch kommen. Mer hoffen awer, dass déi Containere bis September opgeriicht sinn.

Dann de Gîte rural zu Lasauvage, mat der Renovatioun vun deenen dräi anere Gebaier, wou 1,6 Milliounen Euro veranschlagt sinn. De Fussballterrain um Woiwer mat 750.000 Euro. Do wäert den Här Aguiar drop zréckkommen. Den AS-Terrain, leider, muss ech soen, eng Histoire belge. Ponts et Chaussées huet de Lead. Mir hu versicht, de Lead ze iwwerhuelen. Dat wollte se net. De Soumissiounsdossier ass an der Prozedur, kréien ech gesot, beim Staat. Muss dann approuvéiert ginn. Da muss en ausgeschriwwe ginn. An esou weider an esou weider an esou weider. Soudass dat eng Affaire à suivre gëtt, leider. An ech fäerten, dass mer dee fir 2021 nach net fäerdeg hunn, wann et an deem do Rhythmus weidergeet.

D'Polizeigebai wäerte mer d'nächst Joer ufänken, e Gebai fir de Staat, mat 19 Milliounen Euro veranschlagt. E provisoresche Parking an de Woiwerwise fir de Servior. Do solle provisoresch eng 100 Plazen entstoen. Mir wëllen de Schoulhaff vun der Prince-Henri-Schoul nei gestalten. Et komme mobil Vestiärscontainer op den Thillebierg. D'Trape bei der Miami sollen dëst Joer nei verluecht ginn.

E wichtege Projet, vun deem mer scho Jore schwätzen, dat ass d'Parkhaus Contournement. Do hu mer dëst Joer praktesch, kann ee soen, en Aller-Retour gemaach. Mer hate vill Sëtzunge mat der Arcelor. An et huet sech duerno, no laangen Diskussiounen, erausgestallt, dass mer do fréisten an zwee bis dräi Jore kéinten ukommen. Dofir huet de Schäfferot decidéiert, an enger éischter Phas méi e klengt Parkhaus vun ongeféier 600 Plazen um Parking Contournement ze bauen. Un deem ënneschte Wupp.

An enger zweeter Phas wëlle mer eis eng Optioun festhalen, fir en zweet Parkhaus um Plateau des Hauts-Fourneaux ze bauen, wann do de Science Center funktionéiert. D'Funktioune vun esou engem Parkhaus ginn elo ausgeschafft. Mir wëllen dat och als Investorewettbewerb dëst Joer lancéieren, fir dann hoffentlech Enn dëses Joers domadder unzekommen.

Zréckgesat goufen, dat wëll ech hei net verheemlechen, wéinst der finanzieller Situatioun, ech mengen, ech hunn Iech virdrun erkläert firwat, d'Projeten Nelson Mandela mat Parking, Schoul a Reamenagement, d'Athleetikspist, mat 20 Millioune veranschlagt, de Centre médico mat sechs Milliounen Euro. Do gëtt elo driwwer nogeduecht, an do si mer och amgaangen eng Etüd ze maachen, ob et net vläicht besser wier, fir dat ofzerappen. Soudass mer do drun denken, dass mer de Médico fréistens an zwee bis dräi Joer ugoe kënnen. Deemno wat mer do wëlle maachen.

Dann hu mer zréckgestallt de Parking couvert an der Zone industrielle um Haneboesch mat 4,4 Milliounen Euro. D'Montée du Wangert, well mer do mat de Leit net eens ginn oder d'Leit net mat eis eens ginn, loosse mer mol esou soen. D'Rue Saint Pierre an d'Rue Jean-Baptiste Scharlé, do sinn 2,3 Milliounen Euro virgesinn, déi ginn eréischt ugefaangen dat Joer, nodeems de Chantier an der Schoul fäerdeg ass. Dofir hu mer déi zréckgesat.

De Rondpoint zu Nidderkuer hu mer zréckgesat, eng zweet Bëschcrèche, den Aménagement externe vum 1535° an d'Renovatioun vun der Meederchersschoul zu Nidderkuer. Beim Balcon Lasauvage feelt eis de Moment den Accord vun den dräi Proprietären. An der Villa Dune an an der Villa Hadir wësse mer, dass mer iergendwann eng Kéier nei Fënstere mussen asetzen, déi hu mer och zréckgesat.

Dës Projete kënne mer net direkt realiséieren. Ech hunn Iech virdrun erkläert firwat. Si sinn awer net vergiess. Mir mussen eng besser finanziell Situatioun ofwaarden, ier mer weider Suen an dës Projeten engagéiere kënnen. Et muss een éierlech zouginn, dass et de Moment net machbar ass, wann een en bon père de famille dës covidgeschwängert Situatioun geréiere wëllt.

Mir plangen awer weider. An zwar un neie Schoulen, eng zu Nidderkuer an eng um Woiwer. Mee do musse mer och nach eng Étude démographique ofwaarden, fir ze kucken, wéi d'Evolutioun am Quartier ass an ob de Besoin wierklech do ass, fir do Schoulen ze bauen. Fir de Lommelshaff hu mer e Reset gemaach. Mir hunn eng interessant Pist, déi mer hoffentlech geschwë konkretiséiere kënnen. Mir denken och drun, dass mer d'Musekschoul am ale Spidol an Zukunft ënnerbrénge kéinten. Dat si Saachen, wou een elo muss ufänken, lues a lues drun ze plangen. D'leschte Kéier hate mer hei d'Theema HPMA, Maison médicale avancée, do musse mir och drun denken, wéi mer eis do positionéieren.

Bref, et kann ee soen: „Il y a encore du pain sur la planche". Dat war et vu mir. Ech stinn Iech zur Verfügung fir eventuell Froen déi nächste Kéier. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Madamm Pregno, wannechgelift.

*l'agrandissement de l'école Saint-Pierre…*

*En 2021, le collège échevinal prévoit l'agrandissement de l'hôtel de ville, la construction du CID, le réaménagement de l'école Bock. Ces deux derniers projets prendront du retard. Dans le cas du CID, des archéologues sont en train d'analyser le terrain. Pour ce qui est de l'école Bock, des concertations sont en cours avec le ministère de l'Environnement.*

*La rénovation des bâtisses de Lasauvage coutera 1,6 million d'euros et le terrain de football du Woiwer 750 000 €.*

*Le chantier du terrain de l'AS ressemble à une histoire belge. L'Administration des ponts et chaussées n'a pas voulu que la commune prenne la direction des opérations. Mais la procédure est longue et le collège échevinal n'a d'autre choix que de patienter. Tom Ulveling craint que les travaux ne soient pas finis en 2021.*

*La construction du commissariat commencera l'année prochaine. Un parking de cent places est prévu dans les Woiwerwisen. La commune va refaire la cour de récréation de l'école Prince-Henri et l'escalier de la Miami University.*

*De nombreuses discussions ont eu lieu avec ArcelorMittal concernant le parking du contournement. Celui-ci ne pourra être construit que dans deux ou trois ans. Entretemps, le collège échevinal va faire construire un parking de 600 places au contournement. Plus tard, il pourra également aménager un deuxième parking sur le plateau des Hauts-Fourneaux. Un concours sera lancé cette année.*

*Le collège échevinal a reporté les projets Nelson-Mandela et la piste d'athlétisme. Il n'a pas encore décidé quoi faire du centre médicosocial. Le parking couvert du Haneboesch, la montée du Wangert, la rue Saint-Pierre, la rue Jean-Baptiste-Charlé, le rondpoint de Niederkorn, la deuxième crèche en forêt, l'aménagement extérieur du 1535°, la rénovation de l'École des filles de Niederkorn, le balcon de Lasauvage, la Villa Dune et la Villa Hadir sont également reportés en raison de la situation économique difficile. Tom Ulveling insiste sur le*

*fait que ces projets ne seront pas oubliés pour autant. Mais le collège échevinal veut agir en bon père de famille pendant la crise de la COVID-19.*
*La commune entend construire deux nouvelles écoles à Niederkorn et au Woiwer, mais elle attend les résultats de l'étude démographique. En ce qui concerne le Lommelshaff, le collège échevinal a une piste intéressante qui devrait se concrétiser bientôt. L'école de musique devrait emménager prochainement dans l'ancien hôpital. La Ville de Differdange devra se positionner quant au HPMA et la future maison médicale.*
*Bref, il reste du pain sur la planche.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que le budget 2021 est marqué par la pandémie et donc par des choix. Malgré tout, les investissements restent élevés.*
*Laura Pregno essaiera de se montrer brève, car il n'est pas évident de parler avec un masque. Les enseignants le savent bien. D'ailleurs, à l'école, ils font parler davantage les élèves.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Laura Pregno explique que la commune souhaite évaluer son bus sur appel. Elle est convaincue qu'il enrichit les transports en commun. Le collège échevinal tirera un bilan en 2021 après la phase de test pour ensuite améliorer le service.*
*Le Diffbus sera également analysé pour voir si les lignes sont encore adaptées.*
*Le collège échevinal doit réfléchir à la façon de convaincre les gens à recourir aux transports en commun et au vélo. Une des questions consiste à savoir s'il faut équiper les arrêts de bus d'un système d'affichage des horaires en temps réel comme dans d'autres grandes villes. Si l'arrêt est raccordé au réseau d'électricité, l'affichage pourrait se faire sur place. Autrement, les horaires pourraient être consultés grâce à une application mobile.*
*Cet été, le collège échevinal n'a pas vraiment pu s'occuper du vélo, car les problèmes étaient tout autres. Mais en 2021, il prévoit d'organiser une semaine de la mobilité comme il faut. Le marquage des pistes cyclables sera amélioré afin de rendre*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger, léif Press, wéi scho viru mir gesot ginn ass, ass de Budget 2021 e Budget, dee vun der Pandemie an deemno vu Choixe gezeechent ass. Choixen, wat ee kann a wat een och da wëll realiséieren. E Budget, deen zwar méi enk gestréckt ass, mee den Invest awer héich hält.

Ech wäert Iech elo kuerz duerch meng Ressorte féieren. Ech wäert probéieren, mech e bësse méi kuerz ze faassen, well mat Mask ass et effektiv ustrengend ze schwätzen. Mir als Enseignante wëssen et. An der Schoul hu mer et schonn e bëssen ëmgedréit. Dass mir d'Schüler méi schaffe loossen. Dofir wäert ech hei e bësse méi kuerz schwätzen.

2021 wäert et heeschen, den Dinola ze evaluéieren. Mir sinn eis eens, dass dëse Ruffbus eng immens Beräicherung fir eisen ëffentlechen Transport ass. Virun allem fir déi eeler Leit. No der Testphas am Ufank vum Joer 2021 wëlle mer e Bilan zéien, fir ze kucken, wat gutt a wat manner gutt gelaf ass. An deementspriechend do nobesseren, wou et néideg ass.

2021 wäerte mir den Diffbus eng Kéier op de Leescht huelen: Sinn d'Linnen nach adaptéiert? Oder musse mir e bëssi ëmstrukturéieren, fir dësen eisem gelieften Alldag unzepassen?

Wien upasse seet, seet sécherlech och moderniséieren an optimiséieren. Wéi kréie mir d'Leit dozou, méi op den ëffentlechen Transport an op de Vëlo zréckzegräifen? Sécherlech musse mir do Efforte maachen, fir dës méi attraktiv ze gestalten. Sou wëlle mir eis Busarrêten, wéi an anere grousse Stied, mat engem System ekipéieren, wou den Affichage vun den Horairen en temps réel funktionéiert. Entweeder direkt visibel, do, wou mer d'Méiglechkeet hunn, eng digital Uweis ze maachen, wou eis Arrêten eeben un Stroumnetz ugeschloss sinn. Oder via Scan a verbonne mat Appen, wou dat net méiglech ass.

2021 wëlle mir et besser maache wéi 2020, wat de Vëlo ugeet. Vu Vëlosummer 2020 brauche mir zu Déifferdeng net ze schwätzen. Mir waren dee Moment definitiv mat aneren Theeme beschäftegt. Mee mir huelen dëst 2021 gären no a wëllen e flotte Programm starten, mat enger Mobilitéitswoch, déi derwäert ass. Fir eis Vëlosweeërnetzer besser visibel ze maachen, wäerte mir de Marquage vun dësen op de Leescht huelen an definitiv verbesseren, fir dass mir eis Vëlosfuerer och besser drainéiert kréien a fir hir Sécherheet suerge kënnen.

Des Weidere kréie mir oft bericht, dass vill ze schnell gefuer gëtt, d'Leit d'Vitessen net respektéieren a kee Respekt vis-à-vis vum Foussgänger wär. Mir wäerten net just d'nächst Joer, mee all déi kommend Joren, no an no all Quartier duerchhuelen, fir genee ze kucken, wat mir wou kënne maachen, fir dem Auto genuch, awer net ze vill Plaz ze loossen an d'Limitte vun der Cohabitatioun vun de verschiddenen Acteuren an der Mobilitéit vläicht erëm méi genee ze definéieren.

Den Auto muss op verschiddene Plazen definitiv eraus. Sou installéiere mir Bornen, déi erop an erof kënne gemaach ginn, op zentral wichtege Plazen, wou et leider ouni net méi geet. Leider ass dat en immens deiert Ënnerfaangen, mee en immens wichtegt, wat d'Sécherheet vun de Foussgänger, Awunner, awer virun allem de Kanner ugeet.

Eraus kann den Auto net iwwerall. Awer et gëtt Plazen, virun allem bei grousse Schoulcampussen, wou den Auto fir vill ze vill Duerchernee responsabel ass. Sou wëlle mir eis déi Stroossen nach eng Kéier genau ukucken a mat Leit aus dem Secteur nei Iddien opgräifen, fir vläicht en Amenagement ze maachen, wat méi flott ass wéi dat, wat aktuell besteet.

Amenagement ass dann och d'Stéchwuert fir mäin zweete Ressort, den Urbanismus an d'Stadentwécklung. Dat ass e Ressort, deen oft a Vergiessenheet geréit, well en um Terrain net esou visibel ass. An dobäi ass en awer virun allem am Virfeld immens wichteg. Eis Urbanisten-Ekipp beréit eis am Virfeld bei sou munche Projeten. Dofir sinn och dëst Joer eng Rei Sue virgesinn, fir Etüden ze aktualiséieren. De PAG ass duerch d'Pandemie e bëssen a Verzuch geroden. Mir waarden do nach op den néidegen Avis. An da wäert do eng Rei Aarbecht op eis duerkommen.

Des Weidere steet an dësem Ressort, den Här Ulveling huet et scho gesot, d'Erschléissung vum Plateau des Hauts-Fourneaux a vum Contournement am Zentrum. Mir sinn eis bewosst, dass dës Terrainen eng wichteg a virun allem elementar Roll an der zukünfteger Stadentwécklung spillen. Mir brauche sécherlech, a wéi am Budget virgesinn ass, Parkraum. Mee mir stellen eis wichteg Froen, wat déi weider Funktionalitéiten ugeet. Fir eis do awer selwer net am Wee ze stoen a virun allem och deene Leit net am Wee ze stoen, déi no eis kommen, wëlle mir eis do beschtméiglech berode loossen.

Wa mir vu Funktionalitéite vun enger Stad oder vun engem Quartier schwätzen, denke mer bei der Stadentwécklung sécherlech un dat villfältegt Liewen an enger Stad. Villfälteg, well et vill verschidde Facetten an enger Stad gëtt. Leider sinn e puer dëser Facetten an de leschte Joren hei zu Déifferdeng e bëssen ageschlof. An d'Pandemie hëlleft och do leider net weider. An deem Sënn, a wéi d'Madamm Buergermeeschtesch et virdru gesot huet, hu mir eng Rei Sue virgesinn, fir eise lokale Commercen iwwert dës schwéier Zäit ewechzehëllefen.

Et geet allerdéngs net nëmmen duer, Pompjee ze spillen a grad ze hëllefen, wann et scho brennt. Mir probéiere proaktiv ze schaffen. Sou huet zënter engem Joer eise City-Manager scho vill ëmgesat an u ville klenge Projete geschafft. Mir wäerten eis an noer Zukunft méi genee iwwert d'Kafverhale vun den Déifferdenger informéieren, fir esou besser ze cibléieren, u wat et läit, dass d'Déifferdenger Geschäftswelt et esou schwéier huet.

Dobäi kommen nach weider Projeten, wéi de Pop-up-Store an der Rue du Parc Gerlache oder Iddie vun engem Multi- oder Concept-Store, engem flotte Café, wou Elteren a Kanner sech treffe kënnen – dëst natierlech ausserhalb vun enger Coronapandemie –, an der Sich no neie Geschäftsiddien, souwuel am Eenzelhandel wéi an der Horesca.

D'Zesummenaarbecht, souwuel mat Déifferdenger Acteure wéi der ACOMM, der LCAD, eisem Comité d'accompagnement économique, awer och nationalen Acteure wéi Letzshop, Uni oder LIST gëtt der Aarbecht vum City-Manager eng 360-Grad-Vue vun der Situatioun an deemno erméiglecht et eis, Usätz vu Léisungen ze fannen.

Da géif ech gäre schonn zu mengem leschte Punkt kommen. Ouni deen ech all déi virdru vläicht guer net hätt missen ernimmen. De Volet écologique. Ech mengen, ech brauch heibanne kengem ze soen, dass mir ouni eis Ëmwelt, a virun allem eng liewenswäert a gesond Ëmwelt, zu net vill kommen. Ëmsou méi wichteg ass et, dass mir do déi néideg Akzenter setzen.

Sou musse mir Efforte maachen, wat d'Legislatur hisiichtlech vum Pollueur-Payeur ugeet an eis punkto Offallgesetzer nach méi druginn. Woubäi mir haut schonn net schlecht do stinn. Well verschidden Offallkäschten an d'Luucht gaange sinn, ass de Budget, zum Beispill fir eise Recyclingszenter, an d'Luucht gaangen. Mir wäerte mussen all eis Poubellen chippen, fir genee ze kucken, wéi d'Bevëlkerung mat hirem Offall ëmgeet. An och do de Prinzip vum Pollueur-Payeur weider konsequent ëmsetzen.

De Klimapakt 2.0 wäert verstäerkt en Defi sinn. Mat eisem nei opgestallte Klimateam an deenen néidege Finanzmëttelen, denken ech, si mir gutt opgestallt. Weiderhi wäerte mir d'Leit incitéieren, fir an déi alternativ Energien ze investéieren an och vun de Subsiden ze profitéieren.

Och als ëffentlechen Träger investéiere mir weider an erneierbar Energien, stelle Fläche fir Solaranlagen zur Verfügung a promouvéiere weiderhin en nohaltegen Ëmgang mat eise Ressourcen.

Doduerch, dass eis Bamekipp – oder wéi aner Leit se nennen, eis „Bamflüsterer" – sech zu enger Partie intégrante vum Gemengeliewe gemausert huet a mir hir Aufgab als immens wichteg a wäertvoll betruechten, sinn déi Poste fest am Budget verankert. Et geet net nëmmen ëm déi alldeeglech Fleeg vun dësem Patrimoine, et geet och dorëms, dëse Patrimoine an eiser Gesellschaft esou ze verankeren, dass en ni méi aus dem Stadbild ewechzedenken ass. Dofir musse mir eis ekipéieren. Ekipéieren, fir eis Beem duerch ëmmer méi dréchen a laang Summeren ze kréien. Mir investéieren zum Beispill an en neien Trak-

*le réseau de pistes plus sûr et plus visible.*
*Les habitants interviennent souvent auprès de la commune parce que les automobilistes ne respectent pas les limitations de vitesse. Le collège échevinal va analyser chaque quartier pour s'assurer que la voiture n'y occupe pas une place trop importante. Il s'agira notamment d'installer des bornes dans les sites centraux pour empêcher les voitures d'y circuler. Cela coutera cher, mais il y va de la sécurité des piétons, des riverains et des enfants. Bien sûr, il n'est pas question d'éliminer les voitures. Mais à proximité des campus scolaires par exemple, les voitures causent du désordre. Il devrait être possible d'aménager ces routes de manière différente.*
*L'urbanisme fait aussi partie des ressorts de Laura Pregno. Il s'agit d'un ressort moins visible sur le terrain, mais très important. Le budget de 2021 prévoit l'actualisation de plusieurs études.*
*Le PAG a pris du retard à cause de la pandémie.*
*Monsieur Ulveling a parlé de la viabilisation du contournement et du plateau des Hauts-Fourneaux. Ces terrains jouent un rôle élémentaire dans le futur développement urbain. Il est clair que Differdange a besoin de plus de places de stationnement. Mais le collège échevinal s'interroge sur les autres fonctionnalités. Une ville comprend de nombreuses facettes. Malheureusement, certaines facettes de Differdange se sont endormies au cours des dernières années et la pandémie n'a pas aidé.*
*Comme l'a dit la bourgmestre, le collège échevinal prévoit de soutenir le commerce local. Depuis un an, le city manager a mis en place de nombreux petits projets. Désormais, il s'agit de procéder à une évaluation pour comprendre pourquoi le commerce differdangeois souffre tant. Laura Pregno mentionne d'autres projets comme un popup store dans la rue du Parc Gerlache, un concept store ou un café, où parents et enfants peuvent se rencontrer. Le city manager collabore avec l'ACOMM, le comité d'accompagnement économique, Lëtzshop, LIST…*

*Laura Pregno passe au ressort de l'écologie. Differdange a besoin d'un environnement en bonne santé. Parmi les priorités figurent des mesures concernant le concept du pollueur-payeur et le règlement sur les déchets. L'échevine signale que le budget alloué au centre de recyclage a augmenté. Toutes les poubelles seront munies de puces électroniques pour voir comment les habitants se débarrassent de leurs ordures.*

*Le pacte climat 2,0 représente un défi. Laura Pregno mentionne le nouveau Klimateam. Le collège échevinal entend par ailleurs inciter les citoyens à investir davantage dans les énergies renouvelables et à profiter des subsides. La Ville de Differdange investit de son côté dans les énergies renouvelables, met à disposition des surfaces pour les installations solaires et fait la promotion d'une utilisation durable des ressources.*

*L'équipe s'occupant des arbres — également connue sous le nom de « ceux qui murmurent aux arbres » — joue un rôle important, ancré dans le budget. Elle participe à la planification des projets de réaménagement. La commune doit par ailleurs notamment acheter de l'équipement pour faire face aux étés longs et secs.*

*Le pacte nature, le nouveau projet du ministère de l'Environnement, ne figure pas encore dans le budget, parce que le collège échevinal ne peut pas encore en évaluer l'impact.*

*Laura Pregno n'a pas voulu mentionner les chiffres, mais communiquer des idées. Les conseillers communaux auront le temps d'étudier le budget au cours des prochaines semaines. Elle s'attend à des prises de position chouettes à ce moment-là.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que la Ville de Differdange a été confrontée à deux défis importants depuis un an et demi : le changement de bourgmestre et la pandémie de coronavirus. Jusqu'à mars 2020, le monde industrialisé considérait son mode de vie et la santé comme des normalités. Et voilà qu'un petit virus force tout le monde à revoir son mode de vie.*

ter, dee mat enger Waasserzëttär ekipéiert ass.

Och ass eis Bamekipp ëmmer méi a Reamenagementsprojeten involvéiert. Einfach fir ze garantéieren, dass et eise Beem gutt geet, se respektéiert a gefleegt ginn, genuch Wuerzelraum hunn an hir Wuerzelen och genuch Waasser kréien.

Ee Punkt, dee vläicht d'Kenner ënner Iech am Budget vermëssen, ass den Deel iwwert den Naturpakt. En neie Projet vum Ëmweltministère, fir d'Protektioun vun der Natur an den natierleche Ressourcen. Well mir do nach net genee wëssen, wéi een Impakt dëse gär gesinne Projet wäert hunn, ass dësen net libelléiert. Ech denken awer, dass en zum néidege Moment awer hei Uklang fanne wäert.

Ech wollt Iech net zouschëdde mat Zuelen, mee éischter e puer Iddie mat op de Wee ginn, wéi mir eis dat nächst Joer virstellen. Déi passend Zuele fannt Dir am Dokument. Ech denken, Dir hat an Dir wäert nach déi nächst Wochen Zäit genuch hunn, dat am Detail ze studéieren. An da sinn ech iwwerzeegt, kommt Der sécherlech mat engem ganz flotte Feedback an e puer Wochen op eis zréck. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Mangen, wannechgelift.

### SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Déifferdeng war als Stad an de Beräicher Administratioun a Politik dat lescht annerhalleft Joer mat zwee schwerwiegende Belaaschtunge konfrontéiert: een noutgedrongene Buergermeeschterwiessel an d'Coronapandemie. Viru Mäerz 2020 huet déi sougenannten ziviliséiert an industriell Welt am Iwwerfloss gelieft. Onse Wuelstand, ons Liewensweis a Gesondheet gouf als eng selbstverständlech Normalitéit ugesinn. Ee klengen, net emol selwer liewensfäege Virus, hält der ganzer Mënschheet e Spigel virun Aen a reegt ons all un, wann och ongewollt, ons Liewensweis ze iwwerdenken.

Un ons all läit et, dës schwéier Laascht unzehuelen an ons Liewensaart der neier Realitéit unzepassen. An dësem Sënn wëll ech dee virleiende Budget an nämmen zwee Punkte kuerz duerchliichten.

Bei deenen zukünftege Projete musse mir konsequent a besonnen iwwerleeën, wéi mir ons finanziell Mëttel asetzen, fir déi kommend Generatiounen net onnéideg ze belaaschten. Heizou gehéiert, besteeënd Projeten nei anzeschätzen an eventuell och zukünfteg Projeten zréckzestellen.

De Budget ass eng Sammlung vu rational, gefillslosen an niichteren Zuelen. Dëse Gemengenhaushalt gëtt vu 750 Leit an onse Gemengeservicer verwalt an ausgefouert. Déi ufanks beschriwwen Duebellaascht hat, verständlecherweis, och d'Gemengepersonal bedréckt. Virop hinnen all e grousse Merci fir hiren alldeeglechen Asaz fir d'Wuel vun onse Biergerinnen a Bierger.

Als Schäfferot hu mir feststelle mussen, datt och a Krisenzäite sech suboptimal lafend Virgäng als problematesch entwéckelen. Et geet net nëmmen duer, onsem Gemengepersonal nei Gebailechkeeten zur Verfügung ze stellen, neit Stadhaus oder CID. Déi aktuell archaesch Ofleef mussen u modern Zäiten ugepasst ginn: Digitaliséierung, Archivéierung, Reorganisatioun vun der Aarbechtsweis innerhalb vun de verschiddene Servicer, reiwungslos Zesummenaarbecht tëschent de Servicer an dem Schäfferot.

Dës revidéiert beruflech Beschäftegung verlaangt vun allen implizéierte Parteien ee groussen Asaz a Beméiungen. Mënschlechkeet ass gefrot. Lamentéieren ass passé. Besënnung ass d'Zukunft. Wa mir dës Erausfuerderunge meeschteren an deenen nächsten zwee an halleft Joer, hu mir vill erreecht.

Da kommen ech kuerz zu menge Ressorten. Fir d'éischt d'Bibliothéik an d'Archiven. De Budget vun der Bibliothéik bleift dat nächst Joer onverännert. Leedeglech ass de Montant vum Lundi littéraire mat 10.000 Euro e bësse méi héich dotéiert. Dat, dat hat ech d'lescht Joer och scho gesot, wéinst dem Kommen, hoffentlech, vum Ro-

mancier a Schauspiller Éric-Emmanuel Schmitt, deen dëst Joer pandemieméisseg net komme konnt.

All Aktivitéiten an der Bibliothéik selwer sinn ofgelaf, pandemieméisseg ugepasst. Zum Beispill Bib fir Kids hu mer duerchgefouert. Mee amplaz vu 15 Kanner konnte mer jeeweils nëmmen aacht betreien.

Et ass ze hoffen, datt déi nächst Joren all déi aner Aktivitéiten erëm normal kënne lafen. Virun allem onse Bichermaart, dee mer ënner enger neier Form am Hall O wëllen opzéien.

Par contre, d'Ausgabe vun den Archiven huelen dëst Joer e bëssen zou, mat 60.000 Euro fir den Akaf vun engem Logiciel de gestion. Dëse Logiciel erlaabt ons, d'Gestioun an d'Exploitatioun vun den Archiven ze rationaliséieren, eng Automatisatioun vu verschiddenen Archiv-Schrëtt, fir esou méi Zäit ze gewannen an eng besser Professionalisatioun vun den Archiven ze kréien. Dat heescht dann och eng Traçabilitéit an eng Sécherheet vun onsen Dokumenter an eng besser Diffusioun vun den Donnéeën innerhalb vun onser Administratioun.

Weider 40.000 Euro si virgesinn, fir déi besteeënd Dokumenter, déi an de Regaler an onsen Archive stinn, ze digitaliséieren.

Och dëst Joer maachen ech en Opruff un d'Privatleit, d'Veräiner an d'Associatioune vun Déifferdeng, wa si Archivmaterial iwwert d'Veräinsliewen zu Déifferdeng oder historesch Dokumenter hunn, se ons zur Verfügung ze stellen, datt mir se digitaliséiere kënnen oder eventuell och fir si opzebewaren.

D'Museksschoul hunn ech schonn a viregte Gemengeréit ugesprach. Ons Museksschoul kascht ons insgesamt 2,6 Milliounen Euro. Wouvu mer eng Millioun Euro als Subsid vum Staat kréien. 20.000 Euro si virgesinn, fir Instrumenter ze kafen. D'Ufuerderungen un ons Museksschoul sinn nieft hirer üblecher Léierfunktioun vu Musek ganz villfälteg. Si mussen neierdéngs den Éveil musical an onse Schoulen organiséieren, um kulturelle Liewen an onser Stad deelhuelen; si hëllefe bei der Organisatioun vun engem Jugendchouer, dee fir Esch 2022 virgesinn ass, a si wäerte sech um Konzept vu Streetworker bedeelegen. Wou ech spéiderhin nach drop aginn.

Trotz Corona-Restriktiounen a méi enke finanzielle Mëttel solle mir ons asetze fir eng Weiderentwécklung vun onser temperamentvoller Museksschoul op engem Site unique, eventuell zesumme mat onse Museks- an Danzveräiner.

Am Beräich vum Handicap wëlle mir progressiv ons Stad gerecht ëmgestalte fir Personnes à mobilité réduite. Déi zukünfteg Bauten, ënnert der Responsabilitéit vun der Gemeng, gi vun Ufank u behënnertegerecht konzipéiert. Déi existent Gebaier gi mat Hëllef vun ADAPTH kritesch beliicht an deene modernen Ufuerderunge fir Personnes à mobilité réduite ugepasst. Viru Kuerzem hate mer den Hall O préiwe gelooss. An do krute mer schonn etlech Verbesserungsvirschléi ënnerbreet.

D'Sécherheet. Sécherheet ass en heikelt Theema, wat d'Gemidder warscheinlech och dëst Joer a Wallung brénge wäert. Et stinn nach keng Kameraen am Parc Gerlache. D'Kabele sinn awer scho geluecht, an d'Kamerae sinn a Këschten am CID prett, fir opgeriicht ze ginn. Et feelt nëmmen nach um Gesetz, wat an der Chamber Enn dëses Joers oder spéitstens Ufank nächst Joer gestëmmt gëtt, laut dem Här Minister Kox, dee virun zwee Méint an onser Gemeng war, mat héichrangeger Polizeibegleedung. Mir hunn och ugefrot, Kameraen a Schoulhäff opstellen ze kënnen, wou vill Vandalismus besteet.

D'Sécherheetsfirma mécht och dat nächst Joer d'Iwwerwaachung vum Parc Gerlache an dem Parc Dune, Spillplazen a Schoulhäff. Leider musse mir op dës Auswäertshëllef zréckgräifen, bis mir ausräichend Polizisten an onser Stad zur Verfügung kréien. Hei krute mer och bei der Visitt vun dem Här Minister zougesot, datt mir eng vun deenen éischte Gemenge wären, déi zousätzlech Polizeibeamte kréichen, wann déi zur Verfügung stéingen.

Besonnesch freeën ech mech iwwert den Ufank vum Bau vum Policekommissariat um Parking Contournement, wou ons Beamte vernënfteg a modern Aarbechtsbedéngunge kréien. Dat kéint

*Chacun d'entre nous doit désormais s'adapter à la réalité.*
*Le collège échevinal a dû réfléchir à la façon d'utiliser les moyens économiques sans hypothéquer les possibilités des générations futures. C'est pourquoi il a fallu reporter certains projets.*
*Le budget est constitué d'une suite de chiffres. Il est géré par 750 personnes travaillant dans les services communaux. Robert Mangen remercie le personnel pour son engagement quotidien pour le bien des citoyens.*
*Il constate qu'il ne suffit pas de lui mettre à disposition de nouveaux bâtiments comme l'hôtel de ville ou le CID. La façon dont se déroulent les tâches doit être modernisée. Robert Mangen parle de numérisation, d'archives, de réorganisation de la façon de travailler dans les services, de collaboration entre les services et avec le collège échevinal… Toutes les parties doivent faire des efforts. Se lamenter ne sert à rien. Il faut réfléchir.*
*Robert Mangen passe au ressort de la bibliothèque et des archives. Le budget pour le Lundi littéraire augmente de 10 000 €. Les activités de la bibliothèque ont été adaptées à la pandémie. Seuls huit enfants par exemple ont participé à Bib for Kids. Robert Mangen espère qu'en 2021, toutes les activités se dérouleront comme prévu.*
*Les dépenses des archives augmentent de 60 000 € pour l'achat d'une application permettant de rationaliser la gestion et l'exploitation des archives. Il s'agit d'améliorer la traçabilité, la sécurité et la diffusion des documents. Quarante-mille euros serviront à numériser les documents existants. Robert Mangen lance un appel aux particuliers et aux associations : ils doivent contacter la commune s'ils possèdent des documents historiques.*
*L'école de musique coute 2,6 millions d'euros. L'État verse un subside d'un-million d'euros. Vingt-mille euros serviront à acheter des instruments. L'école de musique organise l'éveil musical dans les écoles, participe à la vie culturelle, soutient Esch 2022… Robert Mangen estime qu'il faut s'investir pour le développement de l'école de mu-*

*sique sur un site unique — éventuellement avec les associations de musique ou de danse.*
*Le collège échevinal veut transformer la ville pour la rendre plus accessible aux personnes à mobilité réduite. Les nouveaux bâtiments seront construits de manière adaptée et les anciennes bâtisses seront évaluées et réaménagées. Adapt a analysé le Hall O récemment et a proposé des améliorations.*
*La sécurité est un thème délicat qui chauffe les esprits. Il est vrai que les caméras de surveillance n'ont pas encore été installées au parc Gerlache, mais les câbles ont été posés et les caméras se trouvent au CID. Le ministre Kox a promis que la loi permettant de les mettre en place serait votée au plus tard au début de l'année prochaine. Le collège échevinal veut aussi installer des caméras dans les cours de récréation.*
*Une société de sécurité continuera à surveiller le parc Gerlache, le parc Edmond-Dune, les aires de jeux et les cours de récréation. Le ministre Kox a assuré le collège échevinal que Differdange serait une des premières communes à obtenir plus de policiers. Robert Mangen attend avec impatience la construction du nouveau commissariat au contournement. Entretemps, il faudrait améliorer les conditions de travail des agents. Robert Mangen demande aux habitants de dénoncer les actes criminels.*
*Le collège échevinal prévoit par ailleurs de limiter les nuits blanches pour les établissements ne respectant pas le règlement de police. Il compte aussi acquérir plusieurs maisons autour du parc Gerlache — principalement dans la rue Michel-Rodange — pour favoriser la mixité sociale et l'ouverture de cafés mieux adaptés. La commune va aussi recourir à des éducateurs de rue. Robert Mangen estime qu'il faut aussi supprimer les endroits sombres comme le long de la voie ferrée ou à proximité des garages dans le centre.*
*Le tourisme a été freiné par la pandémie. Le Fond-de-Gras en a souffert. La contribution des communes de Differdange et Pétange ainsi que de l'État suffit à peine à couvrir les frais courants. Difficile*

och en Attrait sinn, fir méi Polizisten op Déifferdeng ze kréien.

Mir haten hinnen, wéi d'Police an de Minister hei zu Déifferdeng waren, och Virschléi gemaach, fir d'Aarbechtsbedéngunge vun der Police ze verbesseren. Ënner anerem am administrative Beräich. Datt se e Sekretariat zur Verfügung kréichen, wou déi administrativ Aarbecht gemaach géif, datt d'Police méi Zäit hätt, fir um Terrain ze schaffen.

Och jidder eenzele Bierger a Biergerin ass gefuerdert bei der allgemenger Sécherheet vun onser Stad: Bei Gesetzwiddregkeeten a Strofdoten, mellt Iech bei der Police an deelt hinnen d'Plaz mat, wou d'Vergeeë geschéien. Op dës Aart a Weis kënne mir déi brenzeleg Plazen an der Gemeng agrenzen.

Als Gemeng gesi mir nach follgend Moossname vir: begrenzt Fräi Nuechten. Bei Kaméidi op den Terrassen. Wa sech do net un d'Polizeireglement gehale gëtt, gi se zougemaach. Mir huele Kontakt op mat de Verantwortleche vun de Brasserien, och wa Piechter d'Polizeireglement net anhalen, a verlaangen op deem Wee, datt se sech un ons Reegelen halen.

Mir versichen, verschidden Haiser ronderëm de Parc Gerlache, haaptsächlech an der Rue Michel Rodange, opzekafen, fir hei eng Bevëlkerungsmixitéit ze favoriséieren a méi frëndlech Caféen ze kreéieren. Aféiere vun engem Streetworker-Konzept, dorop kommen ech spéiderhin am Office social nach eng Kéier zréck.

Bei der Stadentwécklung musse mer oppassen, dat huet d'Madamm Pregno och scho gesot, datt mer déi donkel Ecker vermeiden. Zum Beispill laanscht d'Eisebunn am Zentrum, wou déi Garagë stinn, versiche mer, déi Plaz e bëssen ze verbesseren, andeem mer d'Garagë kafen, fir do méi e frëndlechen Eck anzeriichten. An eventuell och op anere Plazen.

Da kommen ech zum Tourismus. D'Coronapandemie huet den Tourismus wäitgoend agedämmt. Wéinst dem Lockdown an duerno de bleiwenden Aschränkungen am Transportwiesen, huet de Fond-de-Gras mat sengem Train 1900 an der Minièresbunn staark gelidden. Wat dës Associatiounen op hir finanziell Limitt bréngt.

De Gemengebäitrag fir de Minett Park Fond-de-Gras bleift konstant bei 89.000 Euro. Zesumme mat de Bäiträg vu Péiteng an dem Staat komme mir op e Posten, dee just erlaabt, déi gängeg Käschten ze decken. Vill bleift net méi iwwreg, fir an Zukunftsprojeten ze investéieren. Hei musse sech déi dräi Parteie gemeinsam un en Dësch sëtzen an eng sachlech Léisung fanne fir d'Zukunft.

Fir déi zukünfteg Weichen ze leeë vum gesamte Site Fond-de-Gras, huet de Conseil d'administration vum Minett Park engem franséische Bureau d'études mat deem schéinen Numm Maîtres du Rêve den Optrag ginn, ee Plang opzestellen, wéi een dëse Site valoriséiere kéint an touristesch weiderentwéckelen. Eng Auswäertsexpertis iwwert d'Aarbecht an d'Entwécklungsméiglechkeete vum Fond-de-Gras si sécherlech vu Virdeel. Ech hoffen, datt domat déi begrenzten an engstirnesch Bléck beaflosst ginn. Dëse Projet kascht ongeféier 50.000 Euro, déi awer vum Ministère de la Culture an Tourismus iwwerholl ginn.

De Besucherzentrum ass net vergiess. Hei muss awer de PAG, virun allem vun der Gemeng Péiteng, nei ugepasst ginn an d'Kanalisatioun nei geluecht ginn. Dee leschte proposéierten Architekteplang vum Besucherzentrum koum gutt un, bei alle Partner. Leider gouf et awer erëm Diskussiounen iwwert de genauen Emplacement. Dofir lafen hei och erëm Gespréicher mat der Ëmweltverwaltung, wou mer dat richteg kënnen histellen.

E bësse méi en erfreeleche Punkt ass d'Entwécklung vum Gîte rural. Deen ass schonn ugesprach ginn. Wou e Minièreshaus zu Lasauvage renovéiert gëtt an dem Minett-Red-Rock-Trail zur Verfügung gestallt gëtt. Et sinn eelef Gîten, déi iwwerall an de Südgemenge verdeelt sinn. Déi sinn och alleguer matenee verbonnen.

Déi aner véier Haiser, um Site unhängend vun der Place Saintignon, ginn och renovéiert an dem touristeschen Zweck zougefouert.

Da stinn am Budget nach 70.000 Euro fir d'Revalorisatioun vu Lasauvage.

Hei ass eng Etüd vum däitsche Studio klv duerchgefouert gi fir déi touristesch Entwécklung vun dësem pittoresken Duerf. Abegraff sinn och eng Opwäertung vun de Muséeën, vun de Wanderweeër am Duerf selwer a ronderëm d'Duerf wéi dem ugrenzende Frankräich, d'Abanne vum kulturelle Liewen an der nei renovéierter Kierch mat hiren neie gréngen Alentouren.

Nieft der Securisatioun vun der Minn Renkert gëtt och eng Digitaliséierung vun der Minn gemaach, déi ons erméigleche soll, een dräidimensionale Film ze maachen iwwert déi deemoleg Aarbechtsbedéngungen an der Minn. Dës Mediashow soll fir 2022 fäerdeg sinn a ka spéiderhin an engem Musée oder am Besucherzentrum vum Fond-de-Gras ënnerbruecht ginn. De Projet gëtt deelweis subsidéiert vun Esch 2022. Mir hunn d'Zouso kritt.

Fir de Fond-de-Gras hu mir d'lescht Joer Bänken an Dëscher kaaft, fir Fester um Site ze organiséieren a soumat eng Quell vu Recetten ze generéieren. De gesamte Site kann natierlech gelount a benotzt gi fir Evenementer a Feieren. Firwat net och dëse Site benotze fir kulturell Aktivitéiten a Coronazäiten? Vill Spektakele kéinten ënnert dem fräien Himmel an enger flotter Kuliss oflafen. De Publikum kéint mat Bussen oder dem Train 1900 op d'Plaz gefouert ginn. Kommt, loosst ons och an der Corona-Lethargie léieren, erëm kreativ an innovativ an d'Zukunft ze blécken.

Zum soziale Volet. Trotz der finanziell ugespaanter Situatioun mécht déi Déifferdenger Gemeng keng Aschränkungen am soziale Beräich. „Déifferdeng, eng Stad hëlleft" zweigt och d'nächst Joer 0,25 % vu sengem ordinäre Budget of, fir Projeten an Drëttweltlänner ze ënnerstëtzen. Dat mécht fir dat nächst Joer ëmmerhin 308.000 Euro aus.

D'Allocation de solidarité loosse mir dëst Joer och héich, bei 1,1 Millioun Euro. Iwwert d'Verdeelung vun dëser Hëllef hu mir op d'Entwécklung vun der Allocation de vie chère vum Staat gewaart. Et gesäit esou aus, wéi wann de Staat dës Hëllef dat nächst Joer ëm 10 % erhéicht. An net wéi dëst Joer verduebelt. Hei musse mir ons nach an deene verschiddene Kommissioune beroden, wéi mir als Gemeng kënne virgoen. Ech kéint mer virstellen, datt mer opgrond vun der aktueller Pandemie-Entwécklung déi selwecht Hëllef bäibehale wéi dëst Joer.

De CIGL gëtt mat 300.000 Euro ënnerstëtzt, fir een Deel vu senge Funktiounskäschten ze droen, virun allem Personalkäschten. Weiderhi gi 50.000 Euro engagéiert, fir divers Projeten ze realiséieren. Zum Beispill Aarbechten am Lommelshaff, Renovéierung vum Pavillon am Park Grouwen an e Fitnessparcours op där selwechter Plaz.

Hei och: Denkt, wéi fir ons Geschäftswelt, lokal. Benotzt déi verschidde Servicer, déi vun dëser Aarbechtsinitiativ ugebuede ginn.

Zu gudder Lescht kommen ech op de Projet Senior Plus an den drëtten Alter. Virop eng kleng Statistik. Zu Déifferdeng liewen 3.000 Leit am Alter tëschent 60 a 75 Joer a 1.460 an enger Alterstranche vu 75 bis 95+. Dat sinn ëmmerhi 16 % vun der gesamter Populatioun.

De Service Senior Plus gouf dëst Joer opgrond vun der Pandemie besonnesch gefuerdert. Mir waren eng vun deenen éischte Gemengen, déi fir ons eeler Matbewunner akafe gaangen ass an och déi Leit iwwer 75 Joer telefonesch kontaktéiert huet, fir no hirem Befannen ze befroen. Dat waren ëmmerhi 1.460 Uriff, déi getätegt goufen.

Bis zum jëtzegen Zäitpunkt si Commandë vun 163 Leit erakomm. D'Madamm Buergermeeschtesch huet dat scho gesot. An och 470 Akeef a Supermarchéë getätegt ginn. Dës Hëllef gëtt bäibehalen. Net nëmmen a Pandemieszäiten, mee och wa Krisenzäite sinn oder bei Canicullen am Summer, wou d'Leit sech och net fräi beweege kënnen.

Bis elo huet de Service funktionéiert mat annerhallwer Persoun. Ab nächst Joer gëtt d'Ekipp mat enger zousätzlecher Persoun verstäerkt.

Follgend Attributioune falen ënnert de Service Senior Plus: déi sozial Hëllef, Demandë fir CIPA an Assurance dépendance, Mise en place vu Soins à domicile, administrativ Hëllefen, sozial Problemfäll ofdecken, Hëllef beim Partnerdoud. Viru Kuerzem koum d'Kontroll

*dans ces conditions d'investir dans des projets d'avenir. En attendant, le conseil d'administration du Minett Park a chargé un bureau d'études français, Maitres du rêve, d'analyser la façon de valoriser le site et de développer le tourisme. Robert Mangen espère que cette étude permettra d'élargir certaines vues. Le projet coute 50 000 € et sera financé par le ministère de la Culture.*

*En ce qui concerne le centre pour visiteurs, la commune de Pétange doit modifier son PAG et les canalisations doivent être refaites. Les partenaires ont apprécié les derniers plans d'architecte, mais ne se sont pas mis d'accord quant à l'emplacement. Des discussions sont en cours avec l'Administration de l'environnement.*

*Le gite rural de Lasauvage sera mis à disposition du Red Rock Trail. Onze gites seront ouverts à travers les communes du Sud. Les quatre autres maisons de la place Saintignon seront rénovées et affectées au tourisme.*

*Le budget prévoit 70 000 € pour la revalorisation de Lasauvage. Un bureau allemand a réalisé une étude. Il s'agit de mettre en valeur les musées, les chemins de randonnée et la vie culturelle dans l'église rénovée.*

*La mine Renkert va être sécurisée et numérisée. Un film en 3D présentera les conditions de travail dans l'ancienne mine. Le projet est subventionné par Esch 2022.*

*L'année dernière, des bancs et des tables ont été achetés pour organiser des fêtes au Fond-de-Gras. Robert Mangen propose par ailleurs d'y organiser des spectacles à ciel ouvert en temps de crise sanitaire. Des bus et le train 1900 transporteraient les spectateurs sur place.*

*Malgré la situation financière difficile, le volet social reste une priorité. Le collège échevinal destine 0,25 % du budget ordinaire à l'aide humanitaire dans les pays du tiers monde. Cela représente 308 000 €.*

*Le collège échevinal alloue 1,1 million d'euros à l'allocation de solidarité. L'État devrait augmenter l'allocation de vie chère de 10 % l'année prochaine au lieu de la doubler comme cette année. Il faudra*

*voir avec les commissions ce que fera Differdange.*
*La Ville de Differdange soutiendra le CIGL avec 300 000 €. Cinquante-mille euros serviront à réaliser des travaux au Lommelshaff, au parc Grouwen… Robert Mangen demande à la commune de recourir au CIGL quand c'est possible.*
*En ce qui concerne Senior Plus, l'échevin rappelle que 3000 personnes âgées de 60 à 75 ans et 1460 personnes âgées de 75 à 95 ans vivent à Differdange. Cela représente 16 % de la population. Pendant la crise du coronavirus, Differdange a été une des premières communes à faire des emplettes pour ses séniors et à téléphoner aux plus âgés. Cent-soixante-trois personnes ont profité du service. La commune a procédé à 470 achats. Ce type d'aide sera maintenu.*
*L'équipe Senior Plus sera renforcée l'année prochaine. Parmi les missions de Senior Plus figurent l'aide sociale, les demandes pour le CIPA, la mise en place de soins à domicile, le contrôle des repas sur roues, l'aide administrative…*
*En octobre, 142 personnes ont profité du bus sur appel Dinola. Robert Mangen rappelle qu'on peut l'utiliser pour aller faire les courses, rendre visite à des amis, aller chez le docteur ou à l'hôpital, faire un tour à Lasauvage ou dans le Fond-de-Gras…*
*Le service Senior Plus collabore aussi avec le Club Senior et d'autres associations. Il effectue des visites à domicile — parfois avec un chien si cela est souhaité. D'après le Statec, 29 % des personnes de plus de 60 ans vivent seules. 10 % disent souffrir de solitude. Senior Plus essaie de renforcer le contact de ces gens avec la société. Le projet est encadré par l'Université de Luxembourg.*
*Les évènements pour le troisième âge ont dû être limités cette année. Robert Mangen espère qu'ils pourront être organisés en 2021.*
*Le collège échevinal souhaite mettre sur pied un conseil communal des séniors. Pour le moment, quatre personnes se sont inscrites. Le conseil communal des séniors pourra faire des propositions sur la*

vu Repas sur roues an Telealarm, wat soss ëmmer am Office social gepacht war, an de Service Senior Plus. Dat hëlleft ons, e bësse Kontroll ze hunn iwwert déi méi eeler Leit, datt een do och Kontakt huet. Ech mengen, datt et sënnvoll ass, fir dat an de Service Senior Plus anzebannen. Repas sur roues hu mer am Moment 85 Stéck den Dag.

D'Madamm Pregno ass schonn op de Ruffbus Dinola agaangen. Ech ginn och drop an. Fir Oktober waren et 142 Leit, déi de Service an Usproch geholl hunn. Ech mengen, datt do nach vill Sputt no uewen ass. Benotzt en. De Service musse mer als Gemeng souwisou bezuelen. Profitéiert dervun. Sidd hei och kreativ. Et ass net nëmme fir d'Akafen, wou Der e benotze kënnt. Dir kënnt e benotze fir Besich bei Famill oder Frënn innerhalb vun der Gemeng, fir Dokteschbesich, Terminer am Spidol am CHEM Esch an Déifferdeng. Oder firwat net an d'Natur eraus fueren, Iech op Lasauvage féiere loossen oder an de Fond-de-Gras oder op de Bierg an do ze Fouss erofkommen oder Iech erëm ofhuele loossen. Et gëtt vill Méiglechkeeten, fir de Bus ze benotzen.

Da këmmere se sech och ëm d'Zesummenaarbecht mam Club Senior an aneren Associatiounen. Et gi reegelméisseg Visites à domicile gemaach, fir den Isolement social ze briechen. Mir versichen d'Visitten och eventuell, wann et gewënscht ass, mat engem Hond ze maachen, fir hei de Kontakt mat deenen eelere Leit ze favoriséieren.

Laut Statec wunnen 29 % vun deenen iwwer 60 Joer ale Leit eleng doheem. Dovunner sinn 10 %, déi sech einsam fillen. Einsamkeet ass een Tabu an onser Gesellschaft. D'Zil ass et vum Service Senior Plus, mat de Visites à domicile d'Leit erëm a Kontakt ze bréngen mat onser Gesellschaft. Se erauszeféieren. Dëse Projet soll och bewäert ginn a gëtt vun der Uni Lëtzebuerg begleet.

D'Evenementer fir den drëtten Alter waren e bëssen ageschränkt dëst Joer. Mir hoffen, datt mer déi d'nächst Joer erëm kënne weiderféieren. Dat sinn d'Journée du grand âge, Senior Art, Über-54-Party, Een Dag wéi fréier, de Speed Dating an d'Journée forestière.

Dann nach zur Organisatioun vum Sport vum drëtten Alter. Fir d'Aféiere vun engem Gemengerot fir Senioren a Quartiersforume fir eeler Leit, do hu sech bis elo just véier Leit gemellt. Mir wäerten do erëm eng Kéier en Opruff maachen: Notzt déi Geleeënheet, fir Iech an deene bestëmmte Foren unzemellen. Do kënnt Der Propositioune maachen, wéi mer den eelere Leit an der Gemeng kënne behëlleflech sinn. Dëse Gemengerot a -forum steet dem Schäffe vun de Senioren direkt ënner an soll dann direkt mam Schäfferot déi Mesuren, déi ugesprach ginn, mat Liewe fëllen an der Gemeng.

Da gëtt et nach benevole Servicer, déi mer ënnerstëtzen: Boma-Bopa-Service, Begleedung vu Seniore beim Akafen, Seniore liese fir Kanner. Konferenzen a Filmer fir eeler Leit goufen organiséiert. Psychologesch Hëllef fir Seniore mat der Hëllef vun der Ligue d'Hygiène Mentale bidde mer un. A mer sinn amgaang, e Projet auszeschaffe vu Cohabitation intergénérationnelle am Zentrum vun Déifferdeng, an Zesummenaarbecht mam Club Senior.

Zum Schluss soen ech all deene Leit, déi ons gehollef hunn, sech fir déi eeler Leit anzesetzen an dëser Pandemie, ee grousse Merci. Besonnesch dem Personal vum Service Senior, deenen zwou Assistante-sociallen, dem Corinne Lahure an dem Emina Ceman, an dem Nadine Breuskin, wat de Service dann ab nächst Joer soll beräicheren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Aguiar, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. De Budget vum Sportsbetrib dëst Joer ze presentéieren ass schonn eng aussergewéinlech Aufgab. Net nëmmen, well mir viru grousse Defie stinn, mee virun allem duerch déi aktuell coronabelaaschtend Situatioun huet de Sport et net einfach.

Net méi spéit wéi haut koumen nees nei Restriktioune bäi. An de Sport muss nees komplett zoumaachen. Ausser e puer Exceptiounen ewéi de Schoulsport, zum Beispill. Dëst ass keng einfach Situatioun. Fir keen. Sportler, jonk oder al, Trainer oder Veräinsvertrieder. Et spiert een, dass déi sëlleg Benevollen och esou lues d'Flemm kréien, sech ëmmer nees nei ze motivéieren. De Benevolat ass eminent wichteg am Sport. Ouni si kënnen eis Clibb net bestoen a gutt funktionéieren.

Als Gemeng Déifferdeng versiche mir, déi néideg Hëllefen ze ginn, finanziell, mee och moralesch. Dir kënnt mir gäre gleewen, dass ech, mee och eise Service des sports, géif à tout moment nees alles op null setzen, dass eis Sportswelt zu Déifferdeng nees kéint normal fonctionéieren. Dëst virun allem zum Wuel vun eise Kanner, déi Sport brauchen, fir zesummen ze liewen. D'Cohésion sociale ass wierklech essentiell, och elo an dëse schwéieren Zäiten. De Sport ass do ee Begleeder.

Natierlech versti mir d'Mesurë vun der Regierung. An déi sollen och respektéiert ginn. Sou musse mir och solidaresch sinn. Solidaritéit ass iwwregens eng wichteg Beschreiwung vum Sport. Mat Fairplay lieft de Sportler dëst scho vir a weist, wéi eng Gesellschaft fonctionéiere sollt.

Natierlech hu mir fir de Budget am Sport eng méi defensiv Haltung ageholl. Och fir kënnen ze reagéieren op dat, wat nach an den nächste Méint op eis duerkënnt. Et gouf awer näischt gestrach, wëll ech awer och ënnersträichen. Zemools bei den Eventer ewéi de Steel Run oder Schoulsportdag. Do muss een da kucken, ewéi d'Situatioun evoluéiert. De Public Viewing vun dem Fussball, European Match, do ass et nach ongewëss.

Wichteg ass, dass mir bei de Subside fir de Club keng Ofstréch maachen. Zemools elo doen eis Hëllefen, déi mir 2018 fir d'European City of Sports geschaaft hunn, richteg gutt. Sou si mir e wichtegen Appui fir eis Sportveräiner. Donieft hu mir dëst Joer e Subsid vu 75 % direkt ausbezuelt, fir fir all Club eng gewëss Liquiditéit ze garantéieren. Natierlech falen elo nees Kompetitiounsmatcher an Eventer aus, ewéi déi sëlleg Galaen, déi eis Clibb organiséieren an déi Bestanddeel si fir hire Joresbudget.

E Volet am Budget ordinaire, dee mir besonnesch um Häerz läit, ass eis programméiert Etüd zesumme mat der LUNEX, de Maisons relais an eise Sportveräiner. Dëst Joer gouf schonn ugefaangen, no laangem Waarden. Mir sollte schonn zweemol eng Versammlung mat de Clibb hunn an der leschter Woch, mee leider war dëst covidbedéngt awer och net méiglech. Lo hu mir decidéiert, dëst online ze maachen, fir net nach Zäit ze verléieren.

Déi Etüd ass wichteg fir Déifferdeng, well mir versiche wëllen, de Kanner aus de Maison-relaisen d'Méiglechkeet ze ginn, wärend de Stonnen an der Maison-relais och Sport ze maachen an de Sportsclibb. Logistesch ass dat en enormen Opwand, well do muss den Transport den Zäite vum Training adaptéiert ginn.

Problematesch ass de Wee, well eis Sportsinfrastrukturen ewéi och eis Opfaangstrukture verspreet sinn duerch eis ganz Gemeng. En einfacht Beispill: E Kand aus der Maison relais zu Nidderkuer wëll gäre Basket spillen. Déi hunn en Trainer um Fousbann. Dat ass den Challenge. An dee gi mir zesumme mat eiser Sportsuni un.

Éier ech elo bei den extraordinäre Budget kommen, wëll ech awer ënnersträichen, dass ech virun allem an de Mënsch wëll investéieren. An dësem Fall an de Sportler respektiv an all déi verschidden Acteuren, déi zum Sportsbetrib gehéieren. An dëst fir e federéierte Club, mee och de Sport loisir esou ewéi de Schoulsport. Dat ass wichteg an elementar. Mee fir gudde Sport ze dreiwen an dëst an engem adequate Kader, brauch een och eng exzellent Infrastruktur. D'Gemeng Déifferdeng huet an de leschte Joren do schonns immens vill gemaach. Mee mir musse weider plange respektiv renovéieren.

Ech wëll, zum Beispill, mat eisem Parc des Sports zu Uewerkuer, deen den Numm richteg verdéngt, ufänken. Endlech konnte mir mat der Grondsanéierung vun der Sportshal ufänken, déi 1969 a Betrib geholl ginn ass. Dëst war batter néideg. Duerch de Bau vun der Nidderkuerer Hal konnte mir och elo ufänken. Natierlech hu mir do corona-

*façon de soutenir les habitants plus âgés.*

*La commune soutient aussi des services bénévoles comme le Boma a Bopa, des lectures pour les enfants, des conférences et des films destinés aux séniors, l'aide psychologique…*

*Le collège échevinal est aussi en train de préparer un projet de cohabitation intergénérationnelle dans le centre de Differdange avec le Club Senior.*

*Robert Mangen remercie tous ceux qui ont aidé les personnes âgées pendant la pandémie. Un merci particulier à Corinne Lahure, à Emina Ceman et à Nadine Breuskin.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *constate que présenter le budget alloué au sport est une tâche particulière. Les défis sont importants d'autant plus que les clubs sportifs connaissent des difficultés à cause du coronavirus. De nouvelles restrictions sont entrées en vigueur ce matin. Les activités sportives sont interdites avec quelques exceptions. On ressent que les bénévoles, sans lesquels les clubs ne peuvent pas fonctionner, en ont assez.*

*La commune, le service des sports et Paulo Aguiar sont disposés à tout pour que le sport puisse reprendre normalement. Il y va du bienêtre des enfants et de la cohésion sociale. Mais les mesures du gouvernement sont pertinentes et il faut les respecter.*

*Pour 2021, le collège échevinal n'a pas supprimé de manifestations sportives. Mais il faudra voir comment la situation va évoluer — notamment pour des évènements comme le Steel Run, la Journée du sport scolaire ou les public viewings.*

*Pour Paulo Aguiar, il est important de soutenir les clubs par des subsides. Il rappelle que la commune a versé 75 % du subside aux clubs directement cette année pour qu'ils puissent disposer de liquidités. Malheureusement, les matchs de championnat sont annulés tout comme les fêtes et les galas.*

*L'étude avec LUNEX, les maisons relais et les clubs de sport tient à cœur à Paulo Aguiar. Pour ne pas perdre de temps, la rencontre avec les clubs sportifs se fera en ligne.*

*L'objectif est de permettre aux enfants fréquentant les maisons relais de faire du sport dans les clubs. D'un point de vue logistique, ce n'est pas facile parce qu'il faut adapter le transport aux horaires d'entrainement. En plus, les maisons relais et les clubs sportifs sont répartis à travers la commune. Un enfant jouant au basket et fréquentant la maison relais de Niederkorn devra se rendre au Fousbann.*
*Paulo Aguiar souligne qu'il veut surtout investir dans l'humain, c'est-à-dire dans les sportifs et les autres acteurs du domaine du sport. Mais pour faire du sport, il faut aussi d'excellentes infrastructures. Le collège échevinal doit continuer à planifier et à rénover.*
*L'assainissement du Parc des sports, qui a été construit en 1969, a commencé. Il était temps. Le coronavirus a engendré des retards.*
*La construction de la fabrique du sport devrait se terminer l'été prochain. Le LIHPS y effectuera des activités de recherche importantes pour les sportifs de haut niveau, mais aussi des études relatives à la chirurgie sportive. Differdange peut être fière de cette structure.*
*La salle de sport sera entièrement rénovée. Elle comprendra une nouvelle buvette, de nouveaux vestiaires et deux tribunes permettant d'organiser des rencontres internationales. L'entrée est située derrière.*
*Paulo Aguiar souligne le fait que le stade, Aquasud et un parc de stationnement se trouvent à côté. Le site est desservi par les transports en commun. Deux stations de Vël'OK seront intégrées au Parc des sports.*
*L'année prochaine, la commune rénovera le terrain du stade municipal pour régler le problème du drainage de l'eau. Elle a trouvé une solution en concertation avec les clubs. Les travaux auraient dû commencer au printemps, mais ont été reportés à cause du confinement.*
*Il est également important d'assainir le stade du Thillenberg. Les premières études ont été réalisées. Actuellement, le stade ne compte que deux vestiaires et demi. À l'époque, le Thillenberg I servait à accueillir les rencontres des Red Boys et du FC Differdange 03, mais n'était que peu utilisé pour les entraine-*

bedéngt Retarden, déi net ze evitéiere sinn.

Den Deel Sportsfabrick ass jo scho méi laang amgaangen a gëtt eréischt fir de Summer d'nächst Joer fäerdeg. An deem Deel soll de LIHPS seng Fuerschungsaktivitéiten am Sport ufänken, wat jo immens wichteg ass fir de lëtzebuergeschen Elittesport. Mee och d'Sportschirurgie wäert hei kënnen Etüde maachen. Mir kënne stolz sinn, dass eis bescht Lëtzebuerger Sportler duerch d'Sportsfabrick nach méi staark ginn.

D'Sportshal selwer gëtt komplett renovéiert a kritt eng flott nei Buvette wéi och nei Vestiären, wou mir bis elo ëmmer op der Limitt waren. Mir maachen och eng zweet Tribün, soudass d'Sportshal adaptéiert ass fir international Matcher. Den Agang zu der Hal ass elo hanne bei der Plaz, wou och d'Entrée an d'Turnhal am Hall O ass, wou jo och eise Service des Sports sëtzt. Also eng flott Place de rencontre fir eis Sportler. Direkt donieft ass de Stadion an e bësse méi wäit den Aquasud an d'Parkhaus.

Den Transport public ass garantéiert mat CFL op den Arrêt Uewerkuer souwéi sëlleg Buslinnen, déi beim Aquasud ukommen. Donieft hu mir wëlles, zwou Vël'OK-Statiounen am Parc des Sports ze integréieren.

Wa mir vum Stade municipal schwätzen, wëll ech awer ënnersträichen, dass mir den Haapttterrain elo endlech d'nächst Joer renovéieren. An déi Drainage-Problemer an de Grëff wëlle kréien mat enger Ring-Drainage, wat erlaabt, dass d'Waasser net ënnert dem Wuess hänkebleift an duerno eropdréckt, wouduerch eng Aart Schwamm entsteet an den Terrain bei villem Reen einfach net praktikabel ass. Am Dialog mat de Veräiner hu mir dës Léisung elo an d'Rulle bruecht. Ech muss awer och soen, dass et dëst Fréijoer geplangt war, mee och hei sollten d'Aarbechten ufänken, wou de Lockdown komm ass. Well mir keng grouss Zäitfënster hunn, bedéngt duerch de Fussballkalenner, hu mir et elo op 2021 geluecht.

Schwänke mir weider bei de Stadion Thillebierg, wou och eng Sanéierung eminent wichteg gëtt. Éischt Etüde goufe schonns gemaach, zemools mir do zwee Terrainen hunn an d'Capacitéit do ganz enk ass vun de Vestiären. Effektiv hu mir just zwee an en hallwe Vestiär. Wou deemools dësen Terrain gebaut gouf, ass net beduecht ginn, dass mam zweete weideren Terrain och d'Kabinnenunzuel huet mussen erhéicht ginn. Den Thillebierg I war just e Matchterrain fir d'Red Boys an duerno den FC Déifferdeng 03 an e gouf net esou vill belaascht mat Trainingen.

D'Grande structure um Thillebierg ass komplett ze iwwerdenken. Nieft provisoreschen an zousätzleche Vestiäre mussen Aarbechten un der Stabilitéit vun de Maueren etc. realiséiert ginn.

Eng weider Fussballinfrastruktur ass de syntheeteschen Terrain um Woiwer, deen och am Budget steet a wou d'Fussballfederatioun eis, mat Recht, matgedeelt huet, dass den Terrain immens ofgenotzt ass an dass e misst renovéiert ginn. Esou laang kann net drop gespillt ginn. D'Etüde sinn elo realiséiert. Déi hate sech, aus den aktuell Grënn, och e bëssen an d'Längt gezunn.

Ech wëll Iech net verheemlechen, dass mir och geplangt haten – virun allem de leschte Schäfferot –, dëse Site fir d'Liichtathleetik auszebauen. De Projet ass net vergiess. Et ass wichteg, dass d' Partnergemenge weiderhin am Boot sinn, fir noutwendeg Gespréicher ze féieren.

Natierlech huet déi Renovatioun en Impakt op eise Sportsbetrib, an dësem Fall de Fussball. Mir hate mat de Veräiner schonn Diskussioune gehat, fir zesummen eng respektabel Léisung ze fannen. Et ass keng einfach Situatioun. Mee et ass noutwendeg, fir duerno nees ënner flotte Konditioune spillen ze kënnen.

Bei dem Halesport ass ze bemierken, dass mir den Turnsall vun der Schoul um Bock och renovéiere wëllen, wéi den Här Ulveling scho gesot huet. An dëst direkt mat enger gréisserer Schoulsportshal. Woumat mir flott Installatioune fir de Schoulsport um Bock garantéiere kënnen. De Veräinssport kann domadder nëmme gewannen. Och hei musse mir d'Trainingszäite mataplangen. Mir hu scho Gespréicher mat der École internationale Differdange an Esch gehat, fir kënnen hir Sportshal ze benotzen. Déi misste fir d'Fréijoer 2021

færdeg sinn. Also bal zäitgläich mam Ufank vun de Bauten um Bock.

Donieft ass déi nei flott Sportshal zu Nidderkuer nach net richteg ageweit. Mir loossen eis do Zäit, fir dat och gebierend kënnen ze maachen.

Voilà. Dat wier et vu mir, wat reng de Sport ubelaangt. Ech hoffen, ech konnt Iech en Iwwerbléck ginn iwwert déi sëlleg Projeten. Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass mir alles maachen, fir dem Sport zu Déifferdeng weiderhin zur Säit ze stoen. An dat, an och wann dat elo patheetesch kléngt, a gudden ewéi a schlechten Zäiten.

Elo zur Informatik, engem weidere Ressort, deen ech hunn. Ech muss soen d'Informatik ass e bëssen en ondankbare Ressort. Well wann alles gutt fonctionéiert, denkt een net drun, wéi wichteg an noutwendeg d'Informatik mëttlerweil an eisem dagdeeglече Liewen ass. Virun allem vergësst ee gären, wéi vill Aarbecht derhannert stécht, fir datt alles esou gutt klappt.

Wann awer bis eng Kéier eppes net richteg leeft, huet dat heiansdo déifgräifend Konsequenzen. Dat ass, wou ee sech drun erënnert, datt et d'Informatik gëtt a wou ee sech vill beschwéiert heiansdo. Dofir wëll ech vun dëser Plaz aus dem Service informatique e grousse Merci soe fir déi wonnerbar Aarbecht, déi se all Dag am Déngscht vun der Gemeng, vun de Schoule a vun de Bierger maachen.

Säit Méint si mir extra gefuerdert duerch d'Pandemie. Säit dem Ufank vum Mount kann all Service bis 50 % Teletravail ufroen. Dat ass eng wichteg Sécherheetsmoossnam. Dofir hu mir se och agefouert. Mee déi Moossnam huet awer Konsequenzen op d'Informatik. Net jiddereen ass doheem informatesch gutt ekipéiert.

D'Leit brauchen zum Beispill e Laptop, fir kënne vun doheem aus ze schaffen. De Laptop muss kaf ginn, installéiert a virbereet ginn. Souguer wann een doheem alles huet, wat ee brauch vu Material, muss een awer och nach u seng professionell Donnéeë kommen. An et muss alles ofgeséchert sinn, well d'Dokumenter jo och net kënnen egal wou gespäichert ginn. Dee ganze Beräich hu mir säit Ufank vun der Pandemie exemplaresch gemeeschtert.

Eng aner Konsequenz vun der Pandemie ass, datt mir d'Leit dobausse froen, fir hir Demarchë wäitméiglechst online ze maachen. An deene leschte Méint gräife mir ëmmer méi op Online-Formulairen zréck. Dat souwuel fir Ausschreiwungen, zum Beispill fir Ateliere vum Service écologique, fir eis Sproochecoursen oder fir d'Kandidatur vum Gravity, wéi och fir d'Demarchen. Och d'Structure-d'accueile sinn amgaang, esou e Formulaire auszeschaffe fir d'Maisons relais. Dat fonctionéiert och gutt. Déi Formulairë ginn 100 % vun eis geréiert, dat heescht vum Service de communication an der Informatik. Do gëtt also näischt op externe Servere gespäichert. Dat ass eppes, wat mir 2021 weider wäerten ausbauen.

Dir hutt vläicht matkritt, datt mir amgaang sinn, an de Schoulen iPads ze verdeelen. Eist Zil ass et, datt d'Kanner op informatescht Material kënnen zréckgräifen, fir hiren Apprentissage ze verbesseren. Natierlech kritt elo net all Kand en Tablet. Ma all Klass soll à terme punktuell kënnen op dëst Material zréckgräifen. Déi Aktioun gëtt zu 100 % vun der Gemeng finanzéiert.

Dir wësst, datt mir an deene leschte Méint de Service informatique ausgebaut hunn. D'Zil ass et, ëmmer méi Programmatiounsaarbecht intern ze maachen. Par rapport zu enger Applikatioun, déi een einfach esou keeft, huet dat de Virdeel, datt een esou op de Besoin vun de Servicer individuell kann agoen. Zum Beispill ass de Service informatique amgaang, esou Applikatiounen ze programméiere fir de Service scolaire. Oder och fir d'Biergeramt, deen dann d'Rendez-vouse ganz iwwert e Programm geréiere kann. Dat wäert vun der Gemeng selwer entwéckelt ginn.

Ech ginn dann elo op Franséisch iwwer. Par ma formation, la jeunesse me tient particulièrement à coeur. À Differdange, nous faisons déjà un énorme effort dans ce domaine et ce, depuis des années. À titre d'exemple, nous comptons quatre maisons des jeunes. Notre Jobcenter est aussi très actif. Mais ce que nous manquait jusqu'à présent, c'était un service communal entièrement dédié aux jeunes. Un service au-

*ments. La structure du Thillenberg doit être revue. Il faudra notamment renforcer la stabilité des murs.*
*La fédération de football a informé la commune que le terrain synthétique du Woiwer était usé. On ne pourra plus y jouer tant qu'il ne sera pas rénové. Les études ont été réalisées. Le collège échevinal précédent avait prévu de développer tout le site pour y construire un stade d'athlétisme. Le projet n'est pas abandonné. Il faut mener des discussions avec les communes partenaires.*
*Ces travaux auront un impact sur le football. Le collège échevinal cherche une solution avec les clubs.*
*La salle de sport de l'école Bock doit être rénovée et agrandie. C'est une bonne nouvelle pour le sport scolaire et pour les associations. Il reste à planifier les horaires d'entrainement.*
*Des discussions sont en cours avec l'école internationale pour utiliser ses infrastructures.*
*Le centre sportif de Niederkorn n'a pas encore été inauguré officiellement.*
*Paulo Aguiar répète que le collège échevinal fait son possible pour soutenir le sport.*
*Il passe à l'informatique, un ressort ingrat. Quand tout fonctionne, on ne pense pas au travail qui se cache derrière. Mais en cas de problème, les conséquences sont importantes. Paulo Aguiar remercie le service informatique.*
*Depuis plusieurs mois, le personnel communal peut recourir partiellement au télétravail. Cela représente une charge supplémentaire pour le service informatique parce que tout le monde n'est pas bien équipé. Il faut aussi s'assurer que les employés ont accès à leurs documents et que ceux-ci sont stockés de manière sécurisée. Le service informatique a maitrisé cette situation de manière exemplaire.*
*À cause de la pandémie, la commune demande aux citoyens d'effectuer leurs démarches en ligne à travers des formulaires. C'est le cas notamment pour les ateliers du service écologique, l'inscription aux cours de langues, les candidatures pour les appartements du projet Gravity… Le service des structures*

*d'accueil est aussi en train de développer des formulaires en ligne pour les maisons relais. Ces formulaires sont gérés à 100 % par le service communication et le service informatique. Rien n'est sauvegardé sur des serveurs externes.*

*Le collège échevinal distribue des iPads dans les écoles. Il s'agit d'améliorer l'apprentissage des enfants. Tous les élèves n'auront bien sûr pas un iPad, mais chaque classe devra pouvoir recourir au matériel le cas échéant.*

*Dernièrement, le service informatique a été renforcé. Cela lui permet de programmer des applications sur mesure pour les autres services. Le service scolaire et le Biergeramt ont demandé de telles applications.*

*Le ressort de la jeunesse tient à cœur à Paulo Aguiar. Il mentionne les quatre maisons de jeunes et le Job Center. Ce qui manquait, c'était un service communal entièrement dédié aux jeunes. C'est désormais chose faite.*

*Le service de la jeunesse a ses locaux au 1535° avec le wok. Depuis sa création, le service a reçu de nombreux appels de jeunes de 12 à 27 ans. Les questions portent surtout sur l'éducation, l'emploi et le handicap. Le service de la jeunesse montre alors aux jeunes qu'il existe des ressources pour les aider. La collaboration avec le service scolaire, l'ADEM ou le Job Center est essentielle. Le service de la jeunesse propose aussi des activités, mais celles-ci doivent être complémentaires à l'offre existante pour ne pas concurrencer les maisons des jeunes. Le contenu sera thématique. Ainsi, les ateliers de peinture qui se tiendront bientôt auront pour thème la liberté et seront accompagnés de discussions.*

*Pour aider les jeunes, il faut connaitre leurs besoins. Au cours des prochaines années, la Ville de Differdange va élaborer un plan communal de la jeunesse en collaboration avec la commission des jeunes, des acteurs sur le terrain et éventuellement l'Université du Luxembourg.*

*Paulo Aguiar passe au service à l'égalité des chances, un service très actif. Malheureusement, beaucoup de manifestations ont dû être annulées en 2020.*

quel les jeunes peuvent s'adresser, quelque soit leur problème ou quelles que soient leurs questions. C'est chose faite depuis le mois de mars dernier avec la création du service jeunesse, dont les locaux se trouvent au 1535° avec le Wok.

Depuis sa création, la responsable du service a pu constater qu'un réel besoin existait auprès des 12-27 ans. Elle a été contactée par de nombreux jeunes que ce soit par téléphone ou par les réseaux sociaux. Les questions les plus fréquentes tournent autour de l'emploi, de l'éducation et, peut-être de façon moins attendue, autour de l'handicap – qu'il soit physique ou mental.

Dans tous ces cas, une de ses missions importantes du service de la jeunesse est de montrer aux jeunes qu'il existe des ressources pour les aider. La collaboration du service jeunesse avec d'autres structures, comme le service scolaire, l'ADEM ou le Jobcenter est donc essentielle.

Ce qui est intéressant c'est que les parents s'adressent parfois aussi au service pour demander du soutien dans l'éducation de leurs enfants ou dans l'accompagnement scolaire. Le service de la jeunesse va aussi proposer des activités. La condition est que ces activités soient complémentaires à l'offre existante, puisqu'il ne s'agit pas de faire de la concurrence aux maisons des jeunes.

À titre d'exemple, nous allons bientôt organiser des ateliers de peinture. Ce qui différencie ces ateliers de ceux qui peuvent être proposés par les maisons des jeunes, c'est que le contenu sera davantage thématique. Les ateliers dont je parle auront par exemple pour thème la liberté et seront toujours accompagnés des discussions de fond. Bref, il y aura toujours la volonté de former des citoyens.

Un dernier point important : pour pouvoir soutenir efficacement les jeunes, il faut d'abord connaître leurs besoins et la situation sur le terrain. C'est pourquoi nous comptons élaborer au cours des prochains mois et années un plan communal. Pour ce faire, le service jeunesse collaborera avec les acteurs externes nécessaire, mais aussi avec la commission de la jeunesse. Parmi les approches prises en considération figurent une étude qui sera réalisée par l'Université de Luxembourg à partir de 2021. Mais cela reste à définir dans les détails.

Nous avons également dans le cadre du Wok le service d'égalité des chances et notre service d'intégration. C'est une grande chance pour la Ville de Differdange, parce qu'il est extrêmement actif. Malheureusement, pour des raisons que vous pouvez vous imaginez, beaucoup de manifestations ont dû être annulées en 2020, en ce qui concerne aussi bien l'intégration que l'égalité des chances.

Je vous signale quand même que parmi les réalisations du service égalité des chances en cours en ce moment même figure une exposition de photos de la photographe Nathalie Flenghi. Les photos sont exposées dans les abris de bus. L'exposition est organisée dans le cadre de la Journée internationale de l'homme. Les photos illustrent des gens differdangeois – célèbre ou pas – photographiés dans le cadre de leur travail, de leur vie. Une façon de rappeler que chacun à son niveau contribue à un fonctionnement de la société.

Pour 2021, si la situation sanitaire le permet, nous allons reprendre nos activités «normales», mais aussi proposer quelques nouveautés. Et si tout se passe bien, en avril nous allons organiser un rallye Different Together. Tous les détails ne sont pas encore fixés. Mais l'idée consiste à faire participer des équipes aussi mixtes que possible. On en mettra en avantage la mixité. En effet, les énigmes et les questions seront plus faciles à résoudre si l'équipe est composée de personnes aux origines et aux compétences diverses.

Parmi les autres nouveautés figure la création d'un jeu de société inclusif. Le principe se rapproche un peu du rallye dont je viens vous parler puisqu'il s'agira aussi de découvrir Differdange de manière ludique, avec des questions culturelles, historiques et sportives. En quelque sorte, ce sera la version «jouée» – avec un plateau, des dés et des pions – du rallye.

Pour le reste, en ce qui concerne l'égalité des chances, nous allons comme tous les ans mettre en avant la Journée internationale de la femme, la Journée

internationale de l'homme, la Journée LGBT+, l'Orange Week, le Girls' Day etc. Et en ce qui concerne l'intégration, on mettra en avant entre autres la Journée mondiale du handicap, la fête des voisins, l'iRun, l'accueil des nouveaux arrivants ainsi que la fête multiculturelle.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Aguiar. Et ass elo just 10 Auer. Ech denken, mir maachen eng kleng Paus. Ech soen Iech villmools Merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, da géife mer weiderfueren.

Mir sinn um Punkt 3 vun eisem Ordre du jour, dem syntheeteschen Terrain um Woiwer. Ech géif dofir d'Wuert un den Här Aguiar weiderginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, mir krute vun der Lëtzebuerger Fussballfederatioun 2019 matgedeelt, dass de syntheeteschen Terrain um Woiwer net méi praktikabel wär fir d'Matcher an aner Kompetitiounen. Et war net esou einfach, fir den Training an d'Matcher op aner Terrainen ze verdeelen.

Bis elo war um Woiwer de CS Uewerkuer doheem. Mir hu gekuckt, Deeler op Nidderkuer ze verleeën an op den Thillebierg. Mir hunn och mat de jeeweilege Veräiner geschwat, fir do eng Léisung ze fannen. Natierlech ass dat net evident, a jidderee muss do e puer Konzessiounen agoen.

Ech muss awer och soen, dass ze laang gewaart gouf mam syntheeteschen Terrain um Woiwer. Do hätt scho missen eppes viru Jore geschéien. An elo musse mir kucken, fir eng Léisung ze fannen.

Mëttlerweil hu mir eng Etüd gestart vum Terrain, well et muss ee jo och wëssen, datt et eng grouss Envergure ass, an déi Aarbecht, déi muss gemaach ginn. Leider war dëst alles programméiert wärend dem Confinement am Fréijoer. Zemools d'Analysen aus dem Laboratoire hu laang op sech waarde gelooss, well d'Prioritéit haaptsächlech um Covid-19 louch. Elo si mir awer prett fir unzefänken.

Mir hunn eis fir en Terrain mat Revêtement decidéiert, wat ganz aktuell ass an domadder och gutt ass fir déi nächst Joren. Et muss ee wëssen, dass ee syntheeteschen Terrain eng Durabilitéit huet vun zéng bis zwielef, maximal 13 Joren. An de Woiwer ass scho vill méi al.

Den Avis gëtt uganks Dezember gemaach, an da kënnen d'Aarbechte hoffentlech am Fréijoer 2021 ufänken. Dat dauert gutt zwee Méint, well do och 6.900 m² ginn alen Terrain ausgegruewe gëtt an nees opgefëllt mat deene verschiddene Couchen, woubäi Konschtwues néideg ass. Donieft muss gekuckt ginn, dass den Terrain e gudden Drainage behält.

Mir wëllen och méi en ekologeschen Terrain, dat heescht, wou manner Mikroplastik verschafft ass am Granulé a méi op Quarz bauen. Mir loossen eis awer do vun engem Expertegrupp beroden. Fin de travaux wier dann d'Reprise vum Championnat 2021/2022. Dee ganze Projet kascht eis 750.000 Euro. Mir hoffen, dass duerno erëm vill Kanner drop trainéiere kënnen. Och d'Schoulkanner an déi aus der Maison relais vum Campus Woiwer sollen den Terrain kënne benotzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, no dem Här Aguiar sengen Erklärunge betreffend de syntheeteschen Terrain, dee mir jo all heibanne kennen, bleiwe mir awer nach e puer Froen an Iwwerleeungen, déi ech Iech muss matdeelen.

Et ass allgemeng bekannt, dass bedéngt duerch déi grouss Unzuel vu Jugendlecher a Senioren, déi Fussball an eise

*L'échevin mentionne une exposition de photos de madame Nathalie Flenghi ayant lieu en ce moment dans le cadre de la Journée internationale de l'homme. Les photographies illustrent des Differdangeois célèbres ou pas dans le cadre de leur travail.*
*Si la situation sanitaire le permet, le service à l'égalité des chances reprendra ses activités normales en 2021 — avec quelques nouveautés.*
*Paulo Aguiar mentionne le rallye Different Together mettant en avant la mixité. Les énigmes proposées seront plus faciles à résoudre si les équipes sont composées de personnes aux origines et aux compétences diverses.*
*La création d'un jeu de société inclusif est aussi prévue. Il permettra de découvrir Differdange de manière ludique à travers des questions culturelles, historiques ou sportives. Ce sera en quelque sorte l'équivalent du rallye Different Together jouée sur une planche.*
*Pour le reste, la commune mettra en avant la Journée de l'homme, la Journée de la femme, la Journée du handicap, la foire des nouveaux arrivants…*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *annonce une pause.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au terrain synthétique du Woiwer.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'en 2019, la Fédération luxembourgeoise de football a communiqué à la commune que le terrain synthétique du Woiwer n'était plus praticable. Ce terrain était utilisé par le CS Oberkorn. La commune a cherché une solution avec les clubs. Il a fallu faire des concessions.*
*Le terrain synthétique aurait dû être refait il y a des années.*
*Entretemps, le collège échevinal a lancé une étude. À cause de la crise sanitaire, il a fallu attendre longtemps pour obtenir les résultats. Finalement, la commune a opté pour un terrain avec revêtement.*
*Paulo Aguiar précise qu'un terrain synthétique a une durée de vie de 10 à 12 ans. Le terrain du Woiwer est beaucoup plus vieux.*

*Les travaux commenceront au printemps 2021 et dureront deux mois. Il faudra enlever 6900 m² de terre. Le trou sera ensuite rempli avec différentes couches. Le collège échevinal veut que le terrain soit plus écologique. Il recourra à moins de microplastique et à plus de granulés et de quartz.*
*Le projet coute 750 000 €. Paulo Aguiar espère que les enfants pourront bientôt s'entrainer sur ce terrain.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souhaite poser quelques questions.*
*Compte tenu du nombre important de personnes jouant au football, les infrastructures sont saturées. L'administration se trouve face à un défi concernant la construction, la rénovation et l'entretien des structures. Les socialistes ne comprennent pas comment le terrain du Woiwer peut rester inutilisé depuis juillet 2019.*
*Guy Altmeisch rappelle que la Fédération de football a déclaré que le terrain n'était plus praticable en juillet 2019. Elle a expliqué que le terrain représentait un danger pour la santé des sportifs.*
*Depuis janvier 2020, deux équipes séniores et sept équipes de jeunes se partagent trois vestiaires au Thillenberg. Pour des raisons d'hygiène et compte tenu de l'état des infrastructures, cette situation est intolérable.*
*Guy Altmeisch explique que les terrains synthétiques n'ont pas tous la même qualité. Le service du jardinage a-t-il été consulté ?*
*Le devis n'est pas accompagné d'une garantie.*
*En plus, les experts recommandant une restauration travaillent pour la même entreprise ayant établi le devis. Est-ce sain ? Le collège échevinal a-t-il demandé d'autres offres ?*
*Les socialistes soutiennent complètement ce projet. Ils regrettent cette procédure interminable et souhaitent beaucoup de courage et de patience aux joueurs du Thillenberg.*

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le CSO joue habituellement au Woiwer. Cent-deux de ses cent-soixante-quatre membres ont moins de dix-huit ans. Le service* Veräiner spillen, d'Infrastrukturen 100 % ausgelaascht sinn. Dës Situatioun ass eng grouss Erausfuerderung fir d'Politik, a Relatioun mat der Planung, betreffend den Neibau, d'Renovatioun an den Ënnerhalt. Aus dësen Ursaachen ass et onverständlech fir d'LSAP Déifferdeng, dass den Terrain Woiwer säit dem Mount Juli 2019 brooch läit.

Ech erkläre mech: Am Juli 2019, no Analys vum Terrain, erkläert d'Terrainskommissioun vun der Fussballfederatioun de syntheeteschen Terrain als net méi bespillbar. Ofnotzung vum syntheetesche Belag a vum Ënnerbelag géif op d'Käschte vun de Gelenker vun de Sportsleit goen an eng Gefor fir d'Gesondheet vu Jonk an Al duerstellen. D'Seniore vum Veräi plënneren op den Thillebierg. No Récksprooch mat der Federatioun ginn d'Jugendekippen dräi Méint duerno dee selwechte Wee. Am Januar 2020 mussen zwou Senioren- a siwe Jugendekippe vun zwee Veräiner sech dräi Vestiären um Thillebierg deelen. Eng Situatioun, déi oft net tragbar ass, aus hygieenesche Grënn, vu den Alter an den Zoustand vun deem Site, wou se spillen.

Siwe Méint – siwe Méint! – méi spéit, am Mount Juni 2020, kritt d'Gemeng den Avis vun den Experten aus Däitschland, dass den Terrain muss sanéiert ginn. Déi selwecht Firma mécht eng Offer. Fënnef Méint ginn erlaanscht, bis am Gemengerot iwwert den Terrain diskutéiert gëtt. Insgesamt si 17 Méint vergaangen, an d'Anlag ass nach laang net operationell. Wéi mer elo grad héieren hunn.

Follgend Froen a Feststellungen dränge sech op: Et gëtt verschidde Qualitéite vu syntheeteschen Terrainen. Hunn eis Leit aus dem Jardinage den Terrain besicht, deen dës Firma erneiert huet? An der Präisoffer geet net rieds vun enger Garantie. Dat misst onbedéngt festgeluecht ginn. D'Expertisen, déi d'Restauratioun fuerderen, an d'Präisofferte vun der Renovatioun si vun där selwechter Firma. Dat ass vläicht net ganz gesond. Sinn aner Offere gefrot gi fir de Präis an d'Realisatioun vun deem dote Projet?

Iwwert d'Dauer vun den Aarbechten a wéini et lassgeet, si mer jo informéiert ginn.

D'LSAP Déifferdeng ënnerstëtzt dëse Projet voll a ganz, bedauert déi onméiglech laang Prozedur, wënscht de Spiller um Thillebierg Courage an e laangen Otem. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Den Här Aguiar huet dat meescht gesot gehat. Et ass jo am Fong geholl haaptsächlech den CSO, deen dovunner profitéiert. Interessant ass, d'lescht Saison hate se 164 Lizenzen an déi haten 102 Spiller ënner 19 Joer. Ech denken, dass et ëmmer wichteg ass, dass och d'Jugend profitéiere kann. An ech hu mer vum Sportsservice soe gelooss, dass ee fir dëst Joer vun 200 Jonker ausgoe kann, déi do spillen an dovu profitéiere kënnen.

A wat gutt ass, ass, dass d'Schoulen an d'Maison-relaisen, wéi scho gesot, och kënne vun der Installatioun profitéieren duerno.

Et ass natierlech e syntheeteschen Terrain, wat duerno e Problem vum Recyclage duerstellt. De Virdeel ass awer, dass een en dauernd gebrauche kann, dass d'Matcher an Trainingen net mussen ofgesot ginn.

Par rapport zu deem, wat den Här Altmeisch gesot huet, vun der nämmlechter Firma, déi den Devis mécht an et ausféiert, denken ech, misst een dat nach eng Kéier consideréiere vläicht. Oder op d'mannst bei där nächster Kéier.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Meisch, wannechgelift.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir sinn eis all eens, dass den Zoustand vum syntheeteschen Ter-

rain um Woiwer eng Zoumuddung ass a richteg geféierlech fir d'Gesondheet vun den aktive Sportler um Terrain. An dat scho säit Joren. Dofir hoffe mer, dass déi Etüd, déi den Zoustand vum Terrain sollt analyséieren, déi richteg Schlëss zitt, an dass déi proposéiert Sanéierung dee richtege Moyen ass, fir laangfristeg adequat sportlech Aktivitéiten ënner gudde Konditiounen zouzeloossen.

Déi 750.000 Euro, déi mer wëlles hu matzestëmmen, sinn net näischt. An deem Kontext dës d'Fro, ob de Liichtathleetikstadion op dësem Site domadder gestuerwen ass.

Den Devis fir d'Sanéierung vum syntheeteschen Terrain um Woiwer stëmme mir gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, och als déi Lénk ënnerstëtze mer deen heite Projet. Et gëtt héich Zäit, dass deen Terrain erneiert gëtt. Wann een den Ausféierunge vum Här Aguiar nolauschtert, da misst een am Fong scho laang gewosst hunn, dass dat dote misst gemaach ginn. An da stellt sech d'Fro, wann een am Fong weess, wat d'Liewensdauer ass vun esou engem Terrain, firwat dat net éischter gemaach ginn ass.

Ech hu mech och gefrot, wéi ech déi Etüd gelies hunn: Eng Rei Saachen, déi se erausfonnt hunn bei der Etüd, déi misste jo u sech gewosst sinn, wéi e gebaut ginn ass. Dat heescht, si hu warscheinlech jo awer déi technesch Donnéeë gehat, datt en esou an esou gebaut ginn ass. An do hunn ech an engem Sënn bedéngt gesinn, wat déi Etüd elo un neien Informatioune ginn huet. Et ass eis jo net onbekannt, wéi eng Couchen do dra waren, déi technesch Spezifizitéiten hu mer jo och misse kréie beim Ofliwwere vun där Saach.

Et sinn natierlech Elementer, déi ee muss kucken, wéi et elo genee ass, mee do hunn ech mech gefrot, ob mer net och vläicht nach Zäit verluer hu mat där Etüd. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, wéi aus dem Dossier ervirgeet, a wéi mer schonns méi laang wëssen, ass de Woiwer Fussballterrain an esou engem schlechten Zoustand gewiescht, datt en effektiv net méi bespillbar war. D'FLF hat jo och deementspriechend agéiert. Mir als CSV stëmmen dës Renovatiounsaarbechte mat, fir datt de Veräin deemnächst erëm seng Aktivitéiten do kann ophuelen, insbesonnesch fir d'Kanner aus dem Quartier, datt si no bei hirem Doheem nees an hirem Club Fussball spillen an trainéiere kënnen.

Wa mer de Gesamtmontant kucken, ass en effektiv héich, mee, wa mer op déi zuelräich Benotzung vu Jonken a manner Jonke kucken, sinn dës Sue séier amortiséiert.

Ech wëll awer nach drop agoen: Ronderëm de Fussballterrain si jo nach Arealer – de Liichtathleetiksterrain wéi och aner Saache si schonn ugeschwat ginn. Mer wësse jo och, datt do weider ëffentlech Infrastrukturen nach gebraucht ginn, well jo och vill Wunnraum vum Woiwer Richtung Uewerkuer, Bielesserstrooss gebaut gëtt, zum Beispill, eng Schoul oder aner Sportaarten, Gréngflächen, esou Saachen.

Awer ech mengen, am Budget steet och elo e provisoresche Parking Woiwerwisen, fir beim Servior dobäi, dee muss jo dann och iergendwann eng Kéier richteg do implantéiert ginn. Da wär et gutt, wann e Gesamtkonzept fir dëse Quartier géif ausgeschafft ginn, fir eeben alles esou ze amenagéieren, datt et e flotten Espace de rencontre, de loisir et de détente fir d'Leit, déi do wunnen, gëtt. Am beschten natierlech och d'Awunner matabezéien, wéi mir et schonn

*des sports a même informé Nicole Wohl que le nombre de jeunes pourrait atteindre les 200 cette année.*
*(Interruption de M. Altmeisch)*
*Nicole Wohl ajoute que les écoles et les maisons relais pourront aussi profiter des installations.*
*Les terrains synthétiques posent le problème du recyclage, mais ont comme avantage qu'ils peuvent être utilisés en permanence.*
*Comme monsieur Altmeisch, Nicole Wohl trouve que la prochaine fois, il faudra veiller à ne pas faire établir le devis par l'entreprise ayant réalisé l'expertise.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *est conscient du mauvais état du terrain du Woiwer et du danger qu'il représente pour les sportifs. Il espère que l'étude permettra de tirer les bonnes conclusions pour qu'on puisse faire du sport dans cette infrastructure dans de bonnes conditions.*
*Sept-cent-cinquante-mille euros représentent une somme importante. Le stade d'athlétisme est-il mort ? Le DP approuvera le devis.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient ce projet. Il était temps de rénover ce terrain. Monsieur Aguiar a dit que la commune savait depuis longtemps qu'il fallait réaliser ces travaux. Si la durée de vie d'un terrain synthétique est connue, pourquoi n'a-t-on pas agi plus tôt ?*
*En plus, les conclusions de l'étude étaient forcément connues partiellement. L'entreprise disposait probablement des données techniques du terrain et savait quelles couches elle allait trouver. Gary Diderich se demande si la commune n'a pas perdu du temps inutilement en faisant réaliser cette étude.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que le terrain du Woiwer était dans un état tellement mauvais qu'on ne pouvait plus y jouer au football. La FLF l'avait signalé.*
*Les chrétiens sociaux approuveront les travaux pour que les enfants du quartier puissent rapidement pratiquer le football près de chez eux.*

*Les frais sont importants, mais compte tenu de l'utilisation du terrain, l'argent est bien dépensé.*
*Autour du terrain de football, la commune entend construire d'autres infrastructures publiques. Il est question du stade d'athlétisme, mais aussi de logements et d'une école en direction d'Oberkorn. Le budget prévoit aussi un parking provisoire au Woiwer à côté de Servior. Jerry Hartung estime qu'il faudrait élaborer un concept global pour ce quartier pouvant devenir un espace de rencontre, de loisirs et de détente pour les riverains. Le collège échevinal ferait bien de se concerter avec les habitants.*
*Jerry Hartung approuve la rénovation du terrain synthétique.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle qu'il était échevin au sport quand les plans ont été réalisés. Il s'est aussi occupé du stade d'athlétisme. Comme l'a dit monsieur Aguiar, le collège échevinal aurait pu agir plus tôt s'il avait su que le stade d'athlétisme n'allait pas être construit tout de suite. À l'époque, Fred Bertinelli avait demandé des devis. La fourchette pour un terrain synthétique se situait entre 250 000 € et 900 000 €. Le collège échevinal avait finalement décidé de ne pas investir cette somme alors qu'un stade d'athlétisme allait être construit bientôt.*
*Fred Bertinelli admet que la commune a perdu trop de temps, mais elle ne savait pas que le stade d'athlétisme allait être reporté de plusieurs années.*
*Le conseiller communal trouve le prix élevé. Le terrain synthétique pourra-t-il être déplacé une fois que la commune construira le stade d'athlétisme ? Cela expliquerait le prix. En revanche, s'il est prévu de démolir le terrain prochainement, c'est cher. Fred Bertinelli répète que l'ancien collège échevinal s'est posé toutes ces questions. En effet, le ministère et les communes voisines étaient enthousiastes à l'idée de construire un stade d'athlétisme rapidement compte tenu des besoins. Le quartier en pleine croissance aurait eu besoin d'un tel stade avec des écoles autour. Malheureusement, le projet du stade d'athlé-*

op anere Plazen an der Gemeng gemaach hunn.

Alles an allem, ass et awer elo gutt, datt de syntheeteschen Terrain renovéiert gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Bertinelli wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Gudde Moien alleguerten. Ech wollt heizou Stellung huelen, well ech dee responsabele Schäffen deemools war, wou mer déi éischt Pläng ausgeschafft hunn, an ech enorm vill och mat dem Liichtathleetiksterrain beméit war.

Zum Historique, wat den Här Aguiar gesot huet: Ech fannen et och spéit. Et hätt ee kéinten éischter reagéieren, wann ee gewosst hätt, datt een elo direkt dee Liichtathleetiksterrain net ugeet. Dat war awer d'Diskussioun. Ech huelen un dee Schäfferot, deen nach ëmmer dee selwechten ass, minus eent, deen déi Decisioun getraff huet, wou ech wollt e syntheeteschen Terrain dohinner bauen, an Nee gesot huet.

An do hate mer Präisser ugefrot. Do louch d'Schéier vun engem syntheeteschen Terrain zwëschent 250.000 an 900.000 Euro. A vu, datt mer geduecht hunn, datt dee syntheeteschen Terrain jo och muss herno ewechgeholl ginn, datt mer do vläicht net ze vill Sue sollten investéieren, fir herno de Liichtathleetiksterrain ze maachen, ass da gesot ginn: Okay.

Soudatt ech schonn eng Entrevue mat der Fussballfederatioun hat. A se gebieden hat, e bësse Gedold ze hunn an ze waarden. Mir wären amgaang, e Plang ze maache fir en neie Stadion. Noeneen ass nach zweemol d'Federatioun komm, an do ass et dann zu deem komm, datt den Terrain gespaart ginn ass fir den CSO, fir do ze spillen a se sinn eriwwer op den Thillebierg.

Natierlech ass vill ze vill Zäit vergaangen. Wann ee gewosst hätt, datt een elo an deenen nächste Budgeten de Liichtathleetiksterrain net géif bauen, hätt ee kéinten e bëssen éischter ufänken, fir de syntheeteschen Terrain dohinnerzekréien.

Ech fannen de Präis och relativ héich. Do ass meng éischt Fro un Iech, Här Aguiar: Kann deen Terrain herno, wann dee Liichtathleetiksterrain dohinner gebaut gëtt, ewechgeholl ginn an enzwousch anescht implantéiert ginn? Dann hätt ech de Präis verstanen, datt et esou deier ass. Mee wann et esou deier ass an e muss herno ofgerappt ginn, fir ewechgehäit ze ginn, dann ass et en deiere Präis. Et ass dat, wouriwwer deemools am Schäfferot d'Diskussioun war, fir do net ze vill ze investéieren.

Well falls deen – an do war d'Begeeschterung beim Ministère a bei eisen Nopeschgemenge jo grouss, datt dee Liichtathleetiksterrain esou schnell wéi méiglech sollt kommen, well en immens grousse Besoin do war. An deen hätt deementspriechend och de Fussball relativ entlaascht an och dee Quartier, dee jo um Wuessen ass, deen esou en Terrain brauch, mat de Schoule ronderëm, wier dat déi richteg Installatioun gewiescht.

Wéi gesot, elo ass, duerch dat, wat eeben ass, dee Liichtathleetiksterrain zréckgesat ginn. Ech verstinn och, datt elo ganz schnell muss en Terrain dohinnerkommen. Mee wéi gesot, dat ass awer scho vun där éischter Diskussioun u gewosst, datt dat doten esou wier. An déi éischt Propositioun koum, fir esou schnell wéi méiglech en neie syntheeteschen Terrain, wa méiglech e bëllegen, well e jo herno misst ewechgeholl ginn, dohinner ze maachen. Dat war scho viru véier Joren esou. Also ech wëll net soen, datt mer do geschlof hätten. Mir hu guer net geschlof.

Wéi gesot, do ass da gesot ginn, mir sollte waarden. An dat war dee virege Buergermeeschter, deen déi Decisioun geholl huet, bis mer kloer wären, wéini dee Liichtathleetiksterrain da géif ugoen. An deementspriechend géife mer dann e syntheeteschen Terrain bauen. Dat zu Ärer Informatioun, déi Der vläicht net kritt hutt.

Da wéilt ech eppes froen. Wat mech e bësse stéiert ass, datt duerno alles, wat eriwwergeréckelt ass op den Thillebierg – wollt ech Iech froen, Här Aguiar, wéi vill Leit vun der Gemeng dann

do sinn, fir deen Terrain vum Thillebierg ze ënnerhalen, wann esou vill Ekippen do spillen?

Wann elo, wéi Der gesot hutt, den Terrain hei, de Stadion d'Fréijoer d'nächst Joer opgerappt gëtt, dat wäert jo och fir dräi oder véier Méint sinn, huelen ech un, bis den Drainage nei gemaach ginn ass – dat war emol déi Zäit, déi mir d'Entreprisë gesot hunn, déi se bräichten, fir een neien Drainage ze maachen. Souguer nach méi, zwëschent véier, fënnef a sechs Méint ass gesot ginn, bis de Wuess erëm ugewuess wär. Dat hänkt dovun of, ob ee Rollrasen hëlt oder ob een en nei beplanzt.

Da missten déi jo och enzwousch spille goen. Ech huele jo un, dass d'Pharekipp vum FC Déifferdeng dann op Nidderkuer geet. Mee déi sëllege Kanner, déi bal 500 Kanner, déi den FC Déifferdeng huet, musse jo och iergendwou spillen. Soudatt ech unhuelen, datt den Thillebierg jo nach méi belaascht gëtt, wat den Terrain ugeet.

An do fannen ech e bëssen, dat, wat ech och vum CSO gesot kritt hunn, wat den Entretien an d'Proprietéit ugeet – ech hat jo als Sportschäffen eng Ekipp, déi fënnef Deeg d'Woch do geschafft huet. Déi souguer Renovéierungsaarbechten do gemaach huet an och gekuckt huet, datt déi Vestiären, alles, wat do ze flécke war, an der Rei war.

Do misst een awer och elo nach eng Kéier eng kleng Hand matupaken, datt deen Terrain awer aktuell ass, wann elo déi aner Ekippen alleguerte mussen op den Thillebierg réckelen. Datt een och do awer ka spillen. Well wéi ech schonn héieren hunn, och vum CSO, wier dat de Moment net de Fall. Si misste selwer botzen, et wier keen Uschloss fir den Internet do, fir d'Punkten ze mellen. Also, do si genuch Doleancen. Dat ass awer normal mat engem Terrain, deen esou vétuste ass wéi deen doten. Mee ech mengen, do misst een nach eng Kéier Hand uleeën.

Mee zum Historique, wat Dir gesot hutt, wat de syntheeteschen Terrain ugeet, sinn ech frou, datt e kënnt. An e soll relativ schnell kommen. Ech fannen de Präis e bëssen héich, wann een en herno net kann halen. Mee dat muss een da kucken. Well et wier jo schéin, wann een deen Terrain herno nach kéint enzwousch anescht implantéieren. Well e kascht jo genuch. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschter. Ganz kuerz, mee et ass mer awer wichteg. Da kënnt Der och vläicht dorop nach äntwerten. Elo hu mer jo gesot kritt, dass den Terrain dann zréckgesat gëtt, aus deene bekannte Grënn. Dat ass jo schonn hei e puermol gesot ginn. Ech wollt awer drop hiweisen, dass et ganz wichteg ass, och fir eis als LSAP, dat huet schonn e Spriecher virdru gesot, dass mer dësen Terrain elo an engem Masterplang fir deen neie Quartier+ definitiv androen. An eis do och déi Méiglechkeeten oploossen, fir deen an Zukunft dohinzekréien.

Well och hei vum Här Bertinelli, dee freet: Kënne mer deen Terrain nach weiderverwenden? Mir musse wëssen, bei engem Liichtathleetikstadion, dass do en Terrain aus Wues gebraucht gëtt a kee syntheeteschen Terrain. Ech mengen, dat ass Iech jo och bekannt. Soudass deen Terrain net weider ka benotzt ginn. Dee muss dann ersat ginn oder ëmgeännert ginn an e Wuesterrain.

Mee, wéi gesot, et war jo e Projet, wou och déi Notzung vun deem Land, also vun deem Buedem a sech gemaach gi wär iwwer e Parking souterrain, wou dann den Terrain driwwer ass. Dat ass jo interessant, wat méi eng groussflächeg Benotzung erlaabt fir Sportsekipementer ënnendrënner, fir zum Beispill e Quartiersparking, wou jo de Quartier+ am Fong en autofräie Quartier soll ginn.

Ech wollt dat just nach soen. Mir komme jo nach eng Kéier drop zréck an de Budgetsdebatten, huelen ech un. Mee et wär sënnvoll, wa mer dee Liichtathleetikstadion géifen definitiv an dee Masterplang vum Quartier+ matvirgesinn. Ech soen Iech Merci.

*tisme est reporté. Fred Bertinelli comprend que désormais il faut aller vite. Mais ce n'est pas nouveau. L'objectif était de construire un terrain synthétique bon marché qui serait supprimé ensuite. Cela montre bien que l'ancien collège échevinal n'a pas dormi. À l'époque, le bourgmestre avait pris la décision d'attendre de savoir quand le stade serait construit.*
*Fred Bertinelli s'étonne par ailleurs que toute l'activité du Woiwer ait été déplacée vers le Thillenberg. Il demande à monsieur Aguiar combien de personnes de la commune entretiennent le terrain. Le terrain du Woiwer sera démoli au printemps. S'il faut refaire le drainage, les travaux pourraient durer jusqu'à six mois en fonction du type de pelouse choisi. Fred Bertinelli se demande où les équipes vont jouer en attendant. Car le FC Differdange compte quelque 500 enfants. S'ils sont déplacés au Thillenberg, ce terrain sera encore plus utilisé.*
*Pour Fred Bertinelli, l'entretien doit être la priorité. Quand il était échevin au sport, une équipe travaillait au Thillenberg cinq jours par semaine. Le collège échevinal doit s'assurer que le stade soit dans un état permettant aux équipes de jouer. Car le CSO s'est plaint. Apparemment, ils doivent nettoyer eux-mêmes. Il n'y a pas de raccordement à internet. Bien sûr, le terrain est vétuste. Mais il serait temps d'intervenir.*
*En tout cas, Fred Bertinelli est content que le terrain synthétique soit refait rapidement. Le prix est élevé. Le conseiller communal préconise son déplacement le moment venu.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a lui aussi une question importante. Apparemment, le projet du stade d'athlétisme est reporté. Désormais, pour les socialistes, il faut l'intégrer dans le plan directeur du nouveau Quartier Plus.*
*Monsieur Bertinelli a justement demandé si le terrain synthétique pourra être utilisé plus tard. Mais dans un stade d'athlétisme, le gazon doit être naturel. Le terrain devra donc être remplacé.*
*Le projet prévoyait aussi un parking souterrain sous le stade, ce qui*

*est important pour un quartier qui doit être sans voitures. En plus, le site pourrait aussi abriter de l'équipement sportif.*
*Erny Muller suppose qu'il sera question du stade dans les débats budgétaires. En attendant, il est important qu'il figure dans le plan directeur du Quartier Plus.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *va essayer de répondre aux questions.*
*Depuis qu'il est échevin au sport, sa porte est toujours ouverte aux clubs sportifs. Il estime que le collège échevinal peut se féliciter d'avoir toujours réussi à assumer son rôle de soutien aux associations sportives.*
*Le CSO lui a effectivement fait part de ses doléances. La Fédération ne permettait plus au club de jouer au Woiwer. Le collège échevinal a immédiatement décidé de reloger le club. Il a consulté le FC Differdange pour évaluer la possibilité d'une cohabitation au Thillenberg. Il a fallu trouver un compromis. Les deux clubs ont réussi à s'entendre.*
*Paulo Aguiar rappelle qu'il s'agissait d'une urgence. Bien entendu, on peut chercher les coupables. Mais dans sa situation, il se devait de réagir. Le CSO avait besoin de moyens pour pouvoir fonctionner et jouer ses matches officiels. Il fallait aussi trouver une possibilité de cohabitation avec les écoles et les maisons relais.*
*Des études ont été réalisées. Monsieur Ulveling reviendra sur ce point. Toujours est-il qu'il fallait fournir des moyens au CSO. Le collège échevinal a donc choisi de les héberger au Thillenberg. Il est vrai que ce stade n'est pas non plus dans de bonnes conditions. C'est pourquoi la commune est en train d'aménager des vestiaires temporaires.*
*Monsieur Bertinelli semble disposer d'informations que Paulo Aguiar n'a pas. Celui-ci discute régulièrement avec les clubs et personne ne lui a fait part de problèmes. S'il y a des doléances, c'est à lui que les clubs doivent s'adresser. Il essaiera alors de résoudre les problèmes au plus vite. Pas plus tard qu'hier soir, le président du*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Aguiar. An duerno den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Je vais essayer à répondre à quelques questions que vous avez posées en ce qui concerne le terrain synthétique, respectivement le club CS Uewerkuer.

Comme vous savez, j'ai été acté en février 2020. En fonction de ça, vous pouvez constater, monsieur Bertinelli et monsieur Altmeisch, que ma porte est toujours ouverte pour accueillir les associations et écouter les différentes doléances des clubs. À ce stade, je pense que ce collège échevinal peut se féliciter parce qu'on a toujours réussi à assumer le rôle de Ville de Differdange en ce qui concerne le soutien aux associations sportives.

Dans une première phase, j'ai reçu le Club CSO chez moi au bureau, où ils nous ont effectivement fait part de cette situation que la fédération avait interdit de jouer des matchs officiels. Tout de suite, on a essayé de les reloger. Parce que l'urgence était là. Et vu que c'était une urgence, on a essayé, dans le cas du Thillebierg, de voir ensemble avec le club, le FC Differdange, qui était aussi présent, comment on pouvait cohabiter.

Et dans ce sens-là, dans une deuxième phase, nous avons mené une discussion avec le FC Differdange, où nous avons trouvé un compromis. C'était une excellente réunion qui a eu lieu dans la commune. Et les deux clubs ont vraiment réussi à s'entendre pour cette cohabitation ensemble.

Après, nous sommes toujours dans le cas d'une urgence. Maintenant, on peut essayer de trouver qui est le coupable et qui n'est pas le coupable. Moi, j'étais face à une situation, où je devais absolument réagir. Pourquoi est-ce que je devais absolument réagir? Parce que le CSO est un club qui, comme les autres, a besoin de ces moyens pour faire fonctionner ses activités et pour assumer son rôle dans le cadre des matchs officiels de la Fédération luxembourgeoise du football. Il fallait également trouver en urgence une possibilité de cohabitation avec les écoles et les maisons relais.

Nous avons fait des études. Je pense que monsieur Ulveling va vous donner plus de détails en ce qui concerne les études et les moyens techniques pour le terrain. Nous avons fait en sorte que le club puisse avoir tout de suite des moyens. Et là, nous les avons hébergés au Thillebierg. En arrivant au Thillebierg, effectivement, nous avons vu que le terrain n'avait pas les conditions nécessaires. Et c'est pour ça que nous nous sommes dit tout de suite qu'il fallait des vestiaires temporaires. Maintenant, nous sommes en train d'avancer dans ce projet-là.

Dans une deuxième phase, nous avons réussi à héberger le club et à lui donner tous les moyens nécessaires. Et quand je dis tous les moyens nécessaires, maintenant, vous avez une autre information que moi. À savoir que je discute régulièrement avec les clubs et jusqu'à aujourd'hui, personne ne m'a dit : « Monsieur Aguiar, nous devons nettoyer ça, nous devons faire x ou y ».

Toutes les doléances des clubs dans le cadre de mon ressort, j'essaye de les traiter le plus vite possible avec le service des sports, qui fait un excellent travail là-dessus. Donc, vous avez d'autres informations que moi. Pas plus tard qu'hier soir, j'ai discuté avec monsieur le président du CSO qui m'a dit : « Monsieur Aguiar, vous faites un excellent travail. Et je vous remercie ». Donc voilà, on a d'autres informations.

En ce qui concerne le CSO, effectivement, il faut qu'il retrouve sa place une fois que les travaux seront terminés. Et sa place est Um Woiwer sur le terrain synthétique. C'était dans ce sens-là qu'on a effectivement travaillé. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech mengen, mir hunn e bësse laanschtenee geschwat. Dat Éischt ass emol: Wat hei virläit, dat ass en Devis. Deen

Devis, dee gëtt elo gestëmmt. An da kënnt eng Soumissioun. A wann den Devis hei positiv gestëmmt gëtt, wäert déi Soumissioun an deenen nächsten zwou Wochen an de Lëtzebuerger Zeitunge publizéiert ginn, an da geet d'Saach virun.

Dee Montant, vun deem hei rieds ass, dat ass eng Estimatioun vun de Bureau-d'études déi gesot hunn, am Prinzip misst et dat kaschten. Mir wëssen, dass d'Präisser net ëmmer – de Moment zumindest – esou agehale ginn, wéi si dat mengen. Dat ass emol dat Éischt.

Dat anert ass déi Etüd, vun där den Här Muller geschwat huet. Do geet et jo drëms, dee ganze Quartier nei ze plangen. An et geet och drëms, dat mat eise Partnerstied, déi sollte jo am Athleetiksterrain matmaachen, och nach eng Kéier ze kucken. Ufank nächst Joer solle mer eng Reunioun mat hinnen hunn, fir ze kucken, wéi si dozou stinn. Ob si ëmmer nach dozou stinn, well si hu jo déi selwecht finanziell Problemer wéi mir. An ob een dat nach kann zesumme maachen.

A wann dee Plang virläit, wäerte mer hei doriwwer schwätzen a mir wäerten e virstellen. Dat ass ganz kloer. Mee et kann een elo nach net soen, a wat fir eng Richtung et definitiv geet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wëll dem Här Aguiar nach eng Kéier äntweren. Hien huet sech verdeedegt fir näischt, e bëssen. Ech wollt just op dat, wat hie gesot huet, datt ze vill laang gewaart ginn ass, fir dee syntheeteschen Terrain ze maachen, eng Äntwert ginn, firwat dat de Fall war. Dir hat gesot, et ass ze laang gewaart ginn, fir datt dee syntheeteschen Terrain gemaach gëtt. An Dir wiert Iech do fir Saachen, wou Der Iech guer net braucht ze wieren. Well et genau dat ass, wat ech gesot hunn. Ech verstinn dat. Mee an Ärer Ried hutt Der gesot gehat, et ass ze laang gewaart ginn. Do wollt ech Iech erklären, firwat. Do waart Dir mat am Schäfferot. D'CSV an déi gréng ware mat am Schäfferot, wéi decidéiert ginn ass, elo kee syntheeteschen Terrain, deen ech wollt bauen. Dat zur Erklärung. Ech wollt Iech dat just soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da schléisse mer dëse Punkt of a géifen zum Vott kommen, wannechgelift.

Virum Vott wëll ech Iech just nach matdeelen, dass zwee Conseilleren eis grad verlooss hunn, ënnert anerem den Här Paulo De Sousa, well en d'Kand muss siche goe wéinst engem Tracing an der Schoul. Wéi gesot, de Covid ass do – an en ass ganz konkreet do. Just fir Iech ze informéieren.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir fänke mam Här Hartung un.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les analyses et devis pour la remise en état du terrain synthétique Woiwer.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Komme mer zum véierte Punkt, de PAG Plateau funiculaire. Ech géif dofir d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dëst ass eng Modification ponctuelle vum PAP 1.2 um Plateau du funiculaire. Et geet ëm den Tuerm Aurea. Wou gefrot ginn ass, ob et méiglech wier, um Rez-de-chaussée an de Surface-commerciallen, Mezzaninen anzezéien. Wat géif eng Erhéijung vun der Fläch vun der Surface commerciale vu 600 m² bedeiten. Dat ass d'Erklärung. Mir si prinzipiell domadder averstanen. Mir froen Iech, deem heiten zouzestëmmen. Merci.

*CSO lui a dit qu'il faisait un excellent travail.*
*Une fois que les travaux seront terminés, le CSO retrouvera son terrain synthétique au Woiwer.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a l'impression que les conseillers ne parlent pas de la même chose. Aujourd'hui, il est question du devis. Ensuite, le collège échevinal lancera une soumission. Au cours des deux prochaines semaines, la soumission sera publiée dans les journaux.*
*Le montant, dont il est question aujourd'hui, constitue une estimation du bureau d'études. Mais il est possible que ces prix ne correspondent pas entièrement à la réalité.*
*Pour ce qui est de l'étude dont a parlé monsieur Muller, il s'agit de planifier le quartier. En ce qui concerne le stade d'athlétisme, le collège échevinal rencontrera les villes partenaires de Differdange au début de l'année prochaine. Il faudra voir à ce moment-là si elles souhaitent encore participer au projet. Dès que le plan sera disponible, le collège échevinal le présentera au conseil communal. Pour le moment, il est trop tôt.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *trouve que monsieur Aguiar s'est défendu pour rien. Fred Bertinelli n'a fait que répondre à sa remarque selon laquelle la commune a attendu trop longtemps pour refaire le terrain synthétique. Monsieur Aguiar n'a pas besoin de se défendre, car il comprend parfaitement sa situation. Il voulait simplement lui expliquer pourquoi l'ancien collège échevinal a attendu aussi longtemps. Le CSV et déi gréng faisaient partie du collège échevinal quand celui-ci a décidé de ne pas refaire le terrain synthétique comme le voulait Fred Bertinelli.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *informe le conseil communal que deux conseillers ont dû partir.*
*Elle passe au vote.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au plateau du Funiculaire.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit d'une modifica-*

*tion ponctuelle du PAP 1.2. On a demandé au collège échevinal d'aménager des mezzanines dans les surfaces commerciales du rez-de-chaussée de la tour Aurea. L'augmentation de la surface est de 600 m². Le collège échevinal est d'accord sur le principe.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que le promoteur demande à la commune l'autorisation d'aménager des mezzanines dans les espaces commerciaux de la tour Aurea. Pour pouvoir le faire, le coefficient maximum d'utilisation du sol du lot 1.2 doit passer de 3,0 à 3,22. Cela représente une augmentation de 1081,62 m². Le CMU du lot 1.1 est quant à lui baissé pour conserver une moyenne de 3,0.*
*Cette opération est possible, mais Erny Muller souhaite faire quelques considérations. Il regrette de ne pas disposer d'un plan.*
*Si les 1081 m² sont entièrement exploités, cela représenterait l'équivalent d'un étage complet dans une tour de 49 x 24 m. Ce ne seraient plus des mezzanines. Cependant, madame Pregno a parlé de 600 m². Mais le promoteur pourrait grimper jusqu'à mille mètres carrés. Cela représenterait 60 % de la surface totale, ce qui est beaucoup. Mais le collège échevinal semble savoir que le promoteur n'a besoin que de 600 m².*
*La partie, où les mezzanines doivent être construites, ne fait que 6,30 m de haut. Si on divise cette hauteur par 2, on obtient 3,15 m. Pour un magasin, ce n'est vraiment pas beaucoup.*
*Erny Muller en conclut que le PAP permet cet agrandissement, mais que celui-ci n'était pas prévu au départ. Il se demande si les bénéfices du promoteur ne sont pas privilégiés par rapport à la taille des magasins. Il rappelle que la Poste devait faire partie des locataires, mais qu'elle a changé d'avis. La tour Gravity devrait quant à elle accueillir des espaces commerciaux sur 4000 m².*
*Les socialistes ne connaissent pas l'envergure des futures mezzanines. Ils ne savent pas non plus si elles seront facilement accessibles pour les personnes à mobilité réduites. Compte tenu de l'absence de documents, ils s'abstiennent lors du vote.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Modifikatioun vum PAP ass vum Promoteur gefrot ginn, fir d'Méiglechkeet ze hunn, fir um Rez-de-chaussée vum Aurea-Tower Mezzaninen an d'Espace-commerciallen anzezéien, wéi dat elo hei gesot ginn ass vun der Madamm Pregno.

Dëst geschitt iwwer eng Ännerung vum CMU, dem Coefficient maximum d'utilisation du sol vum Lot 1.2, dee vun 3,0 op 3,22 eropgesat gëtt. Dëst mécht fir d'Geschäftsfläch vum Tower, wann een dat ausrechent, e Plus vun 1.081,62 m² aus. Dëst ass méiglech, well d'Bruttofläch vun der Baufënster vum Auchan op den Tuerm iwwerdroe gëtt a sou de CMU vum Lot 1.1 erofgesat gëtt an d' Moyenne vum Lot trotzdeem nach ëmmer bei 3,00 bleift.

Och wann dës Aktioun, vum PAP aus betruecht, méiglech ass, bleiwen e puer Iwwerleeungen, déi et derwäert sinn ze beliichten. Leider hu mir kee Plang vun dëser Erweiderung am Dossier virleien. Wann déi zousätzlech 1.081 m² voll ausgeschëpft géife ginn, dann hätte mer fir e Gebai vun 49x24 m praktesch en zousätzleche Stack iwwert dee ganzen Espace méi. Dat wären da keng Mezzaninë méi an deem Fall.

Ech krut awer matgedeelt – an Dir hutt dat haut confirméiert, Madamm Pregno –, dass de Promoteur freet, fir nëmme 600 m² ze maachen. Mee ech mengen, mir hunn awer hei d'Méiglechkeet, fir méi wäit ze goen. Bis déi 1.000, wou ech gesot hat. Verdeelt op déi véier Espacen. Wat ëmmerhin nach 60 % vun der Grondfläch ausmécht. Wat mir fannen, dass dat vill ass fir eng Mezzanine, fir 60 % zouzemaachen iwwert déi normal Fläch vum Geschäft.

Ass dës Ausso vum Promoteur dem Schäfferot bekannt? Jo, Dir hutt gesot, déi 600 m² si bekannt. Et däerf een net vergiessen, dass d'Gesamtheet vun deem Deel, wou d'Mezzanine sollen hikommen, nëmme 6,30 m héich ass. Wa mer dat duerch zwee dividéieren, behale mer nach eng Héicht vun 3,15 m. Wat fir e Geschäftslokal, wéi mir fannen, net immens ass. Ab 3,15 m kënnt dann deen ieweschten Deel. An dat fanne mir, ass wierklech fir e Geschäftslokal keng extra Héicht.

Eis Konklusiounen: Wa vun der Form hier de PAP dësen Ausbau och erlaabt, da war en trotzdeem vun Ufank un net esou geplangt. A mir stellen eis d'Fro, ob hei elo net de Rendement respektiv d'Profitdenke vum Promoteur iwwert d'Noutwendegkeet respektiv der Gréisst vun de kommerzielle Lokaler gestallt gëtt.

Mir haten héieren, do sollt jo normalerweis an déi Espacen d'Post hikommen, wann eis Informatioune stëmmen. An nodeem dësen interessante Locataire dann ofgesprongen ass, gëtt jo elo dann no neie gesicht. A wa mer de Gravity-Tuerm kucken, wou mer jo och nach 4.000 m² Espace-commercialle virgesinn hunn, déi 2023 derbäikommen, dann ass dës Fro sécherlech berechtegt.

Vu dass mir keng konkreet Angaben iwwert d'Ausféierung an och d'Envergure vun deenen zukünftege Mezzaninë virleien hunn, an och net wëssen, ob dës besucherfrëndlech sinn, wat d'Accessibilitéit zum Beispill ubelaangt, an domat zougänglech fir Persoune mat reduzéierter Mobilitéit – sinn et einfach Passerellen, déi dohigebaut ginn an iwwer Trapen, zum Beispill, zougänglech sinn? Dat wësse mer net. Duerfir kënne mir haut, zu dësem Zäitpunkt, vu dass absolutt keng Dokumenter oder keng Ënnerlagen doriwwer virleien, dëser Erweiderung net zoustëmmen a wäerten eis beim Vott enthalen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir sinn e bëssen anerer Meenung. Mir si frou, dass e Promoteur, deen hei baut, u säi Projet gleeft a probéiert, seng Surface optimal

auszenotzen, fir eventuell nach weider kleng Geschäfter do unzesidelen.

De Modell vun de Mezzaninen, wou een och bei eis am Land an anere grousse Surfacë ka beobachten, gëtt ee gewëssene Cachet, e gewëssene Charme, wéi wann een elo just an enger grousser véiereckeger Këscht ass. Huet ee Mezzaninen uewendriwwer, da gëtt dat awer eng aner Atmosphär.

Ech sinn e bësse verwonnert, dass den Här Muller sech hei scho fir de Promoteur Gedanke mécht. Ech mengen, dass et um Promoteur ass, sech Gedanken ze maachen, ob en déi Surfacen, déi en hei baut, och lassgëtt. Ob dat, wat en investéiert och herno erëm zréckkënnt. E muss also u säi Projet gleewen. En huet och vläicht schonn Opträg vu Leit, déi interesséiert wären, op esou Surfacen zréckzegräifen. Doriwwer maache mir eis am Fong elo manner Gedanken. Soudass de Promoteur, dee jo säi Geschäft muss selwer geréieren, de Fachmann op sengem Gebitt ass, an net mir an der Politik.

Zu der Accessibilitéit, wat Dir elo gesot hutt, do gëtt et jo national Gesetzer, déi mer mussen anhalen, och fir Leit mat engem Handicap. Ech ka mer net virstellen, dass haut nach ee sech net dorunner géif halen an net alles géif maachen, fir dass d'Leit op seng Geschäfter géife kommen. Dofir kënne mir dës kleng Ännerung, wou wierklech nëmme bannenan d'Surface vergréissert gëtt, ganz gär stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Diderich. An dann den Här Tempels.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt just kuerz reagéieren op dat, wat den Här Liesch gesot huet, dass de Promoteur warscheinlech ausgerechent huet, datt dat sech lount. Ech wëll drop hiweisen, dass a ganz Europa ze vill Geschäftsfläche kreéiert ginn. An der och vill eidel stinn. Dass dat net onbedéngt am Sënn vum Commerce ass an och net am Sënn dovun, dass do wierklech herno ee lount. Mee fir de Promoteur kann et sech awer lounen. Iwwer aner Weeër lount sech dat dann dee Moment, well dat einfach e Patrimoine ass, dee se an hire Portefeuille setzen, mat deem se hire ganze Businessmodell opstellen.

Zu Lëtzebuerg hu mir eng Diskussioun, dass mer ze vill Centre-commercialen hunn. An et steet an der Diskussioun, fir e Moratoire erëm drop ze maachen, dass esou Geschäftsflächen ausgebaut ginn. Ech denken, en effet, dass mer eis net nëmmen drop solle verloossen, wat d'Promoteure sech fir sech ausrechnen. Mee dass mer eis, in der Tat, mussen iwwerleeën, ob déi ganz Geschäftsflächen – well dat ass jo net nëmmen do, dat ass jo och ronderëm de Gravity-Tower, wat nach dobäikënnt –, ob dat alles realistesch ass, wann ee gesäit, dass Opkorn nach zum Deel eidel steet.

Dat ass éischter eng Reaktioun an der Iwwerleeung, wéi mer esou Saachen uginn? A wou de Comité d'accompagnement économique an de City-Manager sech och méi mussen domadder nach auserneesetzen, denken ech, wann och Etüde gemaach ginn, wéi mer dat an Zukunft am Zentrum wëlle maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Ech mengen, mir sollen eis net esou grouss drop astellen, ob de Promoteur elo e maximale Gewënn oder maximal Rendit hei erauszitt. Et ass méi wichteg, dass mer kucken, dass mer Geschäfter oder ideal Geschäftslokaler heihinnerkréien, wou eng Nofro ass vu Leit, déi sech fir esou Lokaler interesséieren. An dann ze kucken, dass mer dat esou hikréien, dass mer och d'Geschäftswelt belieft kréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Da géife mer zum Vott kommen.

*ments, le LSAP ne pourra pas approuver cet agrandissement.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *est content de voir que le promoteur a confiance en son projet et qu'il veut l'exploiter au mieux pour attirer plus de petits magasins.*
*Le modèle des mezzanines est connu d'autres grandes surfaces à travers le pays. Elles confèrent un certain charme aux lieux.*
*Georges Liesch s'étonne que monsieur Muller parle du promoteur. Car c'est au promoteur de s'assurer qu'il réussira à louer les surfaces qu'il construit. Il doit croire en son projet. Peut-être connait-il des commerçants intéressés. Georges Liesch ne s'inquiète pas à ce sujet. Le promoteur est l'expert, pas les hommes politiques.*
*Pour ce qui est de l'accessibilité, il faut se tenir aux lois nationales. Georges Liesch n'imagine pas qu'un promoteur ne s'y tienne pas et qu'il ne fasse pas son possible pour que les clients puissent accéder aux magasins.*
*Les écologistes approuveront cette petite modification du PAP.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souhaite revenir sur les propos de monsieur Liesch. Il constate que partout en Europe on construit trop de surfaces commerciales et que de nombreuses sont vides. Cela ne favorise pas nécessairement le commerce, mais cela profite certainement au promoteur. En effet, il s'agit de patrimoine que le promoteur peut ajouter à son portefeuille.*
*Le Luxembourg compte trop de surfaces commerciales et l'on parle d'un possible moratoire sur leur agrandissement. Pour Gary Diderich, la commune ne doit pas se fier à ce que dit le promoteur. La tour Gravity va aussi accueillir des magasins. En plus, Opkorn est encore vide en partie. Est-il réaliste de prévoir autant de commerces ? Le comité d'accompagnement économique et le city manager devront en discuter dans le cadre d'études dans le centre-ville.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *trouve que la question n'est pas de savoir combien de bénéfices le promoteur va faire. Ce qui compte, c'est que des*

*magasins adaptés ouvrent à Differdange. Il s'agit de dynamiser le commerce.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux actions réalisées en 2020 dans le cadre de Déifferdeng, eng Stad hëlleft.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que le collège échevinal alloue 0,25 % du budget ordinaire à l'aide humanitaire pour la deuxième fois. Cela représente 324 000 €. La situation financière, physique et psychique de nos pays n'est pas bonne à cause de la pandémie, mais ce n'est rien comparé à la catastrophe dans les pays du tiers monde. C'est pourquoi la commune veut soutenir des projets durables dans l'éducation et l'agronomie.*
*L'objectif est que les personnes dans ces pays deviennent autonomes. Robert Mangen espère que l'aide humanitaire pourra contribuer à freiner la vague de réfugiés.*
*Monsieur Diderich et monsieur Hartung ont accepté de prendre part aux projets. Monsieur Goffinet voulait aussi le faire, mais il a quitté le conseil communal entretemps. Robert Mangen remercie également madame Romaine Regenwetter du secrétariat communal, qui a rassemblé les demandes et participé à la prise de décisions.*
*Cette année, la Ville de Differdange soutient 13 projets. Ils seront présentés dans le DIFFMAG.*
*Robert Mangen signale que l'État ajoute 50 % aux montants que la commune verse aux associations et ONG.*
*Vingt-trois-mille euros sont destinés à l'ONG Guiden a Scoute fir eng Welt soutenant une école professionnelle à Bella Vista en Bolivie.*
*L'ONG Action pour un monde uni recevra 2 dons de 30 000 € pour soutenir une école pour filles à Bukoba en Tanzanie et un projet d'agriculture biologique à Pernambuco au Brésil. Les agriculteurs ont reçu du terrain où ils pourront cultiver de la canne à sucre et d'autres produits.*
*L'organisation Catch a Smile recevra 10 000 €. Elle s'occupe de la si-*

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 5 abstentions d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Plateau du Funiculaire 1-2 à Differdange présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.*

De Punkt 5 um Ordre du jour heescht „Déifferdeng, eng Stad hëlleft". Do geet et ëm Projeten an Aktioune vun 2020. Ech géif dem Här Mangen d'Wuert ginn. Merci.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass dat zweet Joer, wou mir 0,25 % vun onsem ordinäre Budget ausginn u finanziellen Hëllefen an Drëttlänner. Fir dëst Joer sinn 324.000 Euro virgesinn. Duerch déi aktuell Pandemie geet et ville Leit, och an onse Länner, finanziell, physesch a psychesch net gutt. Mee déi virgesinnen Ënnerstëtzunge ginn a Länner, wou et de Mënsche scho virdrun net gutt gaangen ass a wou déi weltwäit medezinesch Katastroph dat nach verstäerkt huet.

Dofir ënnerstëtze mir bewosst Projeten, déi laang an nohalteg wierksam sinn. Zum Beispill am Beräich vun der Educatioun an der Agronomie.

D'Zil soll et sinn, dass d'Mënschen an deene verschiddene Länner sech selwer weiderbilde kënnen a Selbstversuerger ginn. Dës Hëllef kann, ënner anerem, dozou bäidroen, dass déi bestoend Flüchtlingswell agedämmt gëtt an déi betraffe Leit mënschewierdeg an hire Länner wunnen a liewe kënnen.

No mengen Opriff am Gemengerot, hu sech déi Häre Gary Diderich a Jerry Hartung bereeterkläert, fir sech un de Projeten ze bedeelegen. Den Här Goffinet hat sech och gemellt, huet ons awer leider an Tëschenzäit verlooss. Him och e grousse Merci fir seng Bereetschaft. Deenen zwee Hären, déi sech bedeelege wëllen, Merci fir hir Ënnerstëtzung. Ee grousse Merci och un d'Madamm Romaine Regenwetter aus dem Gemengesekretariat, déi all déi Demanden, déi mir erakruten, gesammelt huet an ons dräi Hären, mat hirer weiblecher Intuitioun, kräfteg bei den Decisiounen ënnerstëtzt huet.

Et sinn 13 Projeten, déi mir dëst Joer ënnerstëtzen. Ech wäert se kuerz ernimmen a beschreiwen. E bësse méi ausféierlech gi se progressiv an onsem Diffmag presentéiert.

Ech wëll nach just erwänen, dass zu deene Montanten, déi mir den ONGen an Associatioune bereetstellen, de Staat nach 50 % derbäileet.

Eng Ënnerstëtzung vun 23.000 Euro geet dëst Joer un d'ONG Guiden a Scoute fir eng Welt. Déi a Bolivien an der Gemeng Bella Vista eng Beruffsschoul, ee Studentewunnheem an e Gesondheetszentrum ënnerstëtzen.

D'ONG Action pour un Monde Uni gëtt mat zwee Done vun 30.000 Euro ënnerstëtzt. Deen éischten Don ass fir e Projet an Tansania zu Bukoba, wou eng Meederchersschoul ënnerstëtzt gëtt. Deen aneren Don gëtt un een ekologesch-landwirtschaftleche Projet zu Pernambuco a Brasilien. An där Géigend gëtt et haaptsächlech eng Monokultur vu Canne à sucre. D'Baueren, d'Familljen, déi kruten Terrain zur Verfügung gestallt. Si kréie gehollef, fir do eng ekologesch Agrarproduktioun ze maachen an divers aner Produiten unzebauen, duerno ze verkafen an dovunner liewen ze kënnen.

10.000 Euro ginn un d'Organisatioun Catch a Smile, déi sech fir déi mënschlech Situatioun vun de Migranten a Flüchtlingen a Bosnien an a Griicheland këmmert.

D'ONG Padem, Programmes d'Aide et de Développement destinés aux Enfants du Monde, déi mir och schonns dat lescht Joer ënnerstëtzt hunn, kritt fir hire Projet zu Madagaskar 43.000 Euro. Hei gi Fraen ënnerstëtzt, Atelieren ze grënnen, wou si eng artisanal an agroalimentaire Aktivitéit kënnen tätegen, vun deene si da finanziell ofhängeg ginn an och liewen.

Da komme mer zu der ONG SOS Faim, déi sech géint d'Aarmut am landwirtschaftleche Raum asetzt. 30.000 Euro fléissen an e Projet an Ethiopien, an der Zone Jimma, wou haaptsächlech eng Monokultur vu Getreide besteet, mat

all de Problemer vu Fertilitéit wéi och cheemeschen Dünger, deen agesat gëtt. Och hei kréien d'Baueren Terrain zur Verfügung gestallt, wou si diversifiéiert ekologesch Landwirtschaft bedreiwe kënnen an zum Beispill Geméis, Mais, Kaffi, Teff a Soja ubauen.

Déi aner Ënnerstëtzung vun 30.000 Euro ass fir de Weste vun Afrika geduecht, wou vill Räis consomméiert gëtt, zum Beispill am Benin, Burkina Faso, Mali, Niger a Senegal. Hei sollen d'Räiskulture lokal promouvéiert ginn. Déi kënnen do duerchaus ugebaut ginn. Datt déi verschidde Länner, déi scho finanziell enk dostinn, de Räis net importéiere mussen.

10.000 Euro kritt d'Association d'aide à l'enfance Mitica, déi 50 Kanner ënnerstëtzt, fir an d'Schoul ze goen am Duerf Kameubeul am Senegal. D'Raimlechkeete vun der Schoul gi renovéiert, d'Léierpersonal gëtt bezuelt, d'Kanner kréien eng Kantin a Schoulmaterial zur Verfügung gestallt.

10.000 Euro fir d'ONG Dignity, déi sech an Indien am Staat Andhra Pradesh fir eng lokal biologesch Agrarwirtschaft asetzt.

10.000 Euro fir d'ONG fir Kanner a Latäinamerika. Hei ënnerstëtze mir eng Beruffsschoul fir Jugendlecher an der Regioun Caro am Paraguay.

60.000 Euro ginn un d'ONG Frères des Hommes, déi sech fir d'Sécherheet an d'gerecht Verdeele vun Nahrung, fir eng Autonomie vun de Mënschen an den Développement durable asetzt.

30.000 Euro ginn am Senegal u Landwirt an Ziichter an der Zone Rao. Virgesi sinn zwee ekologesch Bauerenhäff, zwee Bassine fir Fëschzuichterei an en Atelier fir d'Preparatioun vun Iesssaachen.

Déi aner 30.000 Euro ginn an Nicaragua a Latäinamerika. Hei soll eng ekologesch Agrarwirtschaft gefërdert ginn, déi de lokale Finanzmaart belieft an ënnerstëtze soll.

32.000 Euro ginn un d'ONG Enfants de l'Espoir iwwerwisen. Dat ass eng zweet Tranche fir e Projet fir eng Ludothéik an der Stad Armenia a Kolumbien. Hei gi Kanner aus defavoriséierte Quartiere schreiwen a liese geléiert, et ginn artisanal Ateliere kreéiert, a si ginn och psychologesch betreit.

Dee leschten Don vun 1.000 Euro ass fir d'Association Les Amis Ayudame Luxembourg. Dës Associatioun ënnerstëtzt säit 35 Joer – si ass gegrënnt gi vun engem lëtzebuergesche Missionär, dem Padre Emilio Wagner – Weesekanner a Ruanda, Kongo a Palestina. Et ass eng Hëllef fir e reegelméissegt Iessen, Schoulausbildung, e Beruff léiere wéi och eng medezinesch Versuergung.

Et gëtt nach eng zweet Lëscht – do ginn ech awer elo net drop an –, wou lokal Organisatiounen ënnerstëtzt gi mat Suen zwëschent 100 an 250 Euro. Dat kënnt Der noliesen. Dat sinn déi üblech Demanden, déi mer op d'Gemeng kréien, fir déi eng oder déi aner Associatioun oder Veräin ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Ech profitéieren da vun der Situatioun, vu dass den Här Serge Goffinet jo net méi am Gemengerot ass, en Opruff ze maachen, ob nach ee bereet wär, fir an dee Kommitee ze kommen.

(Ënnerbriechung)

Här Hobscheit, Dir hutt Iech elo gemellt. Da sidd Der erëm komplett. Villmools merci. Här Hobscheit, wannechgelift.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wollt mech effektiv selwer mellen, fir den Här Goffinet an deem Kommitee ze ersetzen. Dat ass jo da lo geschitt.

Ech wëll de Membere vum Kommitee, dee sech d'Méi gemaach huet, hei d'Verdeelung vun de Suen ze maachen, e grousse Merci soen.

Ech hunn awer e puer Froen. Den Här Mangen huet eis d'Projete kuerz virgestallt. Dat ass eng ganz flott Panoplie u Projeten, déi ech ganz interessant fan-

*tuation des migrants et des réfugiés en Bosnie et en Grèce.*
*La commune versera un subside de 43 000 € à Padem, le Programme d'aide et de développement destiné aux enfants du monde pour un projet à Madagascar. Des femmes sont encouragées à fonder des ateliers pour y développer une activité artisanale et agroalimentaire.*
*L'ONG SOS Faim s'engage contre la pauvreté. Trente-mille euros serviront à soutenir un projet en Éthiopie. Les agriculteurs recevront des terres où pratiquer l'agriculture biologique. Trente-mille euros supplémentaires seront investis dans l'est de l'Afrique pour la promotion des plantations de riz.*
*L'association MITICA s'engage pour la scolarité de cinquante enfants à Keur Madiabel au Sénégal.*
*Dix-mille euros seront versés à l'ONG Dignity qui fait la promotion de l'agriculture biologique à Andhra Pradesh en Inde.*
*Dix-mille euros sont destinés à l'ONG Kanner a Latäinamerika pour soutenir une école professionnelle au Paraguay.*
*L'ONG Frères des hommes recevra 60 000 €. Elle s'engage dans la distribution équitable des aliments. L'argent sera réparti entre un projet au Sénégal et un projet au Nicaragua.*
*La commune alloue 32 000 € à l'ONG Enfants de l'espoir pour une ludothèque à Armenia en Colombie.*
*Enfin, un don de mille euros est versé aux Amis Ayudame Luxembourg, qui aide les orphelins au Rwanda, au Congo et en Palestine.*
*Robert Mangen mentionne une deuxième liste d'associations locales recevant des subsides de 100 € à 250 €, mais il n'entre pas dans les détails.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que monsieur Goffinet ne fait plus partie du conseil communal. Quelqu'un veut-il le remplacer au sein du comité ?*

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *souhaite remplacer monsieur Goffinet dans ce comité. Il remercie les membres du comité, qui se sont occupés de la répartition de l'argent.*

*Monsieur Mangen a présenté les projets. Ceux-ci sont vraiment intéressants. Le collège échevinal a-t-il défini des critères précis ? Les projets ont-ils un lien quelconque avec Differdange ? Ou bien ont-ils été choisis parce qu'ils sont particulièrement intéressants ?*
*Comment l'argent est-il réparti ? Certains projets ont droit à 43 000 € et d'autres à 10 000 €.*
*Pierre Hobscheit trouve l'initiative chouette. Déifferdeng, eng Stad hëlleft a une longue tradition. Les socialistes soutiennent ces subsides.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *explique que le comité s'est basé sur plusieurs critères pour sélectionner les projets. Ne pas disposer d'une accréditation du ministère de la Coopération par exemple ne suffisait pas à refuser une association. Mais comme l'accréditation est un gage de contrôle et d'expérience, les associations en disposant ont touché plus d'argent. La commune est sure que ces associations sont capables de gérer de grands projets et des montants importants.*
*Le comité a aussi privilégié les projets ayant des objectifs similaires à ceux de la commune. La Ville de Differdange est par exemple active dans le domaine du climat et de l'agriculture durable. Il s'agit en quelque sorte d'aider les gens à s'aider eux-mêmes.*
*Car si ces personnes arrivent à renforcer leur souveraineté alimentaire et à commercialiser leurs produits localement à travers des coopératives, elles créent quelque chose allant au-delà de l'aide humanitaire.*
*D'autres projets mettent l'accent sur la situation des femmes. La Ville de Differdange s'engage en faveur de l'égalité des chances.*
*Les gros subsides ont été versés à des ONG confirmées. Les associations sans agrément ou établies depuis peu ont reçu des montants moins importants. Le comité a proposé d'assurer un suivi de ces projets tout en étant conscient du fait que la commune ne dispose pas forcément du personnel et des compétences pour le faire. Il vaut donc mieux se montrer prudents.*
*Le directeur d'une des ONG vit à Differdange et collabore avec la commune.*

nen. Ech wollt awer wëssen, ob mer do prezis Krittären definéiert hunn. Wéi zum Beispill, dass mer vläicht Projete besonnesch ënnerstëtzen, déi an iergendenger Form e Lien zu eiser Stad hunn? Well vläicht Leit aus eiser Stad a Kommiteeë vun deene respektiven ASBLen aktiv sinn? Oder siche mer net onbedéngt de Lien zu eiser Stad, mee éischter, ob de Projet interessant ass oder net? Dat wär meng éischt Fro.

Meng zweet Fro ass: no wéi enge prezise Krittären d'Sue verdeelt ginn. Wann ech kucken, ee Projet kritt zum Beispill 43.000 Euro. En anere kritt der „just" 10.000 Euro. Wat nach ëmmer vill Sue sinn. Mee just, fir et besser kënnen nozevollzéien, wollt ech wëssen, wéi déi genau Opdeelung vun de Sue leeft.

Insgesamt fannen ech dat hei eng ganz flott Saach. Déifferdeng, eng Stad hëlleft ass jo eng Initiativ, déi eng laang Traditioun huet. Mir als LSAP kënnen dat natierlech nëmmen ënnerstëtzen a begréissen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt och eppes dozou soen. An ech kann dem Här Hobscheit vläicht schonn zum Deel äntweren. Am Gespréich, fir d'Selektioun vun de Projeten ze maachen, waren eis e puer Krittäre wichteg.

Een ass: Huet d'ONG eng Akkreditatioun vum Kooperatiounsministère? Dat war keen Ausschlusskrittär, mee dat war schonn e Krittär, fir méi héich Finanzementer ze ginn, well mer da méi Sécherheet hunn, dass dat kontrolléiert gëtt, an dass do och eng gewëssen Erfarung hannendrun ass. An dass mer wëssen, dass d'Strukturen deem gewuess sinn, fir esou grouss Projeten a Montanten ze geréieren. An déi hunn och oft Partenariater an deene jeeweilege Länner, déi scho waasserfest a stéchfest sinn.

Een anere Krittär, dee mer diskutéiert hunn, war, dass mer Projete wëllen ënnerstëtzen, déi deene verschiddenen Zilsetzunge vun eiser Gemeng entspriechen. D'Gemeng Déifferdeng mécht relativ vill am Beräich vum Klima a vun der Landwirtschaft, an der nohalteger Landwirtschaft. Soudass mer Projeten ënnerstëtzen, déi de Leit lokal d'Méiglechkeet ginn, fir sech selwer ze hëllefen, souzesoen. Also eng gewëssen Durabilitéit entsteet.

Dat heescht, wann d'Leit d'Moyene kréien, fir lokal d'Ernärung, also d'Souveraineté alimentaire ze stäerken oder déi Saache lokal ze kommerzialiséieren iwwer Kooperativen, da bréngt dat eppes iwwert déi Hëllef eraus. Da bleift duerno eppes, wat de Leit erméiglecht, sech un d'Klimaverännerungen och unzepassen. Da waren och Projeten dobäi, déi am Beräich vun der Roll an der Situatioun vun de Fraen e Fokus gesat hunn. Wou mir a Richtung Egalité des chances eebe fonnt hunn, dass déi sollen ënnerstëtzt ginn.

Dat gesot, déi grouss Subside sinn éischter un déi méi confirméiert ONGe gaangen. Et sinn awer och kleng Montanten un ONGen oder Associatioune gaangen, déi méi opgrond vu Biergerinitiative gegrënnt gi sinn, déi nach net esou laang etabléiert sinn an déi dann och keen Agrement hunn. Déi sinn net ganz ausgeschloss ginn. Mee wa mer se nach net wierklech kannt hunn, da ware mer e bësse méi virsiichteg. Mer hunn dann och virgeschloen, dass een déi gesäit, dass een do e Suivi mécht. Mee mir hu jo elo net onbedéngt d'Personal an d'Kompetenzen, fir an deem Beräich d'Projeten esou ze suivéieren, wéi een dat sollt maachen. Dofir ware mer an deem Sënn virsiichteg. Dat waren d'Haaptkrittären.

Et ass eng ONG dobäi, wou den Direkter och an der Gemeng wunnt a wou déi ONG och mat der Gemeng verschidde Kooperatiounen huet.

Eis war allgemeng wichteg, dass déi Projeten op jidde Fall eise Bierger och bekannt gemaach ginn an zur Sensibiliséierung vun eise Bierger solle bäidroen, an dass een och d'Zesummenhäng soll kënne gesinn zwëschent dem Handelen hei am Norden an de Konsequenzen an de Länner am Süden.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho vill gesot ginn. Ech ka mech den Erklärunge vum Här Mangen an den Äntwerte vum Här Diderich uschléissen. Dat kann ech alles bestätegen.

Ech wëll vläicht just, ergänzend zu de Montanten, soen, datt jo och d'Demandë vun den ONGe variéieren. Déi eng froe just 10.000 Euro fir e lokale Projet, woufir se net esou vill brauchen.

Et war wierklech e flott Zesummeschaffen an deem Grupp.

Wéi elo oft gesot ginn ass, den Haaptkrittär war effektiv dee vun der Nohaltegkeet. Ob de Projet eng Wierkung, en Impakt op laang Siicht an der Regioun huet. Dat heescht, mat deem déi betraffe Leit sech, ausgoend vun dëser Hëllef, selwer eppes opbaue kënnen, mat deem si sech zukünfteg selwer kënne versuergen. Datt se autonom ginn an net méi onbedéngt op eng extern Hëllef ugewise sinn.

Oder souguer nach besser: Datt se selwer Acteur an hirer Regioun kënne ginn. Wouvunner dann zukünfteg och anerer, déi an där Géigend liewen, profitéiere kënnen. An natierlech hu mer och gekuckt, datt all déi Aktivitéiten ëmmer am Aklang mat der Ëmwelt sinn.

Am Konkreete sinn dat oft Ënnerstëtzungen, zum Beispill iwwer Mikrokreditter, fir kleng oder familiär Strukturen, fir eng Landwirtschaft opzebauen an ze bedreiwen, souwéi der Sécherstellung duerch hir eege lokal Ressourcen, fir genuch Liewensmëttel ze produzéieren. Zum anere geet et och ëm d'Schoulen, fir jiddereen, och fir d'Fraen. Wou et leider net iwwerall esou ginn ass, datt jiddereen en Accès zur Bildung huet.

Ech denken, dat ass elo detailléiert an explizitt gesot ginn. Als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV stëmme mer dëser Auswiel am Kader vun Déifferdeng, eng Stad hëlleft natierlech vollstens mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Da géif ech elo d'Wuert un den Här Meisch ginn.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Initial war et jo esou, datt de Comité des Fêtes Suen erwirtschaft a gesammelt huet, déi dann am Kader vum Chrëschtmaart a Form vu Schecken u verschidden Initiative verdeelt goufen. Do si bis zu 25.000 Euro d'Joer zesummekomm. Elo ass et esou, datt 0,25 % vum Ordinär dofir geholl ginn. Wat mer och ënnerstëtzen. Mir hoffe just, datt déi Suen dann och effektiv do ukommen, wou se dann och wierklech gebraucht ginn.

Merci deene Leit, déi sech drëm bekëmmert hunn. Dat war et scho vun eiser Säit aus. Mir stëmmen dat mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Sou, ech kucken nach eng Kéier ronderëm. Här Mangen, elo ass et dann un Iech.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Déi ënnerschiddlech Zomme komme vir, well mir d'Budgete virgeluecht kréie vun deene verschiddene Projete vun de Leit, déi dat froen. Dorënner si Projeten, déi mir ganz bezuelen. Dann entstinn esou Zomme vun 43.000 Euro. Wou mir e ganze Projet ënnerstëtzen oder en Deel vun engem Projet. Esou kommen déi ënnerschiddlech Montante vir.

Vun deene meeschten Demanden, déi mer kréien, läit e Budget vir, wat si envisagéieren ze maachen. Also dat berout schonn op Zifferen, déi mer virleien hunn. Den Här Diderich huet d'ganz Krittären opgezielt. Do ginn ech net nach eng Kéier drop an.

*Gary Diderich trouve important de présenter ces projets au public et de sensibiliser les citoyens. Ceux-ci doivent se rendre compte que les agissements des pays du nord ont des conséquences sur les pays du sud.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *s'associe aux paroles de monsieur Mangen et de monsieur Diderich.*
*Concernant les montants alloués, il ajoute que les demandes des ONG varient. Certaines se contentent de 10 000 € parce que cela suffit.*
*La durabilité était le critère principal. Il s'agissait de voir si le projet avait un impact à long terme sur la région en question et s'il permettait aux gens concernés de devenir autonomes. Idéalement, ils pourraient même devenir des acteurs dans la région, ce dont les autres habitants pourraient profiter. Bien entendu, les activités doivent être adaptées à l'environnement.*
*Concrètement, il peut s'agir d'un soutien à travers des microcrédits grâce auxquels des familles peuvent lancer une petite activité agricole. Plusieurs projets concernent les écoles — notamment la scolarisation des filles.*
*Les chrétiens sociaux approuvent le choix des associations.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'au début, le comité des fêtes rassemblait de l'argent qu'il distribuait aux associations sous forme de chèques. Il s'agissait de quelque 25 000 € par an. Désormais, la commune alloue 0,25 % du budget ordinaire à l'aide humanitaire. François Meisch espère que l'argent arrivera bien là, où il faut.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que les sommes allouées dépendent des projets. La commune finance certains projets entièrement, ce qui explique les sommes pouvant aller jusqu'à 43 000 €. D'autres projets sont financés en partie.*
*Les demandes comprennent une description des projets. La décision du collège échevinal dépend donc des chiffres. Monsieur Diderich a déjà énuméré les critères.*
*Un lien avec la commune n'est pas nécessaire. Le collège échevinal veut soutenir le secteur agricole et*

*les projets écologiques. Le directeur de SOS Faim vit dans la commune. L'ONG recevra 60 000 €. Leur projet sera présenté dans le DIFFMAG.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 6 : le budget rectifié 2020 et le budget initial 2021 de l'office social.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *tient à citer le conseil d'administration de l'office social, qui a connu quelques changements.*
*Monsieur Patrick Salvi est le nouveau président. Il s'y connait dans le domaine social. Pendant des années, il a été le responsable des offices sociaux de la Croix-Rouge. Il est soutenu par mesdames Christiane Saeul et Alexandra Marcelet et par messieurs Franco Oliboni et Tom Petit. Robert Mangen leur souhaite bonne chance dans leur travail et dans leurs décisions en faveur des gens les plus démunis de la commune. Il les remercie aussi pour leur engagement.*
*En 2019, ils se sont réunis 17 fois ; cette année, probablement un peu moins.*
*Les changements informatiques rendent l'obtention de statistiques difficile cette année. Mais en 2020, l'office social a reçu 1840 clients. Cela correspond à 746 visites. Six-mille-cent personnes ont obtenu de l'aide. 41 % des aides étaient financières.*
*Cette année, 1651 clients ont été reçus. Quatre-mille-trois-cent-soixante personnes ont obtenu de l'aide.*
*Le travail a été difficile en 2020 à cause du coronavirus. Pendant le confinement, les employés ont recouru au télétravail. Les gens ont obtenu de l'aide par e-mail et au téléphone. À partir du 25 mai, ils ont pu retourner au bureau.*
*Les frais liés aux congés pour maladie sont passés de 15 000 € à 40 000 € à cause de la COVID-19. La pandémie a donc eu des répercussions sur le budget de l'office social.*
*Les frais de personnel de l'office social représentent 2,1 millions d'euros, c'est-à-dire 47 % du budget total. Les avances, les secours et les*

E Lien mat der Commune, net onbedéngt. Eis Philosophie ass, den Agrarsecteur an ekologesch Projeten ze ënnerstëtzen. Et ass eng ONG, SOS Faim, wou den Direkter hei an der Gemeng wunnt, déi mer mat 60.000 Euro ënnerstëtzen. Dat ass vläicht dann e Lien mat der Commune. Hie wäert och am Diffmag eng Kéier seng Projete virstellen an der Gemeng Merci soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Ech denken, mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les projets et actions soutenus en 2020 dans le cadre de Déifferdeng, eng Stad hëlleft.*

Ech soen Iech Merci. Mir ginn iwwer zum Punkt sechs. Do geet et ëm de Budget rectifié 2020 an de Budget initial 2021 vum Office social hei vun Déifferdeng. An ech ginn d'Wuert direkt erëm weider un den Här Mangen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Éier ech op de Budget rectifié 2020 ze schwätze kommen, wëll ech d'Kompositioun vum Conseil d'administration vum Office social zitéieren, well do e puer Changementer koumen.

Si hunn en neie President, den Här Patrick Salvi. Dat ass keen Onbekannten am soziale Milieu. Hie war laang Jore responsabel am Roude Kräiz vun den Office-sociallen, déi d'Rout Kräiz betreit huet. Hie gëtt ënnerstëtzt vun den Damme Christiane Saeul an Alexandra Marcelet an den Häre Franco Oliboni an Tom Petit. Den Tom Petit, deen ass dëst Joer dozoukomm.

Deene fënnef Dammen an Häre wënschen ech eng glécklech a gerecht Hand bei hiren Decisioune fir déi schwächste Leit an onser Gemeng. Zousätzlech e grousse Merci fir hiert Engagement. 2019 hu si sech ëmmerhi 17-mol versammelt. Dëst Joer wäert et warscheinlech e bësse manner si wéinst dem Confinement, wou vill iwwer E-Mail erleedegt gouf.

Déi administrativ Ëmstellung vun der Informatik vun allen Office-sociallen am ganze Land mécht et schwiereg, dëst Joer fir vernënfteg Statistiken ze kréien. Dat ass awer mëttlerweil korrigéiert ginn. Also dat war méi schwiereg, fir richteg a vernënfteg Zifferen ze verwäerten, wéi vill Familles monoparentales, RMG-Clienten op de Büro kommen. Fir 2019 hat den Office social 1.840 Clienten. Dat entspriecht 746 Visitten. 6.100 Leit hu gehollef kritt. Bei den Hëllefe waren et 59 % netfinanziell Hëllefen an 41 % finanziell Hëllefen.

Bis haut, an dësem Joer, sinn 1.651 Clienten empfaange ginn. 5.400 sinn op de Büro komm. A 4.360 Leit krute gehollef.

D'Aarbechtsweis war dëst Joer coronabedéngt e bësse méi schwiereg. Am Lockdown goung nëmmen Aarbecht mat Teletravail, wou d'Leit dann iwwer Mail an Telefon betreit gi sinn. Ab dem 25. Mee konnten d'Leit erëm op de Büro kommen, mee op Rendez-vous.

Komme mer elo zum Budget. Dir gesitt, am Verglach mat 2019 hunn d'Krankheetsréckzuelunge vum Personal staark zougeholl. Vu 15.000 op 40.000. Dat ass duerch méi Krankeschäiner an och duerch déi Covidsituatioun mat de Quarantäne bedéngt. Do gesäit een, wat d'Pandemie fir eng Auswierkung huet op d'Budgete vum Office social.

D'Personalkäschte vum Office social an ARIS zesumme maachen ongeféier 2,1 Milliounen aus. Dat ass 47 % vum gesamte Budget.

Déi eigentlech Hëllefe vum Office social, dat heescht d'Avancen, d'Secoursen, d'Gestiounen, leie mat 2,2 Milliounen Euro bei ongeféier 48 % vun den Ausgaben.

Déi finanziell Hëllef fir de Fonctionnement vum Office social gëtt mat 1,5 Milliounen Euro ausbezuelt. 780.000 Euro ginn op de Kont vun der Gemeng. Déi aner 780.000 op de Kont vum Ministère de la Famille.

Dee Montant ass bal ganz benotzt ginn 2020. A ka bal konstant op deem gläichen héijen Niveau bleiwe fir 2021.

Bekanntlech gëtt et am Office social dräi Aart-a-Weisen, fir finanziell ze hëllefen. Dat eent sinn d'Avancen. Dat heescht, den Office social bezilt dem Client eng Rechnung, zum Beispill ee Loyer. An de Client, dee bezilt dann dee virgestreckte Loyer iwwer Méint erëm zréck, mat klenge Montanten. Oder den Office social hält direkt déi Montante vu senger Pensioun oder vu sengem Kannergeld of. Heifir si 635.000 Euro virgesinn. An dee Montant bleift och gläich fir dat nächst Joer.

Dann zur Gestioun vu Leit, déi e Revenu hunn, awer net mat hirem Geld eens ginn am alldeegleche Liewen. Déi ginn ënnerstëtzt vun enger Assistante sociale, déi d'Rechnunge fir si bezilt an hir finanziell Situatioun reegelt. Dat sinn aktuell 45 Leit. De gesamte finanzielle Volume sinn 980.000 Euro.

D'Secoursen. Bei de Secourse bezilt den Office social Rechnunge vun hire Clienten, déi se, well se finanziell schlecht do stinn, net brauchen zréckzebezuelen. Dat ass eng wichteg Hëllef fir déi Äermste vun onser Gesellschaft. Fir 2020 ware 565.000 Euro virgesinn. Am Budget rectifié si mer bis elo scho mat 5.000 Euro driwwer. An ech huelen un, datt dat bis Enn dëses Joers warscheinlech nach klamme wäert.

Fir dat nächst Joer sinn heifir, menger Meenung no, optimistesch 570.000 Euro virgesinn. Ech ka mer virstellen, wann d'Pandemie weider unhält, datt et net bei deem Chiffer bleift oder dat net duergeet.

Interessant ze wëssen ass den Tiercé vun den Ausgabe vun de Secouren, déi ausgi ginn. Et ass keng Iwwerraschung. Et bleift ëmmer dat selwecht, wéi all Joer: Am Santésberäich, dat sinn d'Dokteschrechnungen, d'Apdikteschrechnungen an alles, wat mat der Medezin ze dinn huet: 205.000 Euro. An der Alimentatioun, dat si Bonge fir an d'Épiceries sociales: 150.000 Euro. An am Logement, dat ass de Loyer, Gas, Elektrizitéit, Mazout, wat bezuelt gëtt: ëm déi 60.000 Euro.

Iwwert d'Allocation de solidarité hunn ech scho geschwat. Bis haut sinn 945 Demanden erakomm. Mee et ass awer nach op bis Enn dës Joers, wou d'Leit sech nach kënne mellen.

Ferner gesitt Der bei deenen ordinären Depensen ee Chiffer vu 400.000 Euro fir ee Projet social. Den Office social kritt all Joer ee gewëssene Montant zougesprach vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, fir e soziale Projet ze ënnerstëtzen. D'Gemeng an den Office social hu sech entscheet, fir heimat e Projet mat Streetworker ze ënnerstëtzen. Well mir awer net déi néideg Kompetenzen hunn, wëlle mir dëse Service vu méi erfuerenen Associatioune betreie loossen. Mir hunn och scho Récksprooch mat verschiddenen Träger geholl. Dës Woch wäerte mer d'Caritas gesinn, fir och nach mat hinnen doriwwer ze schwätzen. Duerno huele mer Entscheedung, ob mer mat enger oder vläicht mat zwou Associatiounen dee Projet zesummen uginn.

Dëse Projet huet zwou Zilsetzungen. Als Éischt ass et eng Betreiung vun de Jugendlechen an eventuell och méi eelere Leit, déi ouni Perspektiv eleng op der Strooss sinn, fir hinnen de Wee zréck an ons Gesellschaft ze erméiglechen.

Deen zweeten Deel ass d'Beliewe vun onse Quartieren. Hei gouf den Héichpunkt op d'Géigend ëm de Park Gerlache geluecht. Een Zesummeliewen zwëschent de Jugendlechen, den Awunner an der Geschäftswelt gëtt ugestrieft. An dat mat ënnerschiddleche Mëttelen, zum Beispill Sport, Kultur, Musek an Evenementer zwëschent de Leit.

Et ass virgesinn, déi Jugendlech, déi elenggelooss gi sinn, u Sportsaktivitéiten ze bannen. Wou mer d'Sportsveräiner froen, en Trainer zur Verfügung ze stellen, datt deen dohinnerkënnt an hinnen do hëlleft. Wéi dat och an anere Stied schonn de Fall ass. Ech versichen dat och mat der Museksschoul. Fir eventuell och Musek do anzeféieren. Oder Kultur. Mee dat musse mer gesinn, zesumme mat deenen Associatiounen, déi ons do beroden an hëllefen.

Zum Schluss wëll ech der ganzer Ekipp vum Office social ee grousse Merci ausprieche fir hiren Asaz, dee sécherlech net einfach war an dëser Zäit vun der Pandemie.

*gestions se montent à 2,2 millions d'euros ou 48 % des dépenses.*
*Le financement de l'office social est assuré par le ministère de la Famille et la commune à hauteur de 780 000 € chacun. Ce montant ne devrait pas évoluer en 2021.*
*L'office social peut aider ses clients à travers des avances, c'est-à-dire en payant par exemple des factures qui devront ensuite être remboursées. Six-cent-trente-cinq-mille euros sont prévus à cet effet. La gestion concerne 45 clients ayant des revenus, mais n'arrivant pas à gérer leur argent. La somme gérée s'élève à 980 000 €. Les secours n'ont en revanche pas besoin d'être remboursés. Le budget 2020 prévoyait 565 000 €, mais cette somme est déjà dépassée de 5000 €. En 2021, 570 000 € sont alloués aux secours, mais Robert Mangen craint que cela soit insuffisant si la pandémie persiste.*
*Le gros des secours est versé pour les factures médicales, l'alimentation et le logement.*
*Neuf-cent-quarante-cinq personnes ont demandé l'allocation de solidarité, mais ce chiffre peut encore grimper.*
*Quatre-cent-mille euros sont destinés à un projet social. Chaque année, l'office social reçoit un don de l'Oeuvre grande-duchesse Charlotte. La Ville de Differdange va soutenir un projet d'éducation de rue. Comme elle manque d'expérience, elle va recourir à des associations. Le collège échevinal rencontrera notamment Caritas cette semaine.*
*L'objectif du projet est d'encadrer des adolescents, mais éventuellement aussi des adultes vivant dans la rue. Ensuite, il s'agira aussi de dynamiser les quartiers et améliorer la cohabitation entre les jeunes, les riverains et les magasins autour du parc Gerlache. On pourra recourir au sport, à la culture, à la musique… La commune demandera aux clubs sportifs d'envoyer un entraineur sur place. Cela existe déjà dans d'autres villes. Robert Mangen essaiera aussi de collaborer avec l'école de musique.*
*L'échevin remercie toute l'équipe de l'office social pour son engagement en ces temps difficiles. Il cite Jemp Reuter, Nicole Scheuren, Ni-*

*cola Ceravolo, Christiane Hirtz, Frédéric Huet, Marisa Neves, Chloé Pallage, Marica Schreiner, Johny Fonseca, Tina Kayser, Carine Kater, Mandy Kien et Zoé Wandivinit.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *félicite toute l'équipe de l'office social et du conseil d'administration pour le travail qu'elle effectue tous les jours au service des citoyens. Elle leur souhaite une bonne collaboration.*
*Malgré la COVID-19, il n'a pas été nécessaire d'adapter le budget de façon importante. Les aides de l'État ont permis de sauver les chômeurs. Mais compte tenu de la situation des PME et de l'Horesca, il faut s'attendre à des licenciements et des faillites.*
*En ce qui concerne les budgets 2020 et 2021 de l'office social, les dépenses concernent prioritairement les frais médicaux. En deuxième place, on retrouve les frais alimentaires. Christiane Saeul constate que les loyers sont élevés au Luxembourg. Lorsqu'on retranche le loyer et les charges d'un salaire minimum, il ne reste plus grand-chose.*
*L'aide au logement arrive en troisième place. Les démocrates saluent les projets lancés et ceux qui vont l'être. Christiane Saeul mentionne le projet de la Société nationale d'habitation à bon marché dans la route de Pétange à Niederkorn, l'acquisition de logements par la commune, l'AIS Kordall et le projet Gravity.*
*Elle salue la dotation de la loterie nationale, qui servira à monter un projet d'éducation de rue. L'objectif est d'aller à la rencontre de gens dans la rue et de leur proposer des activités afin de les sortir des problèmes de drogue ou d'alcool par exemple et éventuellement leur faire reprendre l'école ou leur trouver un travail. Des négociations sont en cours avec la Croix-Rouge, Jugend- an Drogenhëllef, Caritas et Interactions Faubourg pour établir un partenariat avec Differdange.*
*Le projet concerne le parc Gerlache et les rues autour. Il s'agit de créer une nouvelle dynamique pour les magasins et d'apporter un sentiment de sécurité aux habitants.*

An ech wéilt déi Nimm hei zitéieren, déi sech doru bedeelegt hunn. Am administrative Beräich, dem Responsabelen, dem Här Jemp Reuter, senger Sekretärin a sengem Sekretär, d'Nicole Scheuren an den Nicola Ceravolo. D'ganz Ekipp vun den Assistante-sociallen: d'Christiane Hirtz, de Frédéric Huet, d'Marisa Neves, d'Chloé Pallage an d'Marica Schreiner. Dann och zousätzlech der Ekipp vun den ARIS e grousse Merci: dem Johny Fonseca, dem Tina Kayser, dem Carine Kater, dem Mandy Kiens an dem Zoé Wandivinit.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre vum Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen an den Här vun der Press, zum Budget rectifié 2020 an Initial 2021 wéilt ech als Éischt, an an der Kontinuitéit vun deene leschte Joren, dem ganze Staff vum Office social a sengem Conseil d'administration felicitéieren a Merci soe fir hir kompetent Aarbecht, déi si all Dag maachen am Sënn vu sozialem Engagement fir de Bierger. A wënschen eis weiderhin dës gutt Zesummenaarbecht.

Am Budget rectifié 2020 sinn, trotz Covidsituatioun, an dësem Joer keng grouss Adaptatiounen néideg gewiescht. D'staatlech Hëllefen hu vill Mënsche virun der Aarbechtslosegkeet gerett, vu dass d'Wirtschaft nach ëmmer stottert. Vu d'Lag vun de klengen a mëttlere Betriber an der Horesca si wuel nach etlech Entloossungen a Faillitten ze erwaarden.

An de Budgeten 2020 an 2021 ënner Aides aux nécessiteux hu mer sollicitéiert Posten, déi erausstiechen. Nummer 1 bleift d'Frais médicaux, dat heescht dee ganze Beräich Santé. Dat geet iwwer Dokter, Apdikt, Spidol, Kiné, Optiker an esou weider. D'Nummer 2, sinn eropgerutscht, dat sinn d'Frais alimentaires: Bonge fir Alimenter an d'Épicerie sociale. Well, wann de Loyer – a wéi mer wëssen huet Lëtzebuerg en héije Loyer – an déi lafend obligatoresch Fraise bezuelt sinn an nëmmen e Mindestloun oder e qualifizéierte Mindestloun zur Verfügung steet, gëtt et finanziell knapp.

Nummer 3 ass Aide au logement. Hëllef bei de Loyeren, d'Garantie loyer, Aarbechten an esou weider.

Mir begréissen déi Projeten, déi schonn ugefaange sinn oder an noer Zukunft an de Bau kommen. Ech denken un de Projet vun der Société Nationale d'Habitations à Bon Marché zu Nidderkuer am Péitenger Wee, dee schonn am Bau ass. Un d'Gemeng, déi Haiser opkeeft, fir se weiderzeverlounen zu engem räsonabele Loyer. D'AIS Kordall. An net ze vergiessen de Projet Gravity. Bezuelbare Wunnraum fir all an eisem neien Zentrum vun Déifferdeng.

Positiv am Budget vum Office social bleift weiderhin d'Dotation vun der Lotterie Nationale aus der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Déi Sue si virgesinn, fir en neie soziale Projet opzebauen. Dëse wär, wéi scho gesot, de Projet Streetwork, eng Quartiersaarbecht.

D'Definitioun vu Streetwork ass, op Jonker oder net sou Jonker duerzegoen, si ze reorientéieren, hinnen Aktivitéiten ze proposéieren, ouni Zwang. Mat ugepasster professioneller Approche se vum Dealen, vun Drogen oder Alkoholkonsum erofzekréien, eng Plaz, net dobaussen, ze fannen, wou se kënnen zesummesinn, schwätzen iwwer eng Alternativ, erëm an d'Schoul oder schaffen ze goen, sech erëm ze integréieren.

Streetwork gëtt vu professionelle Workere gemaach. Gespréicher lafen elo mat der Croix Rouge, Jugend- an Drogenhëllef, Caritas an Inter-Actions Faubourg, fir een oder méi Partner fir Déifferdeng ze fannen. A soubal et erëm gutt dobaussen ass, de Projet ze starten. Et handelt sech hei ëm de Parc Gerlache mat sengen Alentouren a Stroossen. Fir hei eng nei Dynamik ze schafen an der Geschäftswelt an erëm e Gefill vu Sécherheet fir d'Awunner eranzebréngen.

Esou Servicer besti schonn an de Quartiere Bouneweg, Lëtzebuerg-Gare an Esch-Uelzecht. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'Demokratesch Partei stëmmt de Budget vum Office social rectifié 2020 an initial 2021.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Den Office social huet sech de sanitäre Mesurë mussen upassen. Wat sécher keng einfach Aufgab war. Ech soe gär am Virfeld am Numm vun déi gréng der Ekipp vum Office social, der Ekipp vum ARIS an dem Conseil d'administration vum Office social mat hirem President, dem Patrick Salvi, en décke Merci.

Am Lockdown am Mäerz ass an enger éischter Phas mat engem administrativen an engem soziale Member geschafft ginn. All déi aner waren am Teletravail. Waren deemno iwwer Telefon respektiv Mail ze erreechen. Et sinn haaptsächlech d'Basisbesoinen ofgedeckt ginn, am Beräich vun der Gesondheet a vum Iessen, wéi och den Accès fir d'Épicerie sociale.

Et ware Certificats de prises en charge ausgestallt ginn, fir ze vermeiden, dass verschidde Leit e puermol hätte missen an den Office sociale goen. Fir esou d'Kontakter ze limitéieren.

De Conseil huet iwwer Mail funktionéiert. Wann hu mussen Decisioune geholl ginn, huet dat gutt geklappt. A wann néideg huet de President d'Trottinette geholl an ass ënnerschreiwe gaangen.

Säit dem 25.5. funktionéiert et relativ normal. D'Permanencë sinn awer ofgeschaaft ginn, soudass een ëmmer e Rendez-vous muss hunn.

Säit dem 26.10. schaffe se a getrennten Ekippen. Wat eng gutt Iwwerleeung war. Fir dass an engem positive Fall net dee ganze Service ausfält.

De Budget vum Office social ass lues a lues an d'Luucht gaangen, en ass net explodéiert.

50 % vum Budget gi vun der Gemeng a 50 % vum Ministère de la Famille gedroen. Den ARIS, deen elo an der BIL ass, 100 % vum Ministère de la Famille.

Den Här Mangen an d'Madamm Saeul hu scho villes gesot. Ech wollt just soen, 2019 waren et 7.467 Visitten. Virdrun hat den Här Mangen et reduzéiert op 1/10, wat vläicht Wonschdenken ass, mee esou wéineg waren et der dann awer net.

D'Moyenne d'âge, fir déi, déi dat interesséiert – also et ass net eng Moyenne, mee déi meescht Leit sinn tëscht 30 a 50, déi e Rendez-vous brauchen oder eng Hëllef ufroen.

D'Hitparad, déi dräi Beräicher Santé, Alimentatioun a Logement si genannt ginn. Ech wollt net nach eng Kéier drop agoen, ausser vläicht, wat d'Frais pharmaceutiques ubelaangt. Do hunn ech mech gefrot – well déi am Office social kënne jo net decidéieren, wat brauchen d'Leit, wat brauche se net –, ob een net kéint soen, dass ee vläicht e Stempel hätt, wou dann esou wär, dass et en charge geholl gëtt, wann et reconnu ass, also remboursabel ass vun der CNS. Fir dass een all déi aner Saachen net automatesch ofdeckt an eventuell schlecht Iwwerraschunge kritt. Wouduerch een de Budget och vläicht kéint méi kleng maachen. An an Ausnamefäll kéint een dat jo nach ëmmer am Office social diskutéieren oder eppes nofroen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Den Här Diderich. An dann den Här Hartung.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Och vu mir, als Vertrieder vun déi Lénk, e grousse Merci un déi Aarbecht, déi geleescht gëtt am Office social. Déi souwisou schonn néideg ass, duerch déi ëmmer méi grouss sozial Ongläichheeten, déi an eiser Gesellschaft entstinn.

*Des services similaires sont proposés à Bonnevoie, Luxembourg-gare et Esch-sur-Alzette.*
*Le DP approuvera les budgets 2020 et 2021 de l'office social.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *constate que l'office social a dû s'adapter aux mesures sanitaires. Elle remercie l'équipe, le conseil d'administration, monsieur Patrick Salvi et de l'ARIS.*
*Pendant le confinement, l'office social a fonctionné avec un employé administratif et un assistant social. Les autres étaient en télétravail. L'office social a surtout essayé de couvrir les besoins de base. Des mesures ont été prises pour éviter que les clients ne doivent se rendre à l'office social plusieurs fois.*
*Le conseil d'administration a fonctionné essentiellement par e-mail même si le président a parfois dû se déplacer en trottinette pour aller signer des documents.*
*À partir du 25 mai, le fonctionnement a repris plus ou moins normalement. Depuis le 26 octobre, l'office social travaille en équipes séparées.*
*Le budget de l'office social n'a pas explosé. Le financement est assuré par la commune et le ministère de la Famille. L'ARIS est financé à 100 % par l'État.*
*En 2019, il y a eu 7467 visites et pas 746 comme monsieur Mangen a dit tout à l'heure. La plupart des clients ont de trente à cinquante ans.*
*Les aides ont concerné surtout la santé, l'alimentation et le logement. Pour ce qui est des frais pharmaceutiques, les employés de l'office social ne peuvent pas décider ce dont les clients ont besoin ou pas. Ne pourrait-on pas introduire un cachet démontrant qu'une prise en charge est remboursable par la CNS ? Cela permettrait d'éviter de mauvaises surprises. L'office social pourrait toujours discuter des cas limites.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *remercie à son tour l'office social pour son travail. Celui-ci est nécessaire pour faire face aux inégalités sociales de notre société renforcées par la COVID-19.*

*Gary Diderich rappelle comme chaque fois l'importance de prévenir ces inégalités pour que la fourchette ne s'élargisse pas. Cette prévention se fait grâce à une politique fiscale équitable, une politique des prêts juste et l'éducation. Malgré tout, il peut arriver que le destin frappe.*
*Le Luxembourg connait des problèmes structurels, car l'aide sociale augmente en permanence. Récemment, un article du Tageblatt signalait que les communes luxembourgeoises disposaient de peu de logements d'urgence. Gary Diderich en profite pour lancer un appel dans ce sens. Il rappelle qu'il avait introduit une motion demandant au collège échevinal de louer des appartements. Cette motion a été rejetée. Or elle aurait permis aux employés de l'office social d'aider un bon nombre de leurs clients en réduisant les charges du logement.*
*Gary Diderich exhorte le collège échevinal à réfléchir à des mesures pour augmenter le nombre de logements d'urgence.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie à son tour l'équipe de l'office social qui aide tous les jours les citoyens en situation précaire. Cela est particulièrement important en période de pandémie.*
*L'office social a besoin de moyens financiers figurant dans le budget. Soixante-mille euros sont alloués aux loyers. Les frais de logement impactent fortement le pouvoir d'achat de nombreux ménages. L'aide prévue se monte à 150 000 € pour l'alimentation, 27 500 € pour l'électricité, le gaz et le mazout, 90 000 € pour les soins de santé et 60 000 € pour les frais de pharmacie. Ces chiffres démontrent que même dans un pays riche comme le Luxembourg, de nombreux habitants sont vulnérables.*
*L'impact du coronavirus sur les chiffres n'est pas encore connu. C'est pourquoi les projets sociaux de la Ville de Differdange sont importants. Jerry Hartung mentionne le service du logement et l'AISK. Mais ces projets ne suffisent pas à lutter contre les inégalités sociales.*
*Le projet d'éducation des rues est une bonne initiative allant dans le sens de la prévention.*

An déi elo duerch d'Covid-19-Kris nach verstäerkt ginn. Dat mécht déi Aarbecht ganz wichteg a ganz néideg.

Woubäi, wéi all Kéiers, wann ech zum Theema Office social d'Wuert ergräifen, ech nach eng Kéier wëll ënnersträichen, dass et wichteg ass, déi Ongläichheete sou gutt wéi méiglech ze prevenéieren, also dass se net weider ausernee ginn. Dat geschitt natierlech iwwer eng gerecht Steierpolitik. Dat geschitt iwwer eng gerecht Lounpolitik. An dat geschitt awer och iwwert d'Educatioun.

Mee souguer wann all déi Saache perfekt sinn, wäerten ëmmer Leit betraff si vu Schicksalsschléi, déi een net all aus dem Wee ka raumen. An dofir ass et wichteg, esou een Office social ze hunn.

Et sinn eng Rei Saache strukturell an der Schiflag hei zu Lëtzebuerg. Dat gesäit een dorunner, dass déi Aiden ëmmer méi eropginn. Mir wëssen alleguerten, dass virun allem de Logement e ganz grousse Grond ass, deen dat nach a ville Fäll verstäerkt.

Et war rezent en Artikel am Tageblatt, dass am Logement, d'Gemengen – och mir als Déifferdenger Gemeng, awer all d'Gemengen – ganz schlecht opgestallt sinn a Saache Logements d'urgence. Dat heescht Wunnengen, mat deenen ee méi schnell op Situatioune reagéiere kéint. Dofir wollt ech nach eng Kéier den Appell maachen, an deem Beräich och spezifesch no Léisungen ze sichen, dass mer déi Logement-d'urgencen hunn, an dass mer eis och méi kuerzfristeg Instrumenter ginn, fir aner Logementer ze fannen.

Ech hat jo eng Motioun abruecht, fir Logementer unzelounen an erëm weiderzeverlounen. Déi ass leider verworf ginn. Dat wär awer eng Mesure, déi wéi gesot och an deene Situatiounen hëllefe géif an och de Leit am Office social kéint hëllefen, fir hir Leit ënnerzebréngen an d'Charge vum Logement op hir Budgete kéint erofsetzen.

An deem Sënn wollt ech nach eng Kéier den Appell maachen, spezifesch am Beräich vun de Logements-d'urgencen ze iwwerleeën, wat mer do kënne maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Elo ass et um Här Hartung an dann um Här Hobscheit.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Numm vun der Déifferdenger CSV wëlle mir virop der ganzer Ekipp vum Office social Merci soen, déi all Dag hiert Méiglechst maachen, fir eise Bierger, déi sech an enger prekärer Situatioun befannen, beschtméiglech ze hëllefen, och grad an esou enger Pandemiezäit. Dofir brauche se natierlech finanziell Moyenen, déi mer haut hei am Dossier als Budget virleien hunn. D'Hëllef fir d'Loyeren, déi läit bei 60.000 Euro. Déi héich Wunnkäschte bréngé fir vill Stéit mat sech, datt et, nodeem si hir Rechnung fir hiert Logement am Mount getilgt hunn, op villen anere Plazen net méi duer geet.

E puer Zuelen erausgepickt: Finanziell Hëllefe fir Iessen ze kafen: 150.000 Euro. Elektresch, Gas a Mazout, alles zesummen: 27.500 Euro. Soine fir d'Gesondheet vun de Leit, déi vum Office social mat engem Total vun 90.000 Euro a fir d'Apdikt nach eemol mat 60.000 Euro budgetiséiert goufen. Dat sinn Zuelen, déi weisen, datt et och am räiche Lëtzebuerg ville Leit net gutt geet. An et ass traureg, datt mer déi sozial Ongerechtegkeeten net besser an de Grëff kréien.

Bei dësen Zuele sinn d'Repercussiounen, den negativen Impakt, deen de Coronavirus mat sech bréngе wäert, nach net iwwerall erfaasst. Dofir sinn déi vill sozial Projeten, déi mer hei zu Déifferdeng hunn, esou wichteg. A besonnesch eise Service Logement an d'AISK, déi um Wunnengsmaart méiglech Alternativen zu soziale Präisser sollen ubidden. Mee mat deenen Zuele gesäit een, datt et definitiv net wäit genuch geet. Soudatt d'Politik, national wéi lokal, weider gefuerdert ass, de sozialen Ongläichheete méi entgéintzewierken.

Den ugeschwate Projet vun de Streetworker ass an deem Kontext eng wichteg Initiativ, well en zum Deel eng preventiv Hëllef duerstellt.

D'CSV stëmmt de Budget vum Office social mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll mech all deene Mercien, déi hei e puermol ausgeschwat goufen, am Numm vun der LSAP uschléissen. D'Aarbecht, déi d'Leit am Office social maachen ass mat Sécherheet keng einfach. A si war dëst Joer warscheinlech nach vill méi schwéier, wéi se et soss schonn ass. Wann ech héieren, dass coronabedéngt d'Aarbechtsmethoden hu mussen ëmgestallt ginn, da war dat eng Erausfuerderung. An ech mengen, dass dat och fir déi betraffe Leit, déi an den Office social kommen, eng grouss Erausfuerderung war.

En Theema, wat jo wärend dem Confinement ëmmer nees ugeschwat gi war, dass vill Leit am Confinement eleng doheem isoléiert waren. A wann op eemol de Kontakt mam Office social just nach kann iwwer Telefon oder E-Mail stattfannen, da suergt dat bei deene betraffene Leit fir zousätzlech Problemer. An ech hoffen, dass dat sech elo déi nächst Wochen, wa mer nees, op d'mannst deelweis, an de Confinement ginn, net nach eng Kéier fir déi Leit wäert verschlëmmeren.

D'Hëllefen, déi ugeschwat goufen, si wichteg, sinn néideg. Et ass och schonn ugeschwat ginn, dass et eis zu Lëtzebuerg endlech misst geléngen, fir méi sozial Gerechtegkeet ze suergen. Dass manner Leit mussen op den Office social goen a manner op d'Hëllefe vum Office social ugewise sinn. Dat ass natierlech wouer. Mee en attendant muss een einfach frou sinn, dass d'Leit kënne gehollef kréien. Sief dat bei medezinesche Rechnungen, déi se musse bezuelen. Sief et beim Akafe vu Liewensmëttel oder bei de Käschten, déi ufale fir ze wunnen.

Mir si frou, dass dee Budget deen ass, deen en ass. An dass d'Leit kënne gehollef kréien.

Ganz interessant – an ech wëll dat och hei ausdrécklech begréissen – fannen ech de Projet mat de Streetworker. Wien op de sozialen Netzwierker ënnerwee ass, huet net méi spéit wéi de Weekend e Post zirkuléiere gesinn, wou et zu engem, wéi ech fannen, dramateschen Tëschefall komm ass, wou eng Persoun aggresséiert an attackéiert gouf.

Ech mengen, grad esou Situatioune gëllt et um Terrain ze verhënneren. Andeems ee mat deene Jonken, déi betraff sinn – awer net just mat deene Jonken, och dat gouf jo schonn ugeschwat, mee virun allem mat deene Jonken a Kontakt trëtt, mat hinne schwätzt, e bësse kuckt, wou déi Aggressiounen hierkommen a wéi een deenen Aggressioune kann entgéintwierken.

Domat hëlleft een deene Jonken, déi selwer betraff sinn. Et hëlleft een de Leit am Quartier, andeems ee fir méi Sécherheet an eng besser Liewensqualitéit suergt. An et hëlleft een insgesamt eiser Stad. Well duerch esou Tëschefäll dach awer den Image vun Déifferdeng am grousse Ganzen e bësse leit. Dat ass schued. Duerfir fannen ech et immens flott, dass déi Sue fir dee Projet virgesi sinn. Mir als LSAP kënnen dat nëmmen ënnerstëtzen. Mir stëmmen de Budget vum Office social ganz gäre mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Ech denken, da kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié 2020 et le budget initial 2021 de l'office social.*

Da si mer elo beim Punkt 7a. Do geet et ëm Vertrag tëschent der Gemeng a Sudgaz fir d'Installatioun vun enger Photovoltaikanlag um Daach vun der Mathendahl-Schoul zu Nidderkuer. Ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Pregno.

*Le CSV approuvera le budget de l'office social.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *s'associe aux remerciements. Le travail de l'office social n'est jamais simple et cette année, il a sans doute été plus difficile encore. Il a fallu notamment adapter les méthodes de travail.*
*L'isolement a été un des problèmes générés par le confinement. Les clients de l'office social ne pouvaient contacter leurs assistants sociaux que par téléphone ou e-mail. Pierre Hobscheit espère que la situation de ces personnes ne va pas empirer ultérieurement dans les semaines à venir.*
*Les aides sociales sont nécessaires. Le Luxembourg doit parvenir à améliorer la situation pour que moins d'habitants aient besoin de l'office social. En attendant, il faut aider les gens — que ce soit pour les soins médicaux ou pour l'alimentation. Pierre Hobscheit soutient le budget présenté.*
*Le projet de l'éducation de rue est particulièrement important. Le weekend dernier, Pierre Hobscheit a vu sur les réseaux sociaux qu'une personne avait été attaquée. Ce type de situations peut être évité en allant à la rencontre des jeunes, en discutant avec eux et en essayant de comprendre d'où vient leur agressivité. Cela permet d'aider les jeunes, mais aussi les habitants du quartier. L'image de Differdange s'en trouvera elle aussi améliorée.*
*Les socialistes approuveront le budget de l'office social.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat avec Sudgaz pour l'installation de panneaux photovoltaïques sur le toit de l'école du Mathendahl.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute que l'installation photovoltaïque fera 500 m². Le contrat de location portera sur 15 ans et pourra être reconduit 2 fois pour 5 ans. Ensuite, la commune décidera si elle veut acheter l'installation où si Sudgaz doit la démonter.*
*Laura Pregno ne peut pas encore définir le rendement exact de l'installation, car le toit n'est pas fini. Mais il devrait tourner autour de cent kilowatt-crête.*
*Le projet est chouette. Le collège échevinal avait présenté des projets semblables la dernière fois.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se demande si le collège échevinal prévoit également d'installer des panneaux solaires sur le centre sportif et la SportFabrik.*
*Il salue tous les projets permettant de renforcer la production d'énergie communale.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que le moment venu, d'autres bâtiments seront pris en considération.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *suppose que le loyer sera adapté. Actuellement, il se base sur un rendement de trente kilowatt-crête.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat avec Publi.lux, qui gère les affichages sur les arrêts de bus.*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi grad erläutert, geet et hei ëm e Locatiounskontrakt mat Sudgaz fir eng Photovoltaikanlag um Daach vu 500 m² op der nei gebauter Schoul zu Nidderkuer am Mathendahl. De Kontrakt soll fir 15 Jore gemaach ginn, mat enger méiglecher Verlängerung vun zweemol fënnef Joren, wann dat dann no 15 Joren erwënscht ass. Dee Moment kann ee kucken, ob een déi Installatioun selwer kafe wëll. Wann dat net de Fall ass, da géif Sudgaz sech drëm këmmeren, fir déi Installatioun op hir Käschten ewechzehuelen.

Mir wäerten hei eppes ëm déi 7,50 Euro de Kilowatt-Peak herno kréien. Déi genau Leeschtung kënne mer de Moment nach net genau definéieren, well den Daach respektiv de Bau nach net fäerdeg ass. Ech denken, dass mer eis hei ëm 100 Kilowatt-Peak maximal wäerte beweegen. Dat sinn emol déi momentan Informatiounen, déi mir dozou hunn.

Et ass e flotte Projet. Mir hate jo schonn an deem leschte Gemengerot esou Projeten. Déi hate vill Uklang fonnt. Soudass ech denken, dass Der och elo mat op dee Wee gitt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech begréissen dat natierlech. Ech hu mech gefrot, ob et och fir d'Sportshal niewendrun Iwwerleeunge gëtt a Richtung Solaranlagen. Hei niewendrun, wou elo d'Sportshal renovéiert gëtt an d'Sportsfabrick. Well dat Diech sinn, déi awer gutt ausgeriicht sinn.

Ech begréissen, wéi ëmmer, déi Projeten, déi an déi Richtung ginn, dass mer eis Energieproduktioun eropsetzen, lokal hei um Terrain.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Also den Hall O hate mer jo leschten oder virleschte Gemengerot. An déi aner Säit kënnt sécherlech och, le moment venu. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da gi mer zum Vott iwwer. Pardon, Här Tempels. Dir musst Iech wierklech bemierkbar maachen. Pardon.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech jäizen d'nächste Kéier méi haart. Entschëllegt. Et ass jo esou, dass dann herno de Loyer ugepasst gëtt. Hei ass ee jo elo vun 30 Kilowatt-Peak ausgaangen. Dat heescht, wann et méi grouss gëtt, wa se méi grouss ausfält, gëtt dat ugepasst? Ass dat esou?

(Ënnerbriechung)

Voilà. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de la toiture de l'École Mathendahl à Niederkorn signé avec Sudgaz SA pour la mise en place d'une installation photovoltaïque.*

Da si mer um Punkt 7b. Do geet et ëm e Kontrakt mat Publi.lux. Dat heescht déi Reklammen, déi op eise Bushaisercher sinn. Ech géif d'Wuert dann direkt

erëm weider un d'Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wéi scho gesot, geet et hei ëm e Contrat d'affichage vu Publi-Lux, wou déi Entreprise eis Bushaisercher zur Verfügung stellt. Mir als Gemeng maachen d'Aarbechte fir d'Installatioun. Publi.lux iwwerhëlt d'Infrastrukturen a verlount dee Moment esou Panneauen, wou si Publicitéit drop maachen. Et ass en neie Kontrakt, dee fir zwielef Jore gëllt.

Et ass e Kontrakt, deen et scho gouf. Dee war elo à échéance komm. Mir wollten dat mat hinne weiderféieren, well et eng relativ gutt Zesummenaarbecht gëtt. Am Vertrag hu mer elo och draschreiwe gelooss – a mir hunn dat als Gemeng gefrot –, dass keng Publicitéit fir Alkohol, Zigaretten a Glécksspiller gemaach gëtt. Mir fannen, dass dat net ganz opportun ass. Well et war, an ech hunn dat selwer gesinn, op jidde Fall mol ganz no bei enger Schoul, Reklamm fir Alkohol. An ech fannen dat moralesch net vertrietbar. Dat hu si dann och ugeholl.

Interessant ass, dass eis Déifferdenger Commercen 30 % Reduktioun um Tarif kréien. An ech hoffen, dass si dann och dovu wäerte profitéieren. Fir mol déi eng oder déi aner Kéier eng Reklamm vun engem Déifferdenger Commerce drop ze fannen.

Dat war et vu menger Säit. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Eng flott Initiativ, Madamm Pregno. Wëll ee sech dozou äusseren? Den Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëse Kontrakt garantéiert d'Gemeng Publi.lux en Exklusivrecht fir Reklammen an a bei den Haltestelle vun de Bussen an de Parkhaiser an all deenen anere Plazen, déi dofir virgesi sinn. Och elektronesch Panneaue kënne fir deen Zweck opgeriicht ginn.

Laut Kontrakt fléissen 22 % vun den Nettoeinnamen an d'Gemengekeess. Veräiner a Geschäftsleit aus der Gemeng profitéiere vun enger Remise vun 30 %, wat als korrekt ka bezeechent ginn.

Ech vermësse bei dësem Kontrakt de Präis, deen den Afficheur muss bezuelen, fir vun dëser Offer ze profitéieren. Et ass scho seelen, dass e Kontrakt entsteet ouni Präis vun deem, wat ugebuede gëtt.

An deem Kontext muss ech un déi dräi Elektropanneauen denken, déi d'Gemeng virun enger gewësser Zäit kaaft huet. Si sollten Informatiounen a Publikatioune fir eis Bierger liwweren an op dräi strateegesch wichtege Plazen opgeriicht ginn. D'Zouleitunge fir d'elektresch Programméierung goufe gezunn. Souguer ware scho verschidde Masten opgeriicht. Leider ass keen Ecran an den Asaz komm. Wat ass mat dësem Projet geschitt? Ech soen Iech Merci fir d'Informatiounen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wien äntwert dem Här Altmeisch? Madamm Pregno, äntwert Dir?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, natierlech. Merci, Här Ulveling. Et gëtt Problemer mat der Permission de voirie, fir déi Panneauen opzeriichten. Souwäit meng Informatioune fir de Moment.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat sinn och meng. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da kënne mer ofstëmmen.

(Ënnerbriechung)

Pardon?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et gouf nom Präis gefrot.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que Publi.lux met les arrêts de bus de Differdange à disposition pour des affichages. La commune s'occupe de l'installation et Publi .lux loue des panneaux pour des réclames.*
*Le nouveau contrat porte sur 12 ans. L'ancien arrive à échéance. La collaboration avec Publi.lux se passe relativement bien. Le contrat interdit les publicités pour l'alcool, les cigarettes et les jeux de hasard. Laura Pregno a elle-même vu que parfois, des réclames pour de l'alcool avaient été affichées près d'écoles. Moralement, c'est inacceptable.*
*Les commerces de Differdange auront droit à 30 %. Laura Pregno espère qu'ils ont profiteront.*

**TOM ULVELING (CSV)** *trouve l'initiative intéressante.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que la commune garantit à Publi.lux une exclusivité sur les réclames dans les arrêts de bus et les parcs de stationnement. Des panneaux électriques seront aussi installés.*
*22 % des revenus nets seront versés à la commune. Les associations et les commerçants de Differdange auront droit à une remise de 30 %.*
*Guy Altmeisch regrette que le prix que l'afficheur doit payer ne figure pas dans le dossier. Il est rare de voir un contrat sans prix.*
*Qu'en est-il des panneaux électriques qui devaient afficher des informations pour les citoyens ? Les raccordements ont été installés.*
*Malheureusement, aucun de ces écrans n'est en fonction.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il y a des problèmes de permission de voirie pour installer les panneaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a les mêmes informations. Il passe au vote.*
*(Interruption de M. Diderich)*

*Tom Ulveling répond que la société peut demander ce qu'elle veut. Cela n'a rien à voir avec la commune. Les prix varient probablement en fonction du volume. C'est pourquoi on ne peut pas inscrire de prix dans le contrat.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *revient sur les propos de madame Pregno concernant la voirie. Les écrans ont déjà été installés sur la place du Marché et près de LUNEX. Où sont les problèmes ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il s'agit d'un problème de permission de voirie. Il existe des contraintes concernant par exemple la proximité à l'éclairage, etc.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat de bail dont il a été question la dernière fois. Une dame loue une petite boutique, Volio, au 3, rue du Parc-Gerlache. Il s'agit d'un magasin éphémère de 55 m². Le contrat porte sur la période du 14 au 31 novembre.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch confirme qu'il s'agit du 31 décembre. Le loyer se monte à 600 €. La bourgmestre espère que beaucoup de gens profiteront du magasin éphémère.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *demande si le loyer s'élève à 600 € par mois.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que non.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que ce serait cher.*
*(Interruption)*
*Christiane Saeul constate que si le prix porte sur toute la période, il est acceptable.*
*Elle recommande aux conseillers communaux de se rendre dans cette boutique. La dame est très agréable. Ses produits sont bons.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech mengen, do freet déi Firma, wat se wëll. Dat huet jo näischt mat eis ze dinn. Mir kréie jo e Prozentsaz dovunner. An déi Präisser wäerte jo och änneren, deemno wien et ass a wéi grouss de Volume ass. Dofir kann ee warscheinlech kee Präis draschreiwen. Dat ass meng Explikatioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wollt nach eng Kéier nofroen. D'Madamm Pregno huet elo gesot, et géife Problemer mat der Voirie. Ech kommen elo net méi no. Déi Schiermer sollte jo iwwerall op eise Sitten opgericht ginn. Op der Maartplaz, hei bei der LUNEX. Wou hu mer dann do Problemer mat der Voirie? Ech hunn dat elo net richteg verstanen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hu gesot vun der Permission de voirie. Net vun der Voirie selwer. Well et do Contrainte gëtt, wann d'Schëlter ze no um Stroosseraum sinn, well dat duerch d'Luucht Influenz op de Stroosseverkéier huet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Kënne mer zur Ofstëmmung kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat d'affichage sur le territoire de la Ville de Differdange avec Publi.lux SARL.*

Da si mer um Punkt 7c. Do geet et ëm e Contrat de bail, vun deem ech Iech schonn am leschte Conseil erzielt hat. Et ass eng Madamm, déi op 3, rue Parc Gerlache ee klenge Buttek lount vu 55 m². Et ass e Pop-up-Store, en heescht Volio Alice Tiberio an e leeft vum 14. November bis den 31. November. Gitt kucken, et sinn …

**ENG STËMM:**

31. Dezember

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Bis den 31. Dezember, pardon. Bis den 31. Dezember. An de Loyer ass op 600 Euro fixéiert. Wéi gesot, et ass e Pop-up-Store. Ech hoffen, dass en dréit an dass vill Leit dohinner kommen.

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir sot, ech hunn elo net opgepasst, de Loyer ass op 600 Euro de Mount?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Dat fannen ech relativ deier.

(Ënnerbriechung)

Et ass fir déi ganz Zäit? Jo, dat ass schonn an der Rei. Also ech kann nëmme recommandéieren, eng Kéier kucken ze goen. Déi Madamm ass ganz agreabel. Si huet ganz gutt Produiten. An ech fannen et och immens flott, fir dëst weiderzeféieren an d'Leit ze animéieren, an déi Geschäfter kucken ze goen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Mir maachen eist Bescht. Ech mengen, wa mer d'Hëllef vu jiddwerengem vun Iech kréien, dann hu mer méi Chance, dass et klappt.

Ech géif dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial de courte durée au n° 3 de la rue du Parc-Gerlache à Differdange avec Alice Tiberio pour l'enseigne commerciale Volio Alice Tiberio.*

Da si mer schonn um Punkt 7d. Do musse mer oppassen, do hu mer zwee Kontrakter. Dat eent ass en Haus op Nummer 1, rue de la Chapelle. Dat ass e Kontrakt, deen d'Gemeng mat SIKOR mécht. Dat sinn déi üblech Kontrakter, déi mer mat hinne maachen, wou d'AIS d'Haiser, d'Wunnengen herno weiderverlount.

Solle mer se zesummen ofstëmmen? Wëllt Der eenzel ofstëmmen? An dat anert ass e Kontrakt tëschent der Gemeng an enger Madamm op 1, rue Parc Gerlache. Dat ass dat Haus, wat mer kaf hunn, den Eck. Do ass eng kleng Wunneng fräi. Dee leeft un den 1. November 2020. Do ass de Loyer fixéiert op 480 Euro mat 100 Euro Chargen. Durée d'une année. An dat geet dann ëmmer erëm weider, tacitement reconduit.

Kënne mer déi zwee Kontrakter zesumme votéieren? Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Wa keng Wuertmeldung do ass, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un appartement au n° 1 de la rue du Parc-Gerlache à Differdange avec madame Sameerah Halani-Benyameen.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'une maison au n° 1 de la rue de la Chapelle à Differdange avec le SIKOR/AIS Kordall.*

Da si mer um Punkt 8, Règlements communaux de circulation. An ech géif dofir d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi ëmmer fannt Der am Dossier Drénglechkeetsreglementer, wat de Verkéier an eiser Stad ugeet. Dir fannt wéi ëmmer eng ganz Rei „normal" Verkéiersreglementer dran, wat d'Fassaden oder d'Bennen ugeet. Dir fannt och dran e Reglement wou d'Défibrillateure kontrolléiert gi sinn a Parkplaze blockéiert goufen.

Da vläicht zwee oder dräi Reglementer, déi ech wéilt ervirhiewen. Dat ass zum engen de Chantier am Käerjenger Wee, wou un de Brécke geschafft gëtt. Aarbechten an der Rue Pierre Gansen, wat fir vill Duercherneen zu Nidderkuer suergt. Mee et muss gemaach ginn.

En zweete Chantier huet ugefaangen an der Rue Belair an an der Rue Kondel. Am ënneschten Deel. E Reamenagement vum ganze Quartier. Dat wäert deemno an nächste Gemengeréit erëmkommen.

An en drëtte Chantier zu Uewerkuer, de Bock. Wat fir e bësse Chaos, soen ech emol, gesuergt huet. Mer hu mussen e Stéck Strooss spären, fir zwee Kiss-and-Go ze deplacéieren. Mir hunn de Choix gemaach d'Rue des Champs als Sakgaass funktionéieren ze loossen. Ech muss soen, dass ech e relativ gudde Retour hat. Mee vläicht ieren ech mech do. Ech krut awer e gudde Retour vun eisen Agenten, déi sur place waren, deen Dag, wou dat a Kraaft getrueden ass. D'Léierpersonal hat gutt Aarbecht geleescht, fir d'Elteren ze informéieren, déi hir Kanner an d'Schoul bruecht hunn.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *espère que ce magasin fonctionnera avec l'aide de tout le conseil communal.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à deux contrats.*
*Le premier concerne une maison au 1, rue de la Chapelle et est conclu avec le SIKOR. La maison sera gérée par l'AIS Kordall.*
*Le deuxième contrat porte sur une maison au 1, rue du Parc-Gerlache, que la commune a achetée. Un petit appartement est libre. La commune le loue à une dame à partir du 1er novembre 2020 pour 480 € et 100 € de charges.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch demande si les deux contrats peuvent être approuvés ensemble.*
*(Votes)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements communaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit des règlements de circulation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que ce sont des règlements d'urgence concernant par exemple des façades ou des bennes.*
*Un règlement porte sur le contrôle de défibrillateurs.*
*Trois règlements méritent une attention particulière. Dans la route de Käerjeng, des travaux sont effectués sur les ponts.*
*Des travaux dans la rue Pierre-Gansen à Niederkorn occasionnent pas mal de désordre. Mais ils doivent être effectués.*
*Un chantier a été ouvert dans la partie inférieure de la rue Belair et la rue Kondel. Tout le quartier va être réaménagé.*
*Le troisième chantier a lieu au Bock à Oberkorn. Une partie de la rue devra être bouclée afin de déplacer deux kiss & gos.*
*Le collège échevinal a décidé de transformer la rue des Champs en cul-de-sac. Laura Pregno a eu de bons retours, mais elle se trompe peut-être. En tout cas, les agents municipaux étaient sur place le jour de l'entrée en vigueur. Le personnel enseignant avait informé les parents qui emmenaient les enfants à l'école. Les parents ont bien accepté la situation.*

*Le personnel enseignant a perdu des places de stationnement. Ils cherchent des alternatives. Certains prennent le bus. D'autres vont travailler en trottinette.*
*Laura Pregno a lu quelque part qu'il faut 66 jours pour changer ses habitudes durablement. C'est pourquoi il faut encore patienter un peu.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle que les règlements d'urgence doivent sécuriser les chantiers dans l'espace public pendant un temps défini. Bien entendu, ces règlements ont un impact sur les habitants, le stationnement, la circulation, l'accès aux garages… Lorsqu'un chantier est annulé, les panneaux sont enlevés et le règlement de la circulation normal rentre en vigueur. Les règlements d'urgence sont limités dans le temps et la situation doit revenir à la normale aussi vite que possible.*
*Le règlement 1559/2020 concerne la rue des Champs, la rue de la Gare et Um Boettelchen. Les panneaux ont été installés. Les agents effectuent des contrôles. Mais il n'y a pas de chantier. Il s'agit d'une phase de test qui ne fait qu'apporter des difficultés aux habitants,*
*La même situation a lieu au Wangert. La commune a installé des panneaux d'interdiction de stationnement. Mais il n'y a pas de chantier. Guy Altmeisch a attiré l'attention sur ce problème. Les panneaux ont finalement été couverts et les amendes annulées.*
*Les bouchons au carrefour de la route de Pétange et de la route de Käerjeng ont empiré. Il faut prendre des mesures et adapter notamment les feux tricolores. Comme les bouchons atteignent parfois le rondpoint de Niederkorn, certains automobilistes passent par le Honsbësch et la rue du Verger occasionnant des risques pour les piétons et les élèves dans le quartier.*
*Les socialistes exigent un avis de la commission de la mobilité pour tous les règlements ainsi qu'une analyse des dangers. En attendant, ils ne peuvent pas approuver les règlements temporaires de circulation.*

Am Moment gesäit et am Quartier relativ gutt aus. D'Elteren hunn dat wierklech gutt akzeptéiert. D'Léierpersonal huet natierlech Parkplaze verluer. Et ass net anescht méiglech. Si maachen awer Efforten, fir no Alternativen ze sichen. Ech héiere mol vu lénks a vu riets, dass de Bus geholl gëtt, dass sech op den Aquasud gestallt gëtt a mat der Trottinette eropgefuer gëtt.

Si sinn deemno op der Sich no Alternativen. An ech hoffen, dass se dat weider duerchzéien. Ech hunn en Artikel gelies, et brauch ee 66 Deeg, fir seng Gewunnechten nohalteg ze änneren. Dofir wäert et nach e bëssen daueren, bis et wierklech ganz ëmgesat ass. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'Drénglechkeetsreglementer hunn als Zil, d'Chantieren am ëffentleche Verkéiersnetz sécher ze gestalten, fir eng begrenzten Zäit op genau definéierte Plazen.

Si reglementéieren d'Beschëlderung an all d'Moossnamen, déi zur Sécherheet bäidroen. Dës Reglementer bréngen natierlech Aschränkunge fir d'Awunner mat sech: Reduzéiere vun de Park- a Stationéierungsméiglechkeeten, Vollspärung vun der Strooss, Richtungsverkéier, Stroossen ouni Ausfaart, Späre vun der Zoufaart vun der Garage, keng Stroossebeliichtung.

Bei Annulatioun vum Chantier ass d'Reglement ausser Kraaft. D'Beschëlderung muss ewechgeholl ginn, an dat normaalt Verkéiersreglement ass erëm aktuell. All dës Moossname musse sou kuerz wéi méiglech gehale ginn, fir den Awunner hir Normalitéit a Sécherheet erëmzefannen. D'Reglement 1559/2020 gëllt an der Rue des Champs, Rue de la Gare an Um Boettelchen zu Uewerkuer. Schëlter sinn opgestallt ginn. D'Anhale gëtt oft vun den Agente kontrolléiert. Ech stelle fest, dass kee Chantier do ass. Also befanne mir eis an der Testphas, déi am Reglement steet. Ausser Aschränkungen a Misär fir d'Awunner bréngt dat näischt mat sech. Och steet am Text, dass d'Reglement wärend der Zäit vun den Aarbechte gëllt. Et ginn awer momentan keng Aarbechte gemaach.

Eng identesch Situatioun hate mir am Wangert. Eng etlech Parkverbuetsschëlter goufen opgestallt, oft kontrolléiert a sanktionéiert, ouni Berechtegung. Et war kee Chantier do. Zwee Stationéierungs- an Halteverbotsschëlter sinn opgestallt ginn ouni Reglement. No menger Interventioun sinn d'Schëlter onkenntlech gemaach respektiv ewechgeholl ginn an d'Papillone sinn annuléiert ginn. Esou Situatioune gehéieren op den Ordre du jour vun der Mobilitéitskommissioun.

D'Kräizung Péitenger Wee / Käerjenger Wee. D'Kontakter an der Strooss hunn de Problem net geléist. De Stau Richtung Nidderkuer-Zentrum ass gewuess. D'Biller, déi ech geschéckt kritt hunn a wat ech selwer op der Plaz festgestallt hunn, hunn der Realitéit entsprach. Et muss noajustéiert ginn. D'Stäerkt vum Verkéier muss berécksiichtegt ginn. Och muss d'Méiglechkeet gi sinn, dass d'Foussgänger d'Luucht manuell ausléisen. Et wier erwënscht, bei deenen Upassunge vun de Luuchten, dass ee Responsabele vun der Gemeng mat Ortskenntnisser derbäi wier.

Dann hu mer eng Situatioun, déi entstanen ass am Honsbësch, Rue du Verger zu Nidderkuer. Bedéngt duerch dee grousse Réckstau vum Rond-point zu Nidderkuer a Richtung Déifferdeng erop, deen oft bis bei de Parking Bei de Lanne geet, benotzen d'Automobilisten d'Strooss, déi duerch den Honsbësch geet, fir dann an d'Rue du Verger ze fueren an erëm zréck an d'Liberté ze kommen. Duerch dës Situatioun ass eng Gefor fir Foussgänger a Schoulkanner aus dem Quartier entstanen. Dës Situatioun kéint duerch Installatioun vu Ralentisseuren entschäerft ginn.

D'LSAP Déifferdeng fuerdert en Avis vun der Mobilitéitskommissioun fir all d'Reglementer an eng Analys vun de Geforesituatiounen. Bei esou villen Onreegelméissegkeete kënne mir leider dës

Drénglechkeetsreglementer net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hätt dat, wat ech elo ze soen hunn, och herno kënne bei de Froe stellen. Mee et passt och heihinner. Den Här Altmeisch hat viru genau fënnef Wochen, an der leschter Gemengerotssitzung, op d'Situatioun op der Woiwer Kräizung opmierksam gemaach.

Ech weess net richteg, wéi ech mäi Gemittszoustand soll beschreiwen, ob ech soen, ech si schockéiert, ech si genervt oder – ech weess et net, mee ech stelle fënnef Wochen drop fest, dass op der Kräizung näischt geschitt ass, fir d'Situatioun besser ze maachen. An och näischt geschitt ass, fir d'Situatioun konform zum Code de la Route ze maachen.

D'Stoppschëld op Héicht vun der Bäckerei, dat gouf zougepecht. Zéng Meter weider virdrun ass awer e Schëld, wat de Leit matdeelt: Opgepasst, d'Virfaartsstrooss ass gläich eriwwer. An dat suergt nu mol fir Konfusioun. Well d'Leit kennen hire Code de la Route. A si komme bei e Schëld, wat hinne seet, du hues gläich d'Virfaartsstrooss net méi, obschonns se se neierdéngs hunn.

Ech wëll just hei kloer betounen, dass ech prinzipiell d'Iddi, fir dat ze änneren, ganz gutt fannen. Mee d'Ëmsetzung, muss ech awer soen, ass méi wéi stümperhaft, einfach schlecht a suergt Dag fir Dag fir Konfusioun op där Kräizung, féiert zu geféierleche Situatiounen an zu Autofuerer, déi net méi wëssen: Hunn ech elo Virfaart? Hunn ech se net? Well d'Beschëlderung einfach net konform zum Code de la Route ass.

Den Här Altmeisch hat scho viru fënnef Wochen, an der leschter Gemengerotssitzung, drop higewisen. An ech muss soen, ech bedaueren et wierklech, dass do näischt ënnerholl gouf.

Den Här Altmeisch hat och drop higewisen, dass do e Schëld steet, Attention changement de priorité, wat immens kleng ass. Jo, dee Problem gouf geléist, well elo steet iwwerhaapt kee Schëld méi do.

Amplaz, dass e Schëld dohinner gestallt gi wär, wat e bësse méi grouss wär, wat d'Leit gewarnt hätt: Opgepasst, mir hunn d'Virfaart geännert, ass elo iwwerhaapt kee Schëld méi do.

Dat heescht, et kënnt ee bei déi Kräizung, et gesäit een d'Schëld: Ech hu keng Virfaartsstrooss méi. Et kënnt dann awer och kee Stoppschëld, well dat ass jo zougepecht. Dat heescht, et huet een, obwuel dat Schëld do steet, awer Virfaart. Mee wéi sollen d'Leit do eens ginn? Dat suergt Dag fir Dag fir Konfusioun. An dat op enger Kräizung, déi scho kompliz éiert ass, well een och als Foussgänger am Moment muss e risegen Tour maachen, well och um Trottoir geschafft gëtt. Wat jo heiansdo net ze evitéieren ass. Mee et muss een awer och bedenken, dass déi Kräizung de Schoulwee vu ganz ville Kanner ass.

An ech muss Iech éierlech soen, dass d'Situatioun, wéi se am Moment op der Kräizung ass, einfach eng Zoumuddung ass. Op d'mannst mat enger kloerer, koherenter Beschëlderung, déi dem Code de la Route géif entspriechen, kéint een awer do vläicht schonn e bëssen Ofhëllef schafen an d'Situatioun entschäerfen a fir manner Konfusioun suergen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Ech gesinn, et gëtt keng Wuertmeldung méi dozou. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 12 voix oui et 4 voix non d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Da komme mer zum Punkt 9. Do geet et ëm déi nei Statuten am Pro-Sud, Syndicat de communes pour la promotion du développement de la région sud. Et geet drëm, sech méi modern Statuten ze

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *rappelle que monsieur Altmeisch a parlé du carrefour du Woiwer il y a cinq semaines. Il se déclare choqué et énervé. En cinq semaines, rien n'a été fait pour soulager la situation et la rendre conforme au Code de la route.*

*Le stop à hauteur de la boulangerie a été couvert. Mais un autre panneau indique aux automobilistes que la rue prioritaire se termine, ce qui n'est plus vrai.*

*En principe, Pierre Hobscheit approuve la modification. Mais l'exécution laisse à désirer et occasionne de la confusion chaque jour. Les automobilistes ne savent plus s'ils ont la priorité ou pas.*

*Monsieur Altmeisch a attiré l'attention sur ce problème il y a cinq semaines. Pierre Hobscheit regrette que le collège échevinal ne soit pas intervenu. Avant il y avait un panneau « Changement de priorité » trop petit. Maintenant, il n'y a plus rien. Un panneau indique que l'automobiliste n'a pas la priorité. Mais le stop est couvert, car en fait, l'automobiliste a bel et bien la priorité. Bref, c'est la confusion totale, et ce, à un carrefour qui est déjà compliqué, y compris pour les piétons à cause des travaux sur le trottoir. En plus, le chemin est emprunté par les écoliers. La situation est tout simplement dangereuse.*

*Une signalisation cohérente et correspondant au Code de la route améliorerait les choses.*

*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux nouveaux statuts du syndicat Pro-Sud.*

*Il s'agit de les moderniser. Le Prosud propose un apport nécessaire ventilé par commune membre sur la base du nombre d'habitants. Le conseil communal approuve ce montant automatiquement lors du vote du budget.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch signale qu'il n'y a pas de changements au sein des commissions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que certains conseillers communaux ont des questions.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à monsieur Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que c'est monsieur Bertinelli qui a une question.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que la bourgmestre a dit que chaque retraité a reçu 50 € ou 15 €. Il n'est plus sûr.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli constate qu'il s'agit de 15 €. Mais la bourgmestre avait parlé de cinquante euros.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse. Il s'agit bien de 15 €.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *trouve que cinquante euros auraient été beaucoup.*
*Malheureusement, il a entendu dire que certains magasins ont refusé les bons parce que le travail administratif était trop complexe. La commune a visiblement raté le coche en distribuant des bons que les magasins n'acceptent pas. Fred Bertinelli précise que plusieurs personnes lui ont rapporté le problème. Il suppose pourtant que le city manager a pris la décision avec l'Association des commerçants. La commune aurait dû veiller à ce que les magasins acceptent les bons. Quand on lance une telle initiative, il faut s'assurer que les commerçants sont au courant.*

ginn. Si hu sech adaptéiert un aner Syndikater. Dat heescht, si maachen eng Propos vun Apport nécessaire. An dee Chiffer gëtt da proportional zu den Awunner op déi verschidde Membersgemenge ventiléiert, par rapport zu der Awunnerzuel vum lafende Joer. De Gemengerot stëmmt d'office jo souwisou dee Chiffer automatesch mat beim Budget. Ech gesinn, et gëtt keng Wuertmeldung dozou, da komme mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les nouveaux statuts du syndicat de communes pour la promotion et le développement de la région sud, en abrégé ProSud.*

Merci. Elo zum leschte Punkt, de Punkt 10, Changement vun de Kommissiounen. Ech hunn näischt erakritt. Soudass ech déi ëffentlech Sitzung …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Froen nach.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, jo, ee Moment. Soudass ech déi ëffentlech Sitzung ofschléissen, wat d'Punkten ubelaangt. An den Här Erny Muller – Dir musst mer eng kleng Chance ginn – huet jo am Ufank eng Fro gestallt. Déi géife mer dann elo huelen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hat gefrot, fir Froen ze stellen. Dat ass jo meng Fraktioun. Ech ginn déi da virun un déi Leit. An den Här Bertinelli géif ufänken.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Just eng Informatioun vläicht. Dir hutt virdru gesot, Madamm Buergermeeschtesch, ech war elo e bëssen duercherneen, vu 50 Euro, déi all Rentner kritt huet? Oder 15 Euro? Wat ass et?

**ENG STËMM:**

15 Euro.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

15 Euro. Dir hat zwar 50 gesot.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Pardon, eng 1 an eng 5. 15.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Okay. Dat zur Berichtegung, well et wier e bësse vill gewiescht.

Et ass mer zu Ouere komm – an dat géif mer awer leeddoen, duerfir wëll ech Iech drop opmierksam maachen –, datt ganz vill Leit mer gesot hunn, datt se an de Geschäfter d'Bongen net ofgeholl kritt hunn, well et einfach administrativ ze kompliziéiert wier, fir dat auszefëllen, alles un d'Gemeng ze schécken. A vill Geschäftsleit de Leit de Bong net ofgeholl hätten. Ech mengen, dann hätte mer de Sënn awer verfeelt, wa mer de Leit Bonge ginn an eis Geschäftsleit huele se net of. Dat wollt ech awer hei soen.

Well et ass net een, dee mer dat gesot huet, et sinn der méi, déi mer dat gesot hunn. Ech weess net, deen Accord, huelen ech jo un, datt dee mam Geschäftsverband zesumme geholl ginn ass. Ech weess net, wien do nach involvéiert ass, de City-Manager, ech weess et net. Mee wéi gesot, et ass mer vun e puer Leit gesot ginn. Bei enger Kéier ginn ech näischt drop, mee et hu véier oder fënnef Leit mer et gesot. Da sollt een awer Suerg droen, wann een esou eppes mécht, datt d'Leit dee Bong awer dann och erhalen.

Et ass jo esou, wéi mir et geduecht hunn als Gemeng, da soll et och esou

bei de Geschäftsleit ukommen. Ech huele jo un, datt dann all Mënsch, wann en dat un d'Gemeng schéckt, seng Sue kritt. Mee d'Leit hu mer och gesot, an de Mann selwer, dee mer et gesot huet, huet och gesot, et wär relativ komplizéiert, well een do ganz vill Informatioune vu sech och misst op deen Ziedel schreiwen, fir déi 15 Euro dann erëmzekréien.

Soudatt, wann een nach eng Kéier esou eppes mécht, een dat awer vläicht e bësse méi vereinfacht. Well kuckt emol, wéi vill Geschäftsleit et gëtt. Et wier jo schued, wann déi net géife matmaachen.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech Merci, Här Bertinelli, fir den Hiweis. Mir ginn deem natierlech no, well et jo am Sënn vu jiddwerengem ass. Merci.

Här Hobscheit, wannechgelift.

### PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro. An zwar wéilt ech emol wësse vum Schäfferot, wat d'Praxis ass, respektiv wien decidéiert, wat mir op eiser Facebooksäit vun der Gemeng poste respektiv publizéieren. Ech explizéiere mech: Virun e puer Wochen, ech mengen, et war den 2. November, do hat eis Gemeng e Post gedeelt vu Fairtrade, wou et ëm de Kaf vu Maske gaangen ass.

Prinzipiell hunn ech absolutt kee Problem dermat, dass mir Fairtrade ënnerstëtzen. Ech hunn et awer e bësse speziell fonnt, wéi ech op dee Link geklickt hunn, dee mer do geschéckt kruten, dass ech do kéint Masken an Onlineshoppe bestellen, déi kee Lien mat Lëtzebuerg hunn. Respektiv, dass ech do Maske sollt bestelle bei Händler, déi an der Stad sëtzen. An ech mengen, deen anere war zu Siren.

Ech hunn, an Zäiten, wou mer vill driwwer schwätzen, eise lokale Commerce ze ënnerstëtzen, an et bestëmmt jo och Leit gëtt oder Geschäfter, déi hei zu Déifferdeng Maske produzéieren oder ubidden, net esou ganz de Sënn doranner verstanen, firwat d'Gemeng mer seet, ech soll Masken an iergendwellechen Onlineshoppe bestellen oder ech soll meng Mask an d'Stad kafe goen. Fir et besser ze verstoen, wollt ech wëssen, no wéi enge Krittäre mer esou Saachen op eiser Facebooksäit vun der Gemeng publizéieren. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Publizéieren deet jo de Service Media eis Facebooksäit. Well ech selwer jo net op Facebook sinn, kann ech mer et just erklären, dass mer eng Fairtrade-Gemeng sinn a wann dat da Fairtrade-Produite sinn, dass se d'Leit drop hiweisen, dass se déi do solle kafe goen. Dass mir elo net all Fairtrade-Produit hei an der Gemeng hunn, dat schéngt mer evident. Dat ass elo meng Erklärung zu deem Hiweis.

A mir hu jo awer Spideeler hei am Land, zum Beispill eent zu Lëtzebuerg, ouni eent wëllen ze nennen, déi selwer Maske maachen. Dat ass da lokal akafen. Dat ka fir mech just d'Erklärung sinn, firwat den Hiweis op dee Link do ass, well mer eng Fairtrade-Gemeng sinn.

Här Diderich, wannechgelift.

### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn e puer Froen. Dat eent ass, ech hunn héieren, dass beim Terrain vis-à-vis vun der Garage Collé, wou jo weider ausgebaut ginn ass, en Deel vum Terrain gebaut gi wär mat Parkplazen, deen am Fong guer net dozou gehéiert. Deen am Fong der Gemeng gehéiert. Ech wollt froen, ob dat esou ass. An do wär eng Enquête gemaach ginn. Ech wollt froen, wou déi Enquête drun ass a wéi dat entstanen ass a wat mer aus där Situatioun schlussfolgeren. Wou anscheinend x Parkplaze gebaut gi sinn.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech géif d'Wuert der Madamm Pregno ginn.

*Fred Bertinelli suppose que la commune rembourse les commerçants. Mais apparemment, la procédure est trop complexe pour 15 € à peine. La prochaine fois, la commune ferait bien de simplifier la procédure.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *est d'accord avec monsieur Bertinelli.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *voudrait savoir qui décide ce qui est publié sur la page Facebook de la commune. Le 2 novembre, la Ville de Differdange a partagé un post concernant l'achat de masques Fairtrade. Pierre Hobscheit a trouvé cela intéressant, mais s'est étonné que les liens menaient vers des commerçants à Syren et Luxembourg-ville. Alors que la commune essaie de soutenir le commerce local, il ne comprend pas pourquoi les gens devraient commander les masques sur un site en ligne.*
*D'après quels critères les informations sont-elles publiées sur Facebook ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le service média publie les informations sur Facebook. Elle-même n'a pas de compte Facebook, mais elle suppose qu'il s'agissait de soutenir le commerce équitable, Differdange étant une commune Fairtrade. Il est évident qu'on ne peut pas acheter tous les produits issus du commerce équitable à Differdange. Christiane Brassel-Rausch suppose que c'est la raison pour laquelle cette information a été publiée.*
*Elle rappelle par ailleurs que plusieurs hôpitaux du Luxembourg produisent leurs propres masques. C'est aussi du commerce local.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a entendu dire que des places de stationnement ont été aménagées sur un terrain vis-à-vis du garage Collé. Or ce terrain appartient à la commune. Qu'en est-il ? Une enquête a-t-elle été réalisée ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *confirme que la commune s'est rendue sur place pour effectuer des vérifications.*
*Le collège échevinal a longuement discuté de cette situation, mais n'a pas encore pris de décision.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait que le conseil communal soit tenu informé de l'évolution de la situation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *acquiesce.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a une question concernant le projet Heliosmart dans la rue Pierre-Gansen et la rue des Celtes. Le PAP a été adapté deux fois, mais les travaux n'ont toujours pas commencé.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *en a discuté avec le promoteur en mars. Depuis, elle n'a rien entendu.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se demande si le service du logement ne pourrait pas s'informer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *acquiesce.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a une dernière question le ramenant en arrière d'un an. Il a lu dans un rapport que le SIKOR verse une aide au loyer de 29 000 € à deux ASBL depuis 2012. Or une des maisons concernées appartient à l'ancien bourgmestre et président du SIKOR.*
*À combien le loyer se monte-t-il ? Quelle partie est payée par le SIKOR ? Qui sont les propriétaires ? Qui a pris les décisions ? Gary Diderich suppose qu'il s'agit du SIKOR. Avec quelles recettes le SIKOR a-t-il couvert les frais ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de répondre à ces questions le 9 décembre.*
*Elle clôture la séance publique. Monsieur Hartung peut assister à la séance à huis clos, mais ne pourra pas prendre part aux votes.*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich, fir déi pertinent Fro. Jo, dat ass de Fall. Jo, mir kruten dat bericht. Jo, mir waren eis dat ukucken. An, jo, mir hunn am Schäfferot en long et en large doriwwer debattéiert, wéi mer mat deem Problem sollen ëmgoen. A mir waren eis net eens, a mir hunn do nach keen Entschloss geholl, wéi mer mat deem Problem ëmgoe sollen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Kënne mir dann als Gemengerot forméiert ginn, wann et do eng Suite gëtt?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Natierlech. Gären.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi aner Fro dréit ëm den Heliosmart-Projet Rue Pierre Gansen, Rue des Celtes. Gëtt et do Nouvellen? Well mir hunn dee jo schonn zweemol hei gestëmmt, de PAP hu mer schonn zweemol adaptéiert. An et ass nach näischt geschitt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat eenzegt, wat ech Iech ka soen, dass ech mam Här geschwat hat am Mäerz. An duerno hunn ech näischt méi héieren.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Kann eise Service Logement vläicht eng Kéier nohaken?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat ass kee Problem.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dann eng lescht Fro. Dat ass erëm méi eppes Kritesches, wou ech mech e bëssen ee Joer no hannen zréckversat fillen.

Aus engem Rapport vum SIKOR hunn ech d'Informatiounen entholl, dass de SIKOR zënter 2012 29.000 Euro Loyersbäihëllefen un zwou sozial ASBLen ausbezilt. Vu dass eng dovunner an engem Haus lount, dat dem virege Buergermeeschter a President vum SIKOR gehéiert, stelle sech fir mech e puer Froen: Wéi vill ass de Loyer, dee vu wéi engem Lokal do bezuelt ginn ass iwwert déi lescht Joren? Wat ass den Undeel, deen de SIKOR dozou bäigedroen huet? Wie sinn déi jeeweileg Proprietären? Bei engem weess ech et. A wien huet un deene jeeweilegen Decisiounen deelgeholl? Dat ass natierlech de SIKOR. Dat heescht, do muss een dann zréckgoen an dat beim SIKOR nokucken. Wann dat elo net alles direkt ka beäntwert ginn, ass dat kee Problem. An dann och de SIKOR: Mat wéi enge Recetten huet en déi Depensë couvréiert? Also op wéi enger Basis sinn déi Saache finanzéiert ginn?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Ech denken, déi Äntwerten do kritt Der den 9. Dezember.

Gary Diderich (déi Lénk):

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géif ech d'Séance publique elo ganz offiziell ofschléissen a mir ginn an d'Séance non-publique. Här Hartung, Dir dierft dru bleiwen, mee Dir dierft net matofstëmmen. An eisem Techniker hei hanneru mer soen ech villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung.

# Muer kënnt d'Poubelle!

Eis gratis Diff-App denkt un Är Poubellen! Ënnert der Rubrik „Déchets“ kënnt Dir Är Strooss aginn, a mir soen Iech Bescheed, wéini Dir Är Poubelle eraussetze sollt.




Ville de
Differdange

# Click and send!

On our website www.differdange.lu, you can easily carry out many administrative procedures online.




Ville de Differdange